



- * la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes;
- * la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines;
- * la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale;
- de la loi du 30 juillet 1983 portant création d'une taxe sur le loto;
- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
- du Code pénal;
- de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale;
- de la loi du 27 août 1997 portant approbation du Protocole additionnel à la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale, signé à Strasbourg, le 17 mars 1978;
- de la loi du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable;
- de la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;
- de la loi modifiée du 13 brumaire an VII organique du timbre;
- de la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession;
- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'Administration de l'enregistrement et des domaines;
- de la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.;

- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;
- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre;
- de l'ordonnance royale grand-ducale du 23 septembre 1841 sur le timbre, l'enregistrement et les droits de succession;
- de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;
- de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;
- de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth (interventions de Mme Viviane Loschetter, M. le Ministre Pierre Gramegna, M. Roy Reding, M. Alex Bodry, M. Eugène Berger, M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Gast Gibéryen et M. le Ministre Etienne Schneider) (dépôt de trois amendements et de deux motions), M. Eugène Berger (interventions de M. Gilles Roth et M. Claude Wiseler), M. Claude Wiseler (intervention de M. Eugène Berger), M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler, M. Gilles Roth et M. Gast Gibéryen)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Nicolas Schmit, M. Félix Braz, M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 09.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Gudde Moien! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Dat ass am Moment net de Fall. Da gi mer direkt zu eisem Hauptpunkt vum Ordre du jour, d'Steierreform, de Projet de loi 7020. Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Modell 3 festgeluecht ginn ass. An d'Rapportesch, d'Madamm Joëlle Elvinger, ass prett, fir de Rapport vun der Kommissioun ze maachen. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

2. 7020 - Projet de loi portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 et portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial;

- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;

- de la loi d'adaptation fiscale modifiée du 16 octobre 1934 («Steueranpassungsgesetz»);

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);

- de la loi rectificative du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015;

- de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

- de la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines, de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

* la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

* la loi générale des impôts («Abgabenordnung»);

* la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes;

* la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines;

* la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale;

- de la loi du 30 juillet 1983 portant création d'une taxe sur le loto;

- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale;

- de la loi du 27 août 1997 portant approbation du Protocole additionnel à la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale, signé à Strasbourg, le 17 mars 1978;

- de la loi du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable;

- de la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;

- de la loi modifiée du 13 brumaire an VII organique du timbre;

- de la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession;

- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'Administration de l'enregistrement et des domaines;

- de la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.;

- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;

- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre;

- de l'ordonnance royale grand-ducale du 23 septembre 1841 sur le timbre, l'enregistrement et les droits de succession;

- de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;

- de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;

- de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapporteuse.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen haut e Projet de loi, dee virun allem eppes mat sech bréngt: méi Steierge-rechtegkeet.

(Hilarité)

Dat ass d'Zil, wat sech all Steuerreform muss setzen. An dat Zil hu mir mat dësem Projet er-reecht. D'Steierreform bréngt ab deem nächste Joer méi Gerechtegkeet fir déi vill Stéit mat klengem a mëttlerem Akommes, well besonnesch si gi vum 1. Januar un daitlech entlaascht. Et gëtt méi Gerechtegkeet fir d'Eleng-erzeyer mat klengem Akommes geschaaft, déi vum nächste Joer un déi zwee Enner besser um Schluss vum Mount beieneekréien. Et ass awer och eng cibléiert Steuerreform, déi d'Leit an deene Liewenssituatiounen ënnerstëtzt, wou si et am meeschte brauchen, wéi zum Beispill beim Kaf vum éischten Eegenheim.

D'Steierreform 2017 moderniséiert awer och eise Steiersystem an dréit de gesellschaftleche Realitéite vun haut Rechnung, sief et duerch d'Méiglechkeet vun enger individueller Besteuerung an der bestueter Koppel oder der Aféierung vu sozial selektive Kritären, déi eng cibléiert Approche erlaben.

Här President, d'Steierreform, déi mir haut stëmme wäerten, huet eng gewësse Virlafszäit an Usproch geholl; och fir kënnen e breeden Débat ze féieren. Enn Februar huet d'Regierung hiren éischte Projet vun der Steuerreform virgestallt. Och wann d'Reaktiounen op déi éischt ugekënnegt Mesurë gréisstendeels positiv waren, esou war et der Regierung wichteg, d'Sozialpartner mat anzebannen an hir konstruktiv Iddie mat op de Wee ze huelen. Opgrond vun deene Gespréicher goufen dunn am Fréijoer zousätzlech Mesurë virgestallt, déi elo mat an dës Steuerreform afléissen.

Och huet d'Steierverwaltung zesumme mam Finanzministère eng ganz Rei Informationsversammlungen zu der Steuerreform organiséiert. Ennert der Initiativ „Steierreform konkret“ konnt ee sech am September queesch duerch d'Land, tête-à-tête mam Finanzminister an den Experte vun der Steierverwaltung, iwwert déi ënnerschiddlech Mesuren ënnerhalen a sech se a Rou erkläre loosse.

D'Rechemaschinn op der Internetsäit vun der Steuerreform war e weideren Outil, deem d'Leit konnten notzen, fir sech ausrechnen ze loosse, wat d'Adaptatioun vum Barème an d'Upassung vun de Steierkreditter fir si an Zukunft konkret bedeuten. Et ass sech opsäit vum Ministère vill Méi gemaach ginn, fir de Leit dës Steuerreform ze erklären an hinne se op eng einfach an transparent Aart a Weis méi no ze bréngen.

Här President, d'Finanzéierung vun dëser Steuerreform ass nohalteg. Duerch déi virsiichteg Budgetpolitik vun dëser Regierung gouf sech den néidege Sputt geschaaft, fir esou eng

ëmfaassend Steuerreform ëmzesetzen. Sécherlech dréit och déi gutt Konjunktur hiren Deel dozou bäi. D'Regierung rechent 2017 mat Erlichterunge vun 373 Milliounen Euro an déi Joren duerno mat Steiererlichterunge vu ronn 520 Milliounen Euro. Dat si Suen, déi erëm kënnen investéiert ginn an esou positiv Retombeëen op eis Economie hunn. Laut dem Statec wäert eleng duerch d'Steierreform eise PIB näamlech ëm 0,2% wuessen. A wat der Konjunktur zeguttkënn, kënn och eise Statsfinanzen zegutt!

Dass mir eis déi Steuerreform leeschte kënnen, seet awer net nëmmen d'Regierung. Och den FMI an d'Kommissioun hu keng budgetär Bedenke bei der Ëmsetzung vun dëser Steuerreform.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Regierung huet de Privatstéit bei dëser Reform eng Prioritéit ginn. Duerfir wëll ech als Éischt op d'Mesurë fir d'Leit ze schwätze kommen.

Eng vun den Haaptmesurë vun dëser Steuerreform ass déi nei Staffellung vun der Steiertabell. Et besteet am aktuelle Steiersystem eng Onge-rechtegkeet, well d'Mëttelschicht besonnesch staark belascht ginn, dëst och, well ee scho ganz fréi um quasi héchste Steiersaz besteiert gëtt. An dat ass net gerecht! An Zukunft gëtt duerfir d'Steiertabell gestreckt, soudass d'Progressivitéit vum Barème manner séier zum Droe kënn. Dëst erlaabt et, de Mëttelstandsböckel ofzeflaachen a soumat déi breet Bevëlkerung ze entlaaschten an hir méi Kafkraaft ze ginn.

Wéi dréckt sech dat Ganzt also konkret an der Steierklass 1 aus?

An Zukunft besteet d'Steiertabell aus 23 Tranchen. Déi éischt Tranche, déi net besteiert gëtt, geet weiderhi bis zu engem Revenu vun 11.265 Euro. Duerno bestinn d'Tranchen aus Échelone vun 1.872 Euro an d'Prozentsätz klammen ëm jeeweils 1% vun 8% op 12%, an dëst bis zu engem Revenu vun 20.625 Euro. Ab da ginn d'Tranchë méi breet an den Taux d'imposition klëmmt dann ëm 2 Prozentpunkte bis zu engem Revenu vu 45.897 Euro, deen zu 38% besteiert gëtt. D'Revenue bis 100.000 Euro ginn duerno zu 39% besteiert an d'Revenue bis 150.000 Euro zu 40%. Dëst, wéi gesot, alles an der Steierklass 1.

Fir déi mat de ganz breede Schëllere kommen an Zukunft awer och nach zwee nei Spëtze-steiersätz derbäi. Och dat ass solidaresch a gerecht. D'Revenuen ab 150.000 Euro ginn duerfir an Zukunft zu 41% besteiert an d'Revenuen ab 200.004 Euro, dat sinn ëmmerhi 16.600 Euro de Mount, zu 42%.

Déiselwecht lwwerleung fënnt een an der Steierklass 1A erëm, also bei de Leit iwwer 65 Joer, Wittleit a Monoparentallen. Och hei gëtt d'Progressivitéit vum Barème gebremst, d'Mëttelschichten entlaascht an déi breet Schëlleren droe méi wéi déi schmuel.

Ouni nach eng Kéier an den Detail ze goen, kann een awer vläicht soen, dass den Taux vu 40%, deen haut scho bei ronn 40.000 Euro



gräift, an Zukunft eréischt vun 100.000 Euro un applizéiert gëtt. De Barème vun der Steuer-klass 1A gëtt also och dättelech gestreckt.

Derbäi kommen d'Steierkreditte, déi no sozial selektive Kritären eropgesat ginn. Duerch d'so-zial Selektivitéit stäipt ee ganz geziilt déi kleng Revenuen. Dës sozial selektiv Approche ass iwwerengs en Novum an der Steuerpolitik. Dëst betrëfft souwuel den CIS, also de Crédit d'im-pôt pour salariés, wéi och den CIP fir d'Pensio-néiert an den CII fir déi Fräischaffend. Dës Steuerkreditte ginn allen dräi vun haut 300 Euro verdeubelt op 600 Euro fir Akommen tëschent 11.265 Euro a 40.000 Euro a ginn dann erëm lues a lues erof, bis een ab engem Revenu vun 80.000 Euro kee Steuerkredit méi zegutt huet. Domat ginn also geziilt déi Leit entlaascht, déi et am meeschte brauchen.

Mat deem neie Barème gëtt och den Impôt d'équilibre budgétaire temporaire vun 0,5% ab dem 1. Januar 2017 ofgeschaaft.

Här President, erlaabt mir, mat e puer konkrete Beispiller ze weisen, wat eleng dës Mesuren, also d'Ofschafe vum Impôt d'équilibre bud-gétaire temporaire, d'Upassung vun de Crédits d'impôt an den neie Barème fir d'Stéit ab dem nächste Joer bedeuten.

Een, deem de Mindestloun huet an der Steuer-klass 1, bezitt an Zukunft 63% männer Steieren an ee mam qualifizéierte Mindestloun 42% männer.

Oder huele mer eng Kéier d'Beispill vun enger jonker Famill mat engem Kand. D'Mamm oder de Papp verdéngt 2.300 Euro brutto an deen aneren 1.200 Euro. Dës kleng Famill huet eleng duerch déi genannte Mesuren an Zukunft 653 Euro méi an der Täsche.

Oder huele mer d'Beispill vun engem Jonken an der Steuerklasse 1, engem Jonggesell also ouni Kanner, deen 2.900 Euro verdéngt. Dee spuert an Zukunft 29% Steieren an huet 877 Euro méi an der Täsche.

No Récksprouch mat de Sozialpartner gëtt och d'Valeur faciale vun de Chèques-repas d'nächst Joer vun 8.40 Euro op 10,80 Euro erhéicht, eng Augmentatioun vu bal 30% also. Dëst ass eng Mesure, déi de ronn 60.000 Bénéficiairen zeguttkënnt an hir Kafkraaft stärkt. Si kënn awer och der lokaler Ekonomie zegutt, well déi Suen erëm direkt an de Wirtschaftskreeslaf vum Horeca-Secteur fléissen.

Här President, besonnesch d'Monoparentallen hunn heiansdo Schwierigkeeten, déi béid En-ner um Enn vum Mount beieneenzekréien. Vun deene 6.700 Ménages monoparentaux hei zu Lëtzebuerg hunn, dem Stater no, ongeféier 45% ee Revenu ënnert der Aarmutsgrenz. Fir deem entgéintzewierken, gëtt den CIM, also de Crédit d'impôt pour monoparentaux, fir Revenuen tëschent 0 a 35.000 Euro vu 750 op 1.500 Euro verdeubelt. Duerno geet dës Steuerkreditte erëm lues a lues erof, bis en ab engem Revenu vun 105.000 Euro op sengem aktuelle Montant vu 750 Euro stagnéiert.

Nieft dem neien CIM, deenen anere Steuerkreditte an dem neie Barème gëtt awer och ab 2017 d'Weeserent net méi besteiert. Dëst, well et eng besonnesch tragesch Situatioun ass, wann de Partner stierft an een da muss kucken als Elengerzéier an enger scho ganz schwie-ger Situatioun iwwert d'Ronnen ze kommen.

Och de Fräibetrug vun der Rente alimentaire, bis deen den CIM net erofgeet, gëtt vun 1.920 Euro op 2.208 Euro d'Joer erhéicht. Den Abat-tement pour charges extraordinaires fir den En-nerhalt vu Kanner, déi net am Stot wunnen, geet vun 3.480 Euro op 4.020 Euro d'Joer erop. Dëst ass besonnesch oft bei gescheete Koppelen a bei Patchworkfamilljen de Fall.

Ech huelen dann nach eng Kéier e konkret Bei-spill, fir ze weisen, wat d'Verbesserungen hei ausmaachen. Dës Kéier vun enger elenger-zéierder Mamm oder engem elengerzéierende Papp mam Mindestloun a mat engem Kand. Dës kleng Famill huet an Zukunft ganzer 1.050 Euro d'Joer méi an der Täsche.

Här President, ech kommen zu weidere steier-lechen Upassungen, déi de Realitéit vun eiser Gesellschaft Rechnung droen. Eng weider Me-sure, déi Famillje steierlech ënnerstëtzt, ass d'Erhéijung vum Abatement forfaitaire fir d'Fraise vum Stot, der Fleg oder der Betreijung. Och dësen Abatement geet vun 3.600 Euro op 5.400 Euro erop an ass esou ëmsou méi wich-teg an enger Zäit, an där ëmmer méi Leit op Hëllef vu baussen ugewies sinn, sief dat, fir Fa-milljememberen ze fleegen, fir op d'Kanner opzepassen oder hiert Haus an der Rei ze halen.

Ech hunn uganks vun enger Moderniséierung vum Steiersystem geschwat. Dëst geschitt net

nëmmen duerch d'Afféiere vu sozial selektive Kritären, ma eben och duerch d'Afféiere vun enger optionaler Individualisatioun. Wouërms geet et? Genaouso wéi gepacste Koppele sollen an Zukunft och bestuete Leit de Choix kréien, ob si léiwer wëllen zesummen an der Steuer-klass 2 oder léiwer wëllen individuell besteiert ginn. Si kënnen also selwer wielen, wéi ee Re-gimm si wëllen applizéieren a ginn net méi automatesch zesumme besteiert.

Och wann d'Steierlaascht in fine déiselwecht ass, passt dat awer zu engem moderne Steier-system, an deem jiddweree seng eege Rechter opbaue kann. Et bréngt zudeem zousätzlech Flexibilitéit a passt zu enger zäitgeméisser Fa-milljepolitik, an där dat traditionellt Familljebild net méi déi eenzeg Form vum Zesummeliewen ass.

Och wëllt d'Regierung de Leit hëllefen, sech fir den Alter zousätzlech ofzesécheren an esou fréi wéi méiglech eppes op d'Säit ze leeën. Duerfir gëtt den Abatement fir d'Altersvirsuerg fir jidd-wereen op 3.200 Euro erhéicht an dëst onof-hängeg vum Alter. Och de Remboursement gëtt an deem Kontext méi flexibel. Méi flexibel gëtt och den Abatement vun de kleng Kredit-te, also de Crédits à la consommation, deen an Zukunft mam Abatement fir d'Responsabi-lité civile an d'Assurance vie zesummegeschloe gëtt. Den neie Plaffong vu 672 Euro kann een also méi flexibel, no sengen eegene Besoinen ausnotzen.

Här President, ech kommen zu enger anerer Prioritéit vun dëser Regierung, an zwar d'Offer vu bezuelbarem Wunne méi grouss ze maachen. Nieft der Dynamiséierung um Niveau vun der Offer, gi mat dëser Steuerreform zou-sätzlech Mesurë geholl, déi de Leit ënnert d'Aerm gräifen, fir sech en eegent Doheem ze leeschten. Engersäits gëtt d'Valeur locative of-geschaaft, ma virun allem ginn d'Ofschrei-fméiglechkeete fir ee Bauspuervertrag fir Jonker bis 40 Joer op 1.344 Euro verdeubelt. Dëst hël-left besonnesch deene jonke Stéit, déi an der Rushhour vum Liewen ukomm sinn, wou villes beieneekënnt. Och ginn d'Seuile fir den Abat-tement op de Schuldzense fir déi eege Wun-neng eropgesat.

An deem Kontext kann ee vläicht och nach eng Kéier un d'Subvention loyer erënneren, déi säit ufanks des Joers a Kraaft ass an deene Leit ën-ner d'Aerm gräift, déi Schwierigkeeten hunn, hire Loyer ze bezuelen. Fir d'Offer um soziale Wunnengsmaat weider ze dynamiséieren, ginn iwwerengs och d'Revenue vun de Wun-nengen, déi Organisme wéi d'Agence immobi-lière sociale zur Verfügung gestallt ginn, nëm-men zu 50% besteiert. Dat wäert viraussicht-lech d'Offer u Sozialwunnenge fir eng Loca-tioun erhéijen.

Eng weider wichteg Mesure op der Säit vun der Offer ass, dass d'Plus-value op Ventë vun Immobilie vu Privatstéit, déi tëschent dem 1. Juli 2016 an dem 31. Dezember 2017 gemaach ginn, just zum Véierelstaux besteiert ginn. Dës Mesure war schonn aus verständleche Grënn op den 1. Juli dëst Joer virgezu ginn.

Alles dëst si konkret Mesuren, déi d'Offer wäer-ten erhéijen, an dat ouni de Spekulant an d'Kaarten ze spillen.

Här President, eng weider Prioritéit vun der Re-gierung ass den nohaltegen Transport. Nieft der Verbesserung vum ëffentlechen Transport an héijen Investissementer an deem Beräich, gëtt och hei erëm duerch geziilt a selektiv Abattementer de Kaf vu sougenannten „prop-peren“ Autoe gefërdert. Et ass een Abatement vu 5.000 Euro virgesi fir de Kaf vun Elektro- a Waasserstoffautoen an een Abatement vun 300 Euro fir de Kaf vu Véloen oder Pédélecen.

Gläichermooes soll och de Fuerpark vun de Leasingsautoe méi propper ginn. Och hei gëllt: Wat méi propper, wat besser. Autoen, déi man-ner CO₂ ausstoussen, ginn deemno männer besteiert wéi Autoen, déi schwartz dämpfen.

Ier ech bei den zweete Volet iwwert d'Entre-prisé kommen, wëilt ech awer och betounen, dass dës Steuerreform och am Zeeche vun der Gläichstellung tëschent der Besteuerung vu Ré-sidenten an de Frontaliere steet.

D'nächst Joer kréien d'Frontalieren duerfir Zäit, fir hir Donnéeën ze iwwermëttelen, déi d'Steierverwaltung dann traitéiert, fir en effek-tiven Taux ze definéieren. Dësen Taux gräift dann ab 2018. Dëst ass wéi gesot am Sënn vun Transparenz a Gerechtegkeet tëschent Résiden-ten a Frontalieren.

Här President, ech géif da bei den zweete Volet kommen, dee ganz am Zeeche vun enger bes-serer Kompetitivitéit vun eisen Entreprisë steet. Si sinn de Motor vun eiser Croissance, schafen Aarbechtsplazen an droen eng grouss Verant-wortung an eiser Gesellschaft. Bei de Mesuren, déi d'Betriben betreffen, steet natierlech d'Baisse vun der Kierperschaftssteier am Vier-dergrond, déi 2017 op 19% an 2018 op 18% erofgeet. Dëst ass en noutwendege Schrëtt, fir

weider an engem haart ëmkämpften interna-tionalen Ëmfeld kompetitiv an attraktiv ze bleiwen. Grad bei der Kierperschaftssteier gëllt et méi wéi jee, déi international Konkurrenz am A ze behalen an den Entwécklungen op OECD-Niveau Rechnung ze droen; Stéchwuert: BEPS.

Dëst muss allerdéngs geschéien, ouni Dumping ze bedreiwen. Ech mengen, de Finanzminister huet et op de Punkt bruecht, wéi hien emol an deem Kontext sot, „esou vill Entlaaschtung wéi néideg, awer net méi wéi méiglech“. Fir zousätzlech Start-uppen op Lëtzebuerg ze la-ckeln an den Entrepreneursgeescht ze fërde-ren, ginn déi kleng Betriben bis zu engem Re-venu imposable vu 25.000 Euro nëmmen zu 15% besteiert. Och hei gesäit een eng selektiv Approche.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Investitiounen vun haut sinn d'Aarbechtsplaze vu muer. D'Betriben ginn duerfir zousätzlech encouragéiert, fir an d'Zukunft ze investéieren an domat innovativ ze bleiwen. D'Tauxe vun der Bonification d'impôt ginn duerfir ëm 1 Pro-zentpunkt eropgesat, also vun 12% op 13% fir Investissement complémentaire a vu 7% op 8% fir Investissement global.

Och eis Bauerebetriben solle weider innovativ bleiwen an zu neien Investissementer encoura-géiert ginn. Bei hinne gëtt dowéinst den Abat-tement méi attraktiv, andeems d'Tranche, déi een zu 30% kann ofsetzen, vun 150.000 Euro op 250.000 Euro erhéicht gëtt.

E wichtige Pilier vun eiser Wirtschaft sinn déi Kleng- a Mëttelbetriben, déi net nëmme vill Leit bei sech beschäftegen, mä och gréisstendeels ganz enk mat deem lokale Liewen an eise-m Land verbonne sinn. Fir d'Weiderliewe vun dëse Betriben ze sécheren, gesäit d'Regierung eng konkret Mesure vir. Dëst ass ëmsou méi noutwendeg, wann ee weess, dass an deenen nächsten zéng Joer eleng 1.500 Handwerksbe-triber een Nofolger sichen. Et gëtt duerfir virge-schloen, dass an deem Moment, wou e Betrib un déi nächst Generatioun iwwergeet, keng Besteuerung vun der Plus-value op den Immo-bilie méi direkt ufällt. Dëst mécht d'Transmission d'entreprise wesentlech méi einfach an dréit dozou bäi, dass vill mëttelstännesch Betriben vun haut op muer hir Dieren net müssen zou-maachen.

An Zukunft ginn och déi reportabel Pertë vun de Betriben, déi no 2017 entstinn, op 17 Joer li-mitéiert an d'Betriben kréien d'Méiglechkeet, hir Amortissementer ze differéieren. Bei de sou-genannte SOPARFle geet den Impôt minimum sur la fortune vun 3.210 Euro op 4.815 Euro erop.

Här President, ech géif dann zum leschte groussen Deel vu menger Ried kommen, an zwar de Mesurë géint de Steuerbedruch. Ge-rechtegkeet am Steiersystem heescht net nëmme Steiere gerecht opdeelen, ma och der-fir suergen, dass se iwwerhaupt bezuelt ginn! Am Kader vun der Steuerreform gëtt duerfir och eisen Droit pénal moderniséiert, fir dem Be-druch entgéintzewierken. Et gëtt an deem Kontext ënner anerem eng Fraude fiscale ag-gravée agefouert, déi besonnesch schwéier Fäll vu Bedruch soll bestrofen. Zudeem gëtt och de Recommandatioun vum GAFI Rechnung ge-droen an d'Infractions vun der Fraude fiscale aggravée an der Escroquerie fiscale an Zukunft als sougenannten Infractions primaires vum Blanchiment considéiert. Dëst ass iwwerengs och konform zur véierter Direktiv Antiblanchi-ment.

Och ginn d'Amenden, déi d'Steierverwaltung kann ausschwätzen, no uewen ugepasst, an den Échange tëschent de Verwaltungen gëtt ge-fërdert. Kuerz gesot: Et dierf sech net lounen, Schmu ze driewen! An deem Kontext ass et och ze verstoen, dass och d'Fräiberufler müssen an Zukunft detailléiert Konten opstel-len. Dëst wäert fir weider Transparenz tëschent deene verschiddenen Akteure suergen.

D'Regierung ass awer och op de Wee gaangen, fir d'Dirigeanten, d'Ayants droit, d'Curateuren an d'Liquidateuren zousätzlech ze responsabili-séieren. Am Projet de loi war duerfir uganks eng Responsabilité personnelle et solidaire virgesinn am Fall, wou d'TVA net korrekt be-zuelt gi wier. Nieft e sëllegechen Avice vun de Chambres professionnelles huet sech och de Statsrot dergéint ausgeschwat an déi betref-fend Dispositiounen mat der eenzegger Opposi-tion formelle versinn. D'Motivatioun vum Statsrot war haaptsächlech, dass dës Artikelen eng Responsabilité sans faute agefouert hätten, eppes, wat an eise-m Droit positif net übblech ass.

D'Finanzkommissioun huet dorobberhin déi betreffend Passagen aus dem Gesetzesprojet amendéiert an domat dës Opposition for-melle Rechnung gedroen. D'Responsabilité personnelle et solidaire ass zwar bäibehale ginn, allerdéngs ënnert der Konditioun vun enger Inexécution fautive vu legalen Obliga-tiounen. Zudeem müssen déi betraffe Leit och

nach an der Gestion journalière vun deem Be-trib involvéiert sinn. A sengem zousätzlechen Avis huet de Statsrot d'Amendementen guttge-heescht a seng Opposition formelle opge-hewen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech fir de Rescht vun de Mesuren a fir weider Detailer op mäi schrëftleche Rapport verwei-sen, wëilt ech awer nach hei e puer Mercie lass-ginn. Ech wëlt virop de Kolleegen aus der Fi-nanzkommissioun Merci soe fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht während de Reuniounen. E Merci geet och un déi kompetent Leit vun der Steierverwaltung, déi eis déi oft ganz tech-nesch Mesurë verständlech erkläert hunn. De Chambres professionnelles muss een och fir hir ausföerlech Avice félicitéieren. An e ganz grouse Merci geet awer och un d'Madamm Caroline Guezennec, d'Sekretärin vun der Fi-nanzkommissioun, an un d'Françoise Schlink an den Gene Kasel aus der DP-Fraktioun fir hir Hëllef och bei der Redaktioun vum Rapport zu dësem Projet de loi.

Här President, ech wëll ofschléissend nach emol dorobber hiweisen, dass dës Steuerreform eng Reform fir déi vill privat Stéit ass a gläich-zäiteg der Kompetitivitéit vun eise Betriben ze-guttkënnt. Et ass eng Reform, déi d'Kafkraaft stärkt, déi kleng a mëttel Revenuen entlaascht an duerch sozial selektiv Kritären déi Leit ën-nerstëtzt, déi et am meeschte brauchen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Rapportrice. Eischten age-schriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth fir d'CSV. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, Här Statsminister, Dir Dammen an Dir Hären, eng Steuerreform ass ëmmer ee schwieere poli-teschen Exercice. Et verlaangt vill Nodenken, vill Recherchen, vill Kompromësser an och vill Erklären. Ass dat dann esou wäit, jo, da muss een dat Ganzt och nach zu Pabeier bréngen. Merci duerfir am Ufank all deenen, déi bei der Ausaarbechtung vun dësem Gesetz Hand mat ugepaakt hunn, an dozou zielt virun allem och d'Politik.

Dozou zielt Dir, Här Finanzminister, an ech soen dat ganz éierlech, well trotz aller Kritik hutt Dir vill Engagement, vill Zäit, vill Fläiss an och vill Nerven op dës Reform verbruecht.

► **Une voix.**- Très bien!

(Interruptions)

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Dozou zielen awer och vill Beamten a vill Fachwëssen. A stellver-triedend fir si all an niewent lech, Här Finanz-minister, wëll ech dem fréiere Steierdirekter, dem Guy Heintz, an eiser zukünftiger Steierdi-rectrice, dem Pascale Toussing, e spezielle Merci soen. Et sinn an et waren dichteg Beam-ten. Här Minister, Dir waart gutt encadréiert.

Merci och eiser Rapportrice, dem Joëlle Elvin-ger. Si huet nawell e sportlecht Joer hannert sech:...

(Hilarité)

...Buergermeeschter, Puppelchen an elo och nach Rapportrice vun der Steierreform. An ech muss soen, alles dat huet déi dynamesch Depu-téierte mat an heiansdo ouni schick Posch - „circonstances obligent“ - gutt gemeeschtert.

(Hilarité)

Duerfir eis Félicitatiounen, Madamm Elvinger!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, et ass ee gewëssenen Novum, dass d'CSV aus der Opposition eraus eng Steuerreform muss bewäerten. Mir hate soss de Privileeg, dëst dem Land an eise Matbirger matzedelen an ze vermëttelen, mat all där Hëllefstellung, déi een nawell op Regierungssäit huet. An ech kann lech soen, d'Oppositionsbänk ass an dë-sem Fall vill méi haart!

Mir sinn eng Vollekspartei. D'Leit erwaarden duerfir zu Recht vun der CSV, dass mer eng kri-tesch Opposition maachen, wann et verlaangt gëtt, mä och konstruktiv Alternative virleeën.

Här President, mir kucken duerfir haut de Moien dës Steuerreform duerch de Brëll vun deem, wat vu verschiddener Säit ugekënnegt war. Ennert d'Lupp huele mir déi finanziell En-vergure an den Impakt vu verschiddene Mooss-namen. Eise Bléck riicht sech do nom richtege Verdeelen am Interessi vun dem Land no der sozialer Gerechtegkeet.

Här President, ass dëst eng grouss Steuerreform fir d'CSV? Eischter net. Et gëtt sécher eng Rei vu punktuellen Upassungen. Vill dovunner kéinten, dat soen ech éierlech, och d'Hand-schrëft vun der CSV droen! Dës Steuerreform ass awer fir eis keng déif gräifend Reform. Si



bleift hannert den Ambitionen an dem Enthusiasmus vun der Regierungserklärung zréck. Dës Reform steet sécher am Schiet vun de grouse Reforme vun 1967, vun 1990, vun 2000 an 2001 mat sozialer Handschrëft vun den deemolege Stats- a Finanzministere Pierre Werner, Jacques Santer a Jean-Claude Juncker.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Déi grouss Ufanksleift vun dëser Dräierkoalitioun - d'Uspréich an d'Verspréche virun allem vun DP, LSAP an déi gréng - schéngt dach mat zounemender Lafzäit vun der Realitéit ageholl ze ginn. Ass dëst déi sozial gerechteste Steuerreform, déi et jee gouf, wéi de Finanzminister et de 25. November dem „Tageblatt“ op Sait 1 matgedeelt huet? Jo, Dir Hären a Madamm vun der Regierung, dat hänkt dovun of, wat een ënner sozial versteet!

Selektiv gi sécher Leit mat engem niddregen Akommes verstärkt ënnerstëtzt. Dat ass och richtig. Dëst muss och esou sinn. An d'CSV dréit dat ausdrécklech mat. Mä de Reformprojet fiert och mat der breeder Strenz iwwert déi, déi schonns vill hunn. Si kréien an Zukunft nach méi, an den Ae vun der CSV heiansdo ze vill méi. Op deem Punkt versteet d'CSV a puncto sozialer Selektivitéit sécher eppes aneres. Ech hat gemengt, d'LSAP vu gëschter och.

Ass dëst eng ekologesch Reform, wéi déi gréng et während 15 Joer ëmmer nees gefuerdert, awer ni konkret skizzéiert haten? Na ja, „wer es glaubt, wird selig“. Séleg dierften eis gréng Kolleegen awer sécher net eleng doduerch ginn, dass an Zukunft de Bankdirekter fir säin Elektroauto, jo souguer seng Madamm fir hiren Elektrovélo, grousszügig vum Stat ënnerstëtzt ginn. De Mindestlounbezéier kritt fir säin Ëmweltbewusstsein dergéint awer näischt. Hien, grad ewéi 40% vun eise Matbiirger, déi keng Akommessteuer bezuelen, muss weiderhi fueren an drécke mat eegener Kraaft a Suen.

Ass dës Steuerreform budgetär neutral, käschtenneutral, wéi eise Premier et ëmmer nees behaupt huet? Neen! „Zahlen lügen nicht“, sot sai Finanzminister dem „Tageblatt“. Jo, d'Zuele léie wierklech net! Zumindest op dem Punkt vun der budgetärer Neutralitéit, also der Käschtenneutralitéit schéngt sech Finanzminister an Zentralbank eens ze sinn. Dës Steuerreform ass net budgetär neutral, wéi uganks ugekënnegt. Am Contraire, si kascht fir déi eng méi, fir déi aner manner. Mä dat war vun Ufank u gewosst! D'Steieren erliichtere kascht ëmmer Geld an «on ne peut avoir le beurre et l'argent du beurre».

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Dir wësst dat!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Gëtt eise Steuersystem mat dëser Reform vereinfacht? Mat Sécherheet net! Eng Steuerlegislatioun versteet mëttlerweil nach just ee Grapp voll Insider. Dat, wat mir haut stëmmen, ass och fir vill vun eis heibanne Chinesesch. Dëst sécher net, well d'Deputéierten net op der Héicht vun hirer Aarbecht sinn; loosse mer et kloer soen! Mä et ass tout simplement ze vill komplex, ze vill komplizéiert.

Zumindest eis Steuerprozedur, also dat Regelwierk, wat d'Rechter an d'Flichte vum Bierger géintwuerk vun der Verwaltung festleet, muss an engem méi verständlecher Sprooch, zumindest an enger Sprooch, an net deen een Deel op Franséisch an deen aneren Deel op Däitsch, geschriwwe ginn. An ech soen lech éierlech, d'CSV ënnerstëtzt unisono all Moosname vun der Regierung an Zukunft, fir an déi Richtung vu méi einfacher Steuerlegislatioun ze goen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech als Opposition kritesch zu engem Gesetz äussert, da soll een och, esou wäit dat méiglech ass, konkret Virschléi maachen, wéi een et da géif anescht maachen. Dëst ass a Steierfroee sécherlech ëmsou méi schwierig, well een net déi Méiglechkeeten a virun allem net d'Informatiounen huet, déi d'Steierverwaltung huet, an dat ass och richtig esou, well et gëtt nun eemol e Steiergeheimnis. Mä am Sënn vun konstruktiver Opposition, Dir Dammen an Dir Hären, versicht d'CSV dat haut trotzdem.

Éischtens, de Steiertariff. Wivill Steieren ee méi oder manner muss bezuelen, jo, dat interesséiert bei dëser Reform déi allermeescht. Gutt ass, dës Reform ass vum Finanzminister, ech soen et ganz éierlech, am Februar dëst Joer virgestallt ginn, souguer ier de Gesetzesprojet offiziell deponéiert gouf. Dem Finanzminister seng Kommunikatioun war hei exzellent. De Bierger ka praktesch iwwert den Internetsite vun der Regierung seng eege Situatioun oprufen. Dat war an der Vergaangenheet net de Fall. Gutt gemaach, Här Finanzminister!

D'Neigestaltung vun dem Steiertariff kënnt der Virstellung vun der CSV och entgéint. Dat soen

ech kloer an däitlech, och op dëser Plaz. Den Tariff weicht och net fundamental of vun där Steiertabell, wéi mer se elo eigentlech schon zënter 2002 mat progressivem Steiersaz kennen. An dat ass gutt esou, well all d'Adaptatiounen an der Vergaangenheet goufen zanterhier, ënner verschiddene Regierungsmajoritéiten d'ailleurs, ëmmer large hei am Haus gedroen. A wat gutt ass, dat soll een net einfach esou mat engem Fiederstréch ofschafen.

De Mëttelstandsbockel gëtt iwwert den Tariff ofgeflaacht. Leit mat méi niddregem Akommes gi méi entlaascht wéinst der Verduebelung vun de Steierkreditte. Dës Ausrichtung, fir de Mëttelstandsbockel ofzevlaachen, hat d'CSV och an hirem Wahlprogramm. Mir stinn dozou an dës Moosname fannen ouni Ofstrécher eis Ënnerstëtzung.

D'CSV, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech awer och kloer an däitlech, schléit doriwwer eraus vir, de steierbefreiten Agangsmontant, dat heescht also dee Montant, bei deem een iwwerhaupt ufänkt an engem Joer Steieren ze bezuelen, vun 11.265 Euro, wéi bis elo, op 12.000 Euro pro Joer eropzesetzen. Domat bezilt een eigentlech méi spët eréischt Steieren. Dëst bedéit ee Plus, besonnesch fir Leit mat klengem Akommes. Mä vun dëser Moosnam, dat wëssen d'Leit, profitéiert duerch de Steiertariff eigentlech jiddwereen, dee Steiere bezilt. An duerfir ass dat keng bëlle Moosnam. Dat soll een och soen.

Mä och de Spëtzeverdenger, dee verdéngt hei mat. Dee brauch awer an eisen Aen deen Avantage net. An duerfir wëllt d'CSV, och dat soe mer kloer an däitlech, dass de Spëtzesteiersaz vun 41% an 42% éischer wéi am Regierungsmodell sollt zum Droee kommen. Mir fannen et net ubruecht, fir Leit mat engem Akommes vu 500.000 Euro Joresverdengscht - Joresverdengscht: Dat si méi wéi 40.000 Euro Pai de Mount an engem Stot! -, dass déi nach mat 1.500 Euro eleng iwwert den Tariff, ouni aner Moosnamen, déi se kënnen ofsetzen, entlaascht ginn.

Duerfir schléit d'CSV, an dat soen ech och kloer an däitlech am Numm vun eiser Partei, vir, dass d'Spëtzesteiersatz vun 41% respektiv 42% bei 125.000 Euro an der Steierklass 1 - dat si vereinfacht gesot 250.000 Euro an der Steierklass 2, dat heescht fir déi Leit, déi an engem Stot zesumme veranlaagt ginn - respektiv 150.000 Euro - dat sinn ëmgerechent 300.000 Euro, also dat Duebelt an engem Stot - an der Steierklass 2 solle festgeluecht ginn. Ee Stot mat engem Monatsakommes vu 25.000 Euro muss an eisen Aen net méi breet bei dëser Steuerreform entlaascht ginn.

Fir d'CSV bedeuten dës Tariffännerungen, déi mir virschloen, ee Plus u sozialer Gerechtheet. Vun dëser Ëmverdeelung profitéiere virun allem Leit mat Niddregakommes. Dozou ziele selbstverständlech och d'Leit, bedéngt duerch de Verrechnungsmodus, aus der Steierklass 1A, wou d'Madamm Elvinger mat Recht gesot huet, dass mer 46% mëttlerweil hunn - dat ass eigentlech en Hohn! -, déi ënnert der Aarmutsgrenz hei am Land liewen.

D'Propos vun der CSV, fir de sougenannten „minimum exonéré“, also de steierbefreiten Agangsbetrag, an d'Luucht ze setzen, entsprécht och enger traditioneller Positioun an Approche vun der CSV. Si huet iwwegens an der Vergaangenheet bei all Steuerreform hiren Néierschlag fonnt. De Käschtpunkt vun dëser Propos mat Erhéijung vum Minimum a gläichzäiteg méi frien Aetze vun de Spëtzesteiersatz schätze mir - schätze mir, mir hu keng genau Donnéeën, dat musst Der mer verzeien - op ronn 20 Milliounen Euro. Ënne kascht et méi, mä et hëlt een uewen iwwert de Spëtzesteiersaz eppes eran.

Ech erlabe mir och herno, Här President, dës Virschléi spéider als Amendementer ze déposieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Roth, erlaabt Der eng kleng Zwëschebemierkung?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, jo.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech ënnerbrieche guer net gär. Ech mengen, et ass fir d'Éischt, wou ech et maachen. Et ass just eng Verständnisfro, ob Är Positioun sech addéiert zu deem, wat vun der Regierung deposéiert ass,...

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- ...dat heescht, d'Verduebelung vun Steierkredit an esou, dat fannt Der gutt,...

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- ...an dodrop setzt Der Äre Virschlag?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Hunn ech dat richtig verstanen?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Et ass genau dat. Et ass net, dass mir géifen d'Verduebelung vun de Steierkreditte a Fro stellen. Déi huele mer dran. Déi gi jo bis 80.000 Euro an doriwwer spille se net méi.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Voilà!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Sozial Gerechtheet.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Et ass gutt.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Mä mir huelen zousätzlech zu deem ënne gäre vun 11.265 op 12.000 Euro an d'Luucht,...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- D'accord!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- ...an uewen de Spëtzesteiersaz eben éischer gräife loosse,...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- ...oder déi zwee Spëtzesteiersatz éischer gräife loosse, wéi bei lech, Här Minister.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- An ech erlabe mer och, Här President, fir herno zum Schluss vu menger Ried déi zwou Proposen, well et ass eng Emännerung vum Artikel 118 an deenen, déi hannendru kommen, als Amendementer ze deposieren.

Zweetens: Sozial ongerecht an eng selektiv Politik am Interessi vun enger Rei, muss ech soen, scho bal skrupellose Spëtzeverdenger fënnt d'CSV och den Unfug, dee bedriwwen gëtt mëttlerweil mat der Steiercirculaire iwwert déi sougenannten „stock-options“. Geschate Steierausfall vun Experte fir d'Allgemengheet: bis zu 300 Milliounen Euro d'Joer!

Richtig ass, an dat soen ech gläich zum Ufank, déi Circulaire ass 2002 ënner engem CSV-Finanzminister, et war deemools de Jean-Claude Juncker, agefouert ginn. An ech soen et och kloer an däitlech, si ass 2012 ënner engem CSV-Finanzminister am Kader vun engem grouse Spuerpak, dem Luc Frieden, méi enk gefaasst ginn. Ech mengen, de geschate Plus vu Recetté war deemools 50 Milliounen Euro, well ech war selwer Rapporteur vun dem Gesetzesprojet, quitte dass dat hei iwwer Circulaire geregelt ass. An de Finanzminister Gramegna huet och d'Instruktioun ginn, wann een dat dierf esou soen, fir dee Regimm méi enk ze faassen a virun allem eng Rei vu méi Donnéeën ze kréien.

Mä richtig ass och, an dat solle mer och soen, dass trotz deenen Upassung virun allem an der Lescht - an ech mengen an deene leschten Deeg virun allem, dat muss een och esou soen, wou se denken, dass déi Saach géif awer vläicht lues zu Enn goen - vun dësem Regimm regelrecht abuséiert gëtt! Déi ursprénglech Finalitéit, well déi war positiv, vun deem Regimm, déi ass einfach denaturéiert ginn. Duerfir verlaangt d'CSV, an ech soen et och kloer, dass dës Steiercirculaire elo ofgeschafft gëtt. Mir hunn awer kee Problem domat, dass een eng Iwwergangsphas per Gesetz regelt, an dat mat maximum zwee Joer mat neie Konditiounen.

Ech wäert lech, Här President, herno eng deementsprechend Motioun am Numm vun der CSV ënnerbreden.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ëm wat geet et hei? Mir sollen de Leit dat och emol eng Kéier kloer soen!

Mä iwwert den „Stock-options“-Regimm bezuele sech Honnerten, wann net mëttlerweil Dausende Kaderen, Diriganten, Cheffe vun Entreprene, jo zum Deel sougenannten oder selbsternannte Fräiberuffler aller Natur eng Partie vun hirem Joresgehalt net als Pai, mä als Versprochen op Aktien. Dës ginn dann - vereinfacht gesot, well de System ass e bësse méi komplizéiert, mä loosse mer et vereinfacht soen, well da komme se nach besser ewech - mat 17,5% besteiert. An der Regel ass et souguer nach drënner.

Dat heescht konkret, dass deejeinegen, dee seng Joresprimm vun 100.000 Euro elo viru Chrëschttag iwwer „Stock-options“-Regimm sech ausbezilt, dee behält do ronn 83.000 Euro netto, heiansdo, deemno wéi en et mécht, souguer nach méi. Deejeinege Salarié, Beamten, Fonctionnaire, dee 4.000 Euro als 13. Mount brutto kritt an nom normale Barème besteiert gëtt, jo, dee behält dovunner nach ronn 2.000 Euro netto.

Ass dat sozial selektiv? Mir fannen net!

Fir d'CSV ass dee Regimm, esou wéi en elo abuséiert gëtt, net fair, en ass och net gerecht.

Hie gehéiert duerfir opgrond vun deenen Abusen, soen ech nach eng Kéier ganz kloer, aus eiser Siicht ofgeschafft.

An d'Circulaire, déi steet och fir d'CSV an engem krasse Widdersproch - mir hätten dat och kënne virdru soen, mä et sollt een et elo soen -, an engem krasse Widdersproch zu dem Artikel 101 vun eiser Verfassung, well dee seet ganz kloer: «Il ne peut être établi de privilège en matière d'impôts. Nulle exemption ou modération d'impôt ne peut être établie que par une loi.»

Drëtzens: D'CSV fënnt d'Divergenzen iwwert de Käschtpunkt vun dëser Steuerreform dach, muss ech soen, ee staarkt Stéck! 373 Milliounen Euro laut Finanzminister fir d'Joer 2017, 829 Milliounen Euro laut Lëtzebuerger Zentralbank. Du simple au méi wéi dat Duebelt!

Et ass net nëmmen de Berechnungsmodus, mat allem Respekt, Här Finanzminister, dee verschidden ass, mä et sinn och zwee verschidde Resultater. An Transparenz gesäit an eisen Aen anescht aus! An dat bei enger Regierung virun allem, déi ugetrueden ass, alles anescht an alles besser ze maachen, jo, de Mief, also dee faule Geroch vun der CSV, dee misst eraus, hunn Eenzelner gemengt. „Mir soen de Leit, wat op si zoukënn“, esou de Statsminister an der Regierungserklärung am Dezember 2013.

Richtig mag sinn, dass et verschidde Berechnungsmethode ginn, fir Steierausfall anzuschätzen. Blouss fir d'Leit dobaussen, déi eis nokuken, déi eis nolauschten, fir déi ass dat net nozevollzéien! An eng seriö parlamentaresch Aarbecht verlaangt am Virfeld Klärung!

Firwat konnten dann esou Interpretatiounsdivergenzen, fir dat dann emol fein auszedrücken, net am Virfeld gekläert ginn? De Wee tëschent der Kongregatioungaass, dem Sëtz vun dem Finanzministère, an dem Boulevard Royal, dem fréiere Sëtz vun der BIL an haut deem vun der Zentralbank, deen ass jo wierklech awer net esou wäit. Oder gouf et etwa perséinlech Beréierungsängscht?

Firwat huet de Finanzminister seng Zuelen net iwwerpräiwe gelooss, ier en de Gesetzesprojet déposiert huet? Firwat gouf net op d'Expertise vun der onofhängeger Zentralbank am Virfeld zréckgegraff? Firwat ass dat net geschitt, ob schonns d'Zentralbank schonns zum Ufank drop, higewisen huet, zum Ufank vum Joer, wéi Der Äre Projet virgestallt hutt, dass de Käschtpunkt vun dëser Steuerreform bei 1,5% Bruttoinlandsprodukt géif leien? Dat konnt Der noliessen am Cahier Nummer 1, 2016 vun der Zentralbank. Well 1,5% Bruttoinlandsprodukt kënnt sensiblement op déi 800 Milliounen oder 829 Milliounen Euro, wéi d'Zentralbank dat elo schätzt.

Firwat huet virun allem net de Statsrot als Gralshüter vun deem Ganzen d'Zuele vun deem Käschtpunkt hannerfrot? Firwat bréngen zwou ënnerschiddlech Berechnungsmethoden esou grouss Ënnerscheeder?

Firwat, Dir Dammen an Dir Hären, trieden dës Ënnerscheeder elo op an net bei fréiere Steieradaptatiounen? D'Zentralbank gëtt et jo net eréischt zënter gëschter, mä zënter 1998. Firwat huet de Finanzminister keng Detailer nogeliwwert iwwert de Käschtpunkt? Well dës le début an nachweislech gouf dee vun Deputéierte a Fro gestallt!

Firwat huet de Finanzminister net op eng Question parlementaire Roth/Adehm geäntwert, wat d'Méieinname vum Stat um Niveau vun der Akommessteuer wieren, déi eng Indextranche géif bréngen? Firwat huet de Steierdirekter, de Guy Heintz, an der Finanz- a Budgetschrëckkommissioun misse soen, dat wier eng politesch Fro - recht hat en als Beamten -, op déi hien net kéint antworten, obschonns d'Steierverwaltung all Donnéeën huet, fir eng prezis Äntwert kënnen ze ginn? War dat politesch eventuell net erwünscht?

Abee, Här Finanzminister, ech froen lech dann haut alt nach eng Kéier: Sot der Chamber, sot dem Land, wat eng Indextranche, déi jo dann nom Statec oder no dem Wirtschaftsminister am éischten Trimester 2017 sollt erfalen, dem Land u Plus vun Akommessteuer bréngt!

Sot dem Land, Här Finanzminister, wat den Accord salarial an der Fonction publique dem Land sollt u Plus vu Lounsteuer bréngen! Ass dat d'Halschent vun deem, wat et kascht huet, wéi d'CGFP seet? Et ass jo net den éischen Accord salarial, deen ofgeschloss gëtt! Et ass och net déi éischt Indextranche, déi erfällt!

Et ass keng politesch Fro, Dir Dammen an Dir Hären! D'Land huet e Recht, dës Zuele gewuer ze ginn!

**(Interruption)**

Dem Finanzminister seng Zuelen, déi limitéiere sech op eng Säit an dem Gesetzesprojet, d'Säit 197, de Projet de loi 7020A corrigendum. Den Detail vun den eenzelne Moossname feelt nach haut.

D'Zentralbank mécht awer dergéint eng detailléiert Analys vun dem Käschtepunkt op iwwer 150 Säiten! Dir wëscht dat ewech mat dem Hiweis, et wieren zwou verschidde Berechnungsmethoden, déi eng „optique droits constatés“, déi aner „droits en caisse“. Einfach esou?

Neen, ech soen lech et nach eng Kéier: Och d'Resultat an net nëmmen d'Berechnungsmethode sinn anerer.

De Finanzminister behaupt elo, seng „optique caisse“ wier bei vergaangene Regierungen och esou applizéiert ginn. Abee, da kucke mer emol an d'Vergaangenheet! „Zahlen lügen nicht“, sot Dir, Här Finanzminister, dem „Tageblatt“. Wéisou gouf dann eleng bei der Tariffadaptatioun vun 9% aus dem Joer 2009 bei de Personnes physiques de Steierausfall op sage und schreibe 342 Milliounen Euro geschat? Nozeliesen iwwregens an der Fiche financière vum Projet de loi 5924, en éffentlecht Dokument.

Dir schätzt Är ganz Steierreform mat alle Moossnamen, fir Leit a Betriber, op e Käschtepunkt vun 373 Milliounen Euro, also knapps 30 Milliounen méi.

Dir chiffriert Är Tariffadaptatioun - Är Tariffadaptatioun - op nëmmen e Verloscht vun 275 Milliounen Euro. D'Zomm vun der Lounsteuer, déi louch 2009 - elo haalt lech gutt un! - bei 2,1 Milliarden. Si läit 2017 bei geschaten 3,4 Milliarden, also eleng d'Lounsteuer 60% méi héich!

Et gi méi Steierzueler 2017, d'Lounmass ass méi grouss, 99,5% vun den iwwer 480.000 Steierzueler ginn entlaascht, souguer e Stot mat 545.000 Euro versteierbarem Joresakomes. An Dir wëllt de Leit elo kloermaachen, dass Är Tariffadaptatioun mat allen anere Moossnamen, inklusiv 10% verhältnisméisseg manner Betribssteier fir 2017, nëmme géifen 30 Milliounen Euro méi kaschten, wéi eleng d'Tariffadaptatioun vu virun aacht Joer! Ech mengen, Här Finanzminister, mat allem Respekt, mä do hutt Der Äre kopernikaneschen Zauberstaf erausgehol.

(Hilarité)

D'Zuele vun der Zentralbank, déi schéngen eis, soen ech awer éierlech, do éischter plausibel. Wann 2009 schonns d'Logik „droits en caisse“ bestanen hätt, wéi erkläert de Finanzminister sech dann, dass déi deemoleg Regierung een Déchet fiscal an dem Projet de loi mat 342 Milliounen Euro uginnt hat 2009, an 2009 sinn ënnert dem Stréch awer nëmmen 130 Milliounen Euro manner Lounsteuer ausgefall? Si hätt sech jo deemools, d'Regierung, zu hiren Ongonschten an hirer Berechnung em sage und schreibe 200 Milliounen Euro verrechent.

An ech soen lech och, wat d'Differenz ass. 342 Milliounen Euro war den „déchet fiscal droits constatés“, vun der Regierung a vun der Zentralbank esou ageschat, an 130 Milliounen Euro ware ganz einfach den „déchet fiscal en caisse“. An des Divergenz gétt et net nëmmen um Plang vun der Lounsteuer.

Sans appel ass eiser Meenung no folgend Feststellung vun der Zentralbank um Niveau vun der Betribssteier. Si schreift: «Si le Gouvernement avait basé ses estimations du coût budgétaire sur les projections de l'impôt sur les sociétés telles que prévues dans le budget 2016 en y appliquant la baisse relative du taux de l'IRC.» - also d'Kierperschaftssteuer - «la perte fiscale aurait été de 174 millions € en 2017, 271 millions € en 2018 et 281 millions € pour 2019; un tel chiffrage du déchet fiscal» - a lauschtet gutt no! - «serait nettement supérieur aux estimations actuelles de 39 millions € en 2017, 102 millions € en 2018 et 134 millions € en 2019.» Nozeliesen op der Säit 150 am Rapport vun der Zentralbank.

An da kënnt d'Konklusioun: «La BCL s'interroge sur le caractère réaliste» - réaliste! - «des estimations du Gouvernement», seet d'Zentralbank, d'onofhängeg Zentralbank! De President war fréier 20 Joer laang Administrateur général am Finanzministère an en huet sengerzäit all politeschen Dossier vun deser Regierung a vun dem Lëtzeburger Stat begleet, mat Bravour iwwregens! «Cette interrogation», schreift d'Zentralbank, «est d'autant plus pertinente à la lumière de la fiche financière du projet de loi, qui ne renseigne pas de manière détaillée le coût prévu pour chacune des mesures. De

telles informations auraient éventuellement permis de mieux comprendre les raisons prédisant à ces divergences d'estimations.» Dont acte!

An ech ginn hei d'Impressioun net lass, Här President, dass d'Regierung hei op déi normal positiv Evolutioun vun der Lounmass eng deementspriedend méi héich Lounsteuer plus Indextranche plus Accord salarial tabléiert, wou mir bis haut déi eenzel Montante jo net kennen, respektiv dass se eis se net soen, fir dann um Enn vum nächste Joer ze soen: „Ma gesitt Der emol, mir hate richtig gerecht, well de Steierausfall ass an der Keess manner grouss wéi deen, deen d'Zentralbank virgerechent hat!“

Här President, ech mengen, d'Regierung huet e seriöse Problem, nämlech de Leit den Zickzackkurs vun hirer kopernikanescher Finanzpolitik ze erklären.

Fir d'Éischt wëllt Der soen, wéi schlecht Juncker, Frieden a Co. gewirtschaft hunn. Iwwregens waren d'Sozialisten och do zéng Joer derbäi!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **D'autres voix.**- Ooh! Ouh?

(Brouhaha général)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat waren nach Zäiten!

Duerfir brummt Der de Leit elo...

(Brouhaha général)

Duerfir brummt Der de Leit, Dir Dammen an Dir Hären, elo fir d'Éischt Steiererhéijungen op. D'TVA setzt Dir an d'Luucht, y compris um Bau, entgéint deem iwwregens, wat d'DP nach virun de Wale gesot huet! Ech liesen lech hei den Extrait aus dem DP-Wahlprogramm vir.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Dat hu se ni gär.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Da liest och den CSV-Wahlprogramm vir!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- „Resultat...“

Mir hunn de Leit gesot, wat op se zoukënt, Här Bodry.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(Brouhaha et hilarité)

► **Une voix.**- Liest deen emol vir!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech kommen elo fir d'Éischt zur DP.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(Brouhaha)

► **M. Eugène Berger** (DP).- Dat ass eng gutt Lektür!

► **Une voix.**- Eent nom aneren!

► **Une seconde voix.**- Wéi ass et mat lech?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här Berger, et ass eng gutt Lektür! Duerfir lauschtet gutt no!

► **Une voix.**- Mir lauschteren!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- „Resultat dieser Herangehensweise ist zum Beispiel die Diskussion einer möglichen Mehrwertsteuererhöhung. Sie wurde ins Feld geführt mit dem Argument, die nach 2014 wegfallenden Mehrwertsteuereinnahmen aus dem elektronischen Handel kompensieren zu wollen. Allerdings, bis heute ist unklar, ob eine Mehrwertsteuererhöhung überhaupt notwendig ist...“

(Hilarité)

...und welche wirtschaftlichen und sozialen Geneffekte sie hätte. Schlimmer noch“, seet d'DP - seet d'DP! - ...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- „...“,die Bürger werden im Glauben gelassen, dass eine Mehrwertsteuererhöhung den Steuerausfall kompensieren könnte. Wir wollen“, seet d'DP, „diesen steuerpolitischen Blindflug beenden, um eine transparente und für die Bürger nachvollziehbare Steuerreform einzuleiten, um Vertrauen in den Standort Luxemburg zurückzugewinnen!“

► **Une voix.**- Très bien!

(Interruptions)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Är Virgabe „vu gëscht, Här Statsminister, ënnersträichen Äre Blindflug vun haut!“

► **Plusieurs voix.**- Très bien!!!

(Interruptions diverses)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dir féiert, Här Statsminister, mat Ärer Regierung fir d'Éischt eng sougenannten Zukunftssteuer a vun 0,5%, an dat fir eng gratis Kannerbetreuung, déi awer ni kënnt! Mat Ärem Bezuelpak zitt Der de Leit fir d'Éischt 2015 an 2016 eleng 509 Milliounen Euro méi TVA aus der Täsche, plus nach 184 Mil-

liounen méi Zukunftssteuer, also insgesamt bal 700 Milliounen Euro!

De Referendum vun 2015, jo, dee geet esou richtig an d'Box, an ab deem Datum gëtt nach just verdeelt. Dat, wat Der de Leit aus der Täsche gezunn hutt, dat kréie se elo erëm stéckerchersweis zrëck. Aus enger käschtenneutraler Steierreform gëtt op eemol eng Reform, déi 829 Milliounen Euro kascht!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, wat ass dann den CSV-Programm?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- 2013 war en Defizit vun enger Milliard an dem Zentralstat en Drama! En Drama! Haut klappt ee sech op d'Schëller fir déi gutt Zuelen. Mä wat interesséieren de Statsminister an de Finanzminister wuel hiert Geschwätz vu gëschter!? Haaptsaach Gambia, a Juncker sidd Der lass an d'CSV setzt an der Oppositioun!

► **Une voix.**- Ooh!

► **Une deuxième voix.**- Très bien!

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- D'CSV huet eis déi Situatioun hannerlooss. Kommt, sidd e bëssen objektiv!

(Hilarité)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Här Statsminister,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, eng Tréin am A hätt nach gepasst!

(Hilarité et interruptions)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, véierte Punkt: Jorelaang hunn eis gréng Kollegen, Madamm Loschetter,...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- ...sukzessiv...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Am Moment huet just den Här Roth d'Wuert, dee sech dann och erëm, wann ech gelift, un d'Chamber riicht!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President.

(Interruptions par Mmes Viviane Loschetter et Josée Lorsché)

Här President, jorelaang hunn eis gréng Kollege sukzessiv Regierungen regelrecht gegäiselt, et misst een endlech zu enger ökologescher Steierreform kommen. Si hunn awer ni skizzéiert, wat si dorënner géife verstoen. „Der grüne Faden ist sichtbar“, schreien déi gréng den 29. Februar 2016, also virun e puer Méint, wéi d'Steierreform presentéiert gouf.

Abée, et ass wierklech nëmmen e grénge Fuedem, dat Ekologescht an deser Reform: „Der Berg gear eine grüne Maus“!

(Hilarité)

D'CSV féinnt dat Element gutt, an ech soen et kloer an däitlech, Madamm Loschetter,...

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Eng kleng gréng Maus.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Eng kleng gréng Maus.

(Brouhaha)

► **Une voix.**- ..., mä si ass do!

(Brouhaha et interruption par Mme Viviane Loschetter)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- ...dass an Zukunft...

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).-a kritt vill Klenger.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- ...dass an Zukunft d'Steirvirdeeler fir...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift, lauschtet dem Här Roth no! Et kritt jiddwereen d'Wuert herno.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- An och d'Maischen!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...och déi blo Kap op.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- ...dass an Zukunft d'Steirvirdeeler fir Déngschtween un e Bonus-Malus-System - an dat ass wierklech gutt! - gekoppelt ginn, jee no CO₂-Ausstouss.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Mä d'CSV, Madamm Loschetter, déi wier awer méi wäit gaangen.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Mir hätten dee Steirvirdeel insgesamt op Betribsautoe limitéiert bis zu engem maximalen Akafswäert vun 80.000 Euro.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Iwwregens haten déi gréng an der Oppositioun äänlech Iddien, wéi se uganks 2013 nach kämpferesch geschriwwen hunn: „Autos“, schreien déi gréng, „sind sehr oft auch Statussymbole. Es ist in Zeiten von knappen Staatskassen nicht mehr vertretbar, dass Investitionen in Firmenautos der Oberklasse integral von der Steuer abgesetzt werden können wohingegen gleichzeitig die Steuerlast für private Haushalte ständig zunimmt.“ Recht haten déi gréng deemools.

Mä wann een de Finanzminister héiert, da schéngt et dem Stat jo elo esou gutt ze goen, soudass déi Iddi vun deene Gréngen net méi huet missen haut zrëckbehale ginn. Et ass dach, an dat solle mer éierlech soen, deem klenge Mann dobaussen net ze vermëttelen, dass hie säin Auto muss integral aus senger Täsche bezuelen, an d'Allgemengheet finanzéiert bei Betribsween d'Virleift vun Eenzelne fir englesch Nobelween an italesch Sportskarosse mat!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Och dat huet eppes mat sozialer Gerechtegkeet ze dinn.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat ass gréng Politik.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Sozial gerecht ass och net, dass an Zukunft en Abatement vu 5.000 Euro fir Elektroautoen agefouert gëtt, 300 Euro fir en Elektrovelo. Heivunner profitéiert nëmmen de Spëtzeverdünger am meeschten. De Stat leet him 2.000 Euro netto fir säin Elektroauto bäi. De Mindestlounbezéier an déi 40% vun de Leit, déi keng Akommesteier bezuelen, hunn dovou glat a guer näischt! Elektresch Mobilitéit ass an deser Steierreform eppes fir déi Déck!

Fir d'CSV sollt dogéint jiddwereen, ob Aarbechter, ob Dokter, ob Affekot, ob Bankdirekter, dee sech en Elektroauto kauft, d'selwecht behandelt ginn. Mir schloen duerfir vir, de Kaf vun engem Auto, vun engem Elektroauto generell mat engem uniforme Subsid vun zum Beispill 2.000 Euro ze subventionéieren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- A wa mer schonns bei der ökologescher Steierreform sinn: D'CSV hätt kee Problem gemaach, an ech soen et och kloer an däitlech, fir an Zukunft um Plang vun der steuerlecher Ofsetzbarkeit vun de Fahrtkosten tëschent dem Wunnuert an der Aarbecht d'Kilometerpauschal esou ze agencéieren, dass déi éischt sechs Kilometer, am plaz wéi bis elo déi éischt véier Kilometer, net géifen a Betruucht gezu ginn; also zwee Kilometer dropgeschloen. Vun der Kilometerpauschal profitéiert eigentlech souwisoen nëmmen deen, dee Steiere bezitt. Wann ee manner wéi sechs Kilometer vu senger Aarbechtsplaz ewech wunnt, da kann een a Ballungszentren och méi op den éffentlechen Transport zrëckgräifen, well einfach do d'Offer méi grouss ass.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Dat musst Der dem Här Mosar awer erklären!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- A schliisslech, Madamm Loschetter, ass et och net logesch, dass een engersäits den éffentlechen Transport ënnerstëtzt - wat eng gutt Saach ass a wat mir och matdroen - an iwwert deen anere Wee parallel d'Pendlerpauschal an den Individualverkéier steuerlech bevirdeelegt (veuillez lire: a parallel iwwert de Wee vun der Pendlerpauschal den Individualverkéier steuerlech bevirdeelegt).

Ech mengen, d'CSV dierft mat deser Propos awer net eleng dostoen. D'DP huet och an hirem Wahlprogramm stoen: „Wir werden die steuerlichen Vorteile zugunsten des Individualverkehrs insgesamt überprüfen, da es weder wirtschaftlich noch ökologesche Sinn machen kann, einerseits Millionen Euro in den öffentlichen Transport zu investieren“, an dat si méi wéi „Milliounen Euro“, „und andererseits den Individualverkehr steuerlich zu fördern.“

Och nach déi gréng heizou, wéi se nach an der Oppositioun waren, Madamm Loschetter,...

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Tjo!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Tjo!

(Interruption)

D'Oppositionsbänk ass haart.

„Die Kilometerpauschale“, sou déi gréng, „mit der die Zersiedlung des Landes gefördert wird“, mir maachen also Landesplanung, Dir schwätzt vun „Zersiedlung des Landes“, „gehört ebenfalls auf den Prüfstand. Vorstellbar wäre, dass sie nur für Menschen erhalten bleibt, die Nachtschichten arbeiten und deren Arbeitszeiten ausserhalb der regulären Bürozeiten liegen. Einsparpotenzial: 30 Millionen Euro. Die Kilometerpauschale fördert ansonsten den Weg in die Sackgasse der fossilen Mobilität.“, esou déi gréng vun deemools.



Här President, fënnefte Punkt: D'CSV steet zu hirem Wahlprogramm, och an der Oppositioun. De Regierungsprogramm hat eng global Reform vun der Grondsteuer an Aussicht gestallt. Mir gesinn net emol en Usaz dovunner, weder an der Gemeengefinanzreform nach an der Steuerreform. D'CSV ass der Meenung, dass eng Upassung no uewe vun der Grondsteuer e Plus wier u sozialer Gerechtegkeet.

Eng éischt Immobilie, déi als Eegeheem genotzt gëtt, déi sollt och vun engem Abatement profitéieren. Een, deen awer Immobilien, an ech soen et nach eng Kéier, am Wäert vun zeg Milliounen Euro huet, dee muss och bereet sinn, der Allgemengheet eppes méi iwwert de Wee vun der Grondsteuer dovunner zrëckze-ginn.

Een, deen en Appartement vun 100 m² verlount, dee bezilt duerfir an enger Gemeng - eng deier Gemeng, déi och nach eng Äispist de Moment huet an déi ech nawell kennen - ronn 30 Euro Grondsteuer d'Joer, ech betounen: d'Joer! Hie kritt fir dat Appartement ronn 20.000 Euro Loyer d'Joer, 20.000. Jo, dee Propriétaire, dee muss och bereet sinn, mëttelfristeg 150 Euro amplatz déi 30 Euro d'Joer ze bezuelen, déi en och nach vu senger Akomessteuer kann ofsetzen. Säin Nettokäschtepunkt ass dann, jee no Spëtzesteiersaz, nach genau 90 Euro, ech betounen: pro Joer.

Jo, d'CSV, an ech soen et kloer an däitlech, deelt a puncto Erhéije vun der Grondsteuer dat, wat d'LSAP an hirem Wahlprogramm stoen huet, näämlech „dass die nicht mehr zeitgemäße Grundsteuer grundlegend reformiert wird und mehr zum Gesamteinkommen von (...) (Kommunen) beiträgt;“.

A well et esou schéi war, erlaben ech mer, et haut nach eng Kéier ze soen an un dem fréieren LSAP-Budgetsrapporteur, dem Franz Fayot, seng Feststellung ze erënneren, déi mer ganz sympathesch ass a wat mer och voll a ganz deelen, wat Dir, Här Fayot, hei virun zwee Joer op der Chambertribün gesot hutt, näämlech: „Här President, et gëtt verschidde Pisten a Richtung vun engem méi gerechte [soziale] Steuersystem. Eng dovunner, an déi steet am Regierungsprogramm“, seet e Majoritéitsdeputéierten, an net egal wien!, „betréift d'Grondsteuer. Mir wëssen alleguer“, seet den Här Fayot, „dass dës Steuer lächerlech niddreg ass an dass se muss reforméiert ginn, fir dass se eng richtig Quell vun Akommes fir d'Gemenge gëtt.“

Mir deelen dat als CSV, an ech soen et haart an däitlech, an duerfir wëlle mir d'Grondsteuer erhéijen! An d'CSV, dat soen ech gradesou däitlech, léisst sech hei net ënnerstellen, d'Grondsteuer wëllen eropzesetzen, fir de Multinationalen, wéi den Innenminister hei gesot huet, Kad-doen ze maachen! Wou si mer dann?!

D'CSV geheet jo och net dëser Regierung vir, d'Betriebssteuer erofzesetzen an duerfir d'Steierkreditter, Här Gramegna, vun de Salariéen, vun de Rentner, fir d'Fräiberuffer - wat iwwregens e fréieren Arbeitnehmervertrag war, en Arbeitnehmervertrag war - mat engem Akommes vu méi 80.000 Euro einfach ofzeschaffen! D'CSV geheet der Regierung jo och net vir, de Leit hir steierlech Ofsetzbarkeet vun de Konsumkreditte an den Assurancëprimen ze limitéieren, fir de Banken elo Kaddoen ze maachen!

D'CSV-Propos, fir mëttelfristeg am Kontext vun de sougenannte BEPS-Diskussiounen, d'Verbredederung vun der Steuerbase, d'Gewerbesteier duerch e sougenannten „impôt communal complémentaire“ ze ersetzen - ech betounen, et ze ersetzen, an net d'Gewerbesteier einfach ofzeschaffen -, gëtt iwwregens souwuel vun der Zentralbank wéi der Chambre de Commerce ënnerstëtzt.

An erlaabt mer dat ze soen: De leschten Dën-schdeg war de Rapport vun der Zentralbank nach net eraus. Mä do kënnst Der genau liesen op der Säit..., an ech ginn dem Här Wirtschaftsminister, deen dat a Fro gestallt huet de leschten Donneschdeg, wéi den Här Mosar en do-drop interpelléiert huet, ech ginn em ganz einfach Lektür vun Extraite vun der Säit 238 vun dem Bericht vun der Zentralbank, deen do heescht: «Remplacement de l'ICC», also vun der Gewerbesteier, «par un impôt communal additionnel sur le revenu. L'impôt commercial communal», schreift d'Zentralbank, «actuel pourrait être remplacé par un impôt complémentaire aux revenus des entreprises. (...) Cette idée avait été émise par le CÉS», also de Wirtschafts- a Sozialrot, «dans son avis de 1989 concernant la réforme globale de la fiscalité..» Ee vun de beschten Avisen, déi de Wirtschafts- a Sozialrot jee ofginn huet!

«Cette réforme de l'ICC», dat sinn d'Konklusiounen, also déi Iddi, déi d'CSV wëllt proposéieren, «pourrait présenter des avantages pour les différents acteurs concernés:»

Tiret 1: «- une amélioration de la transparence pour les entreprises (...)»

Tiret 2: «- une diminution de la charge administrative tant pour les entreprises que pour l'administration fiscale, (...)»

Tiret 3, an dat, mengen ech, sollte mer alle-gueren deelen: «- la promotion du Luxembourg à l'égard d'investisseurs étrangers serait facilitée en présence d'un seul impôt des sociétés,»...

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- War dat 1989?

(**Interruption**)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat hei ass e Rapport vun der Zentralbank, 2016, Här Statsminister.

...«ce qui est d'autant plus souhaitable en période de forte concurrence fiscale.»

Duerfir de Virschlag vun der CSV. A mir schafen, dat soen ech nach eng Kéier kloer an däitlech, wann een am Kontext vun enger Verbredederung vun der Steuerbase, wéi och ëmmer déi sollt ausgesinn, sollt Agencementen maachen un der Betriebssteuer, un der Gewerbesteier, fir d'Kompetitivitéit vun den Entrepreneuren ze erhalen, da schaffe mir an enger konstruktiver Aart a Weis mat. Ech ginn lech haut dat Versprechen.

(**Interruption par M. Eugène Berger**)

Mir waren do!

Iwwregens, Här Berger, bezuelen och - an huet dem Här Kersch dat mat! - d'Betriber Grondsteuer, oder virun allem d'Betriber! Et ass dach carrément absurd, wéi dat hei gemaach gëtt, dass dee klenge Mann misst elo mat der Grondsteuer bludde fir Steiergeschenker fir Entrepreneuren. Dëst ass total farfelu!

D'Grondsteuer bezilt éischters nëmmen deen, deen en Terrain oder en Haus iwwerhaupt emol besëtzt an, zweetens, d'Chiffere widerleeën déi Mär vum Här Kersch - oder gëtt se gedeelt vun engem Deel vu Sozialisten? - vun deene klenge Leit, deenen een an de Portemonni géif gräifen!

2014 - lauschtert dat gutt no! - war d'Gesamt-opkommes vun der Grondsteuer hei am Land, d'Gesamt-opkommes fir déi 2.600 km², 34 Milliounen Euro fir alles, dovunner 1,5 Milliounen - an Däitschland géife se soen „Milliöchen“ - Impôt foncier A, dat ass also fir sämtlech Lännereien, Bëscher an alles, wat gréng ass, oder aneschtens ausgedréckt: 4,3% vun der gesamter Grondsteuer; 7,6 Milliounen Euro vun deene 34 fir Wunnhauser oder 22% vun der gesamter Grondsteuer, an 18,8 Milliounen Euro fir d'Betriebsgebaier oder 55% vun der gesamter Grondsteuer; de Rescht, nach insgesamt 6% fir Constructions mixtes, also Betriber a Privates gemëscht, a 5% fir sougenannten erschlosse Bauplazen, déi awer net bebaut sinn.

Mat enger Erhéijung vun der Grondsteuer, déi zu 61% d'Betriber betrëfft, zu 5% meesch-tendeels privat Immobilienespekulanten... Well wann een eng Bauplaz ka leie loossen, net fir seng Kanner, mä wann een déi iwwer eng laang Zäit ka leie loossen, fir ze soen: „Ech kréien do méi wéi op der Bank“, dann ass dat engem säi gutt Recht. Mä da muss en och vun där Plus-value, déi en dovunner kritt, muss en och bereet sinn, fir en Deel, eppes un d'Allgemengheet ofzeginn. Domadder mécht ee keng Steiergeschenker fir d'Multinational.

Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi d'Regierung, oder Einzelner vun hinnen... Ech ka mer näämlech net virstellen, dass dat do vun der ganzer Regierung gedeelt gëtt. Dat ass ganz einfach grotesk! Et seet vill iwwert déi Manéier aus, mat där dës Regierung Politik mécht. Déi dréit och net onbedéngt zu hirer Kreditibilitéit oder zu der Kreditibilitéit vun eenzelne vun hire Membere bái.

D'Geschicht vum Grëff an de Portmonni vum klenge Mann, jo, dee kléngt ëmmer gutt! D'Zuele bewiesen awer an dësem Fall exakt de Contraire vun deem, wat behaupt gëtt.

Eng progressiv Verfënneffachung vun der Grondsteuer, wéi d'CSV se proposéiert huet, fir Propriétaire vu Wunnhauser, net déi vun Eegeheemer, géif dem Stat mëttelfristeg - nun haalt lech gutt un! - ganzer 28 Milliounen Euro, ech widerhuelen et, 28 Milliounen Euro méi erabréngen. Dat geet emol net duer, fir de Steierausfall ze bezuelen, deen d'Chamber haut de Betriber gëtt, andeems d'Bonification à l'investissement ëm 1% an d'Luucht gesat gëtt. Dat droe mer iwwregens mat.

28 Milliounen Euro ginn emol net duer, fir de Steierausfall ze begläichen, deen doduerch entsteet, dass d'Plus-values-Steier op Immobilie-verkeef - och dat hu mer matgedroen, mä d'LSAP huet deem och zougestëmmt - vun der Halschent op ee Véierel elo vum Taux global erofgesat gëtt.

28 Milliounen Euro ginn emol net duer, an dat ass ee Véierel nëmme vun der sougenannter Zukunftssteuer, déi dës Regierung och dem

Mindestlounbezéier ouni eegent Haus pro Joer opgebrummt huet!

28 Milliounen Euro ass net grad dat, wat dës Regierung de Klengspuerer méi, iwwer eng Erhéijung vun den Zësen op de Spuerkonten, aus der Täsch zitt!

D'CSV ass skandaliséiert, mat wat fir engen Argumenter hei eenzel Regierungsmembere versichen, d'Chamber an d'Leit aus reng parteipolitescher Ideologie hannert d'Liicht ze féieren! Et ass net deen éischten Dossier, wou dat geschitt, an et wäert och mat Sécherheet net dee leschte sinn!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- An et erstaunt dach net weéne, dass d'Regierung op eemol eng Reform vun der Grondsteuer - oder Einzelner vun hinnen - mat enger Finalitéit verbënnt. D'Grondsteuer ass eng Steuer, et ass eng Gemeengesteier! Et ass keng Tax. Et ass och keng Redevance! Duerfir kann ech och net higoen a soen, d'Grondsteuer géif reforméiert ginn, wann, wéi den Innenminister um Radio gesot huet, elo op eemol Seniorepolitik domadder géif bedriwwen ginn.

«L'impôt», Dir Dammen an Dir Hären, «n'a pas de contrepartie déterminée pour le contribuable». Eng Steuer, Dir Dammen an Dir Hären, däerf ebe keng spezifesch Finalitéit hunn. An dat ass och gutt esou. Oder féiere mer elo vum Tour de France an den nächste Gemeengewahleng Stroossesteier an, fir neie Belag op d'Stroossen ze schmieren? Féiere mer deemnächst eng Luuchtsteuer an, fir d'Luuchtepottoen, déi ofgeseet goufen, erëm opze-riichten?

► **Une voix**.- Très bien!

(**Brouhaha**)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Zu wat d'Finalitéit vun dëser Regierung féieren, huet déi sougenannt Zukunftssteuer, d'Zukunftssteuer bewisen: 200 Milliounen Euro doriwuer opgehuewe mat der Finalitéit fir Kannerbetreierung. Geet haut all Kand gratis an d'Crèche? Geet haut all Kand gratis an d'Maison relais? Menges Wëssens net! Eng Pompjeessteuer gouf agefouert op den Autoshafterlichten, fir den zukünfte Rettungsdéngscht, de CGDIS, ze finanzéieren. Gëtt et dee Rettungsdéngscht ewell? Neen! De Gesetzesprojet ass emol nach net vun dem Stats-rot a senger definitiv Fassung aviséiert.

Här President, fir d'LSAP, déi fir d'Neesaféierung vun der Verméigenssteuer, fir eng Räichesteuer, jo, souguer fir eng lerschaftssteuer an direkter Linn agefouert war, schéngt d'Grondsteuer elo an der Regierung awer keen Thema méi ze sinn. Well wéi ass et ze verstoen, dass si d'lescht Woch géint eng Motioun vun der CSV gestëmmt huet, fir précisément d'Grondsteuer ze reforméieren? Verstéi do wie wëllt!

D'LSAP stëmmt bei der Grondsteuer géint hir eege Wahlversprechen, géint de Regierungsprogramm vu Gambia.

D'CSV steet zu hirem Wahlprogramm! Mir si géint eng Verméigenssteuer. Mir si géint eng Räichesteuer. Mir si géint eng lerschaftssteuer an direkter Linn. Mir sinn...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- ...de Spëtzesteiersaz wollten ausweiden.

(**Interruptions diverses**)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Mir si fir eng Reform vun der Grondsteuer, déi de reelle Wäerter vun den Immobilie Rechnung dréit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Här Roth, dierf ech lech just eng Fro stellen?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Dir hutt jo elo en Deel vun Ärem Wahlprogramm zitëiert, mä Dir hutt net deen zitëiert iwwert d'Betriebsbesteuerung. Ech wär frou, wann Der deen och géift zitëieren! Wann Der en net bei lech hutt, ech hunn en hei: „Wir streben keine generelle Erhöhung der betrieblichen Steuerlast an.“

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Majo duerfir hu mir jo...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- An haut froet Der just de Contraire! Dir froet näämlech, dass se nach méi wäit erofgesat gëtt.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Neen, dat do... Ma neen! Et ass jo...

(**Brouhaha**)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Gelift?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Well et ass richtig, an dozou sti mer! Mir wëlle keng Erhéijung vun

der Betriebssteuer, duerfir stëmme mer Är Senkung mat. A mir hu Propose gemaach, wéi een an Zukunft de BEPS-Diskussioun géif Rechnung droen am Kontext vun enger...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dir stëmmt se mat, dat ass gutt ze wëssen!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Jo! (**Interruptions**)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Neen, ech verstinn net, wou do... Ech verstinn do net, wou eng Divergenz ass.

(**Brouhaha**)

Här President, sechste Punkt! D'CSV ass géint eng lerschaftssteuer an direkter Linn.

► **Plusieurs voix**.- Mir och!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Da si mer eis do eens. Mir sinn der Meenung,...

(**Hilarité et interruptions**)

Mir sinn der Meenung,...

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Mir sinn der Meenung, Här President - Merci! -, dass een den Tarif vun der lerschaftssteuer awer sollt op de Leescht huelen, vun dem Droit de succession. Deen ass zanter 1984, also méi wéi 30 Joer, net méi ugepasst ginn.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Fir wat dann?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat, wat d'Leit do-baussen, Madamm Loschetter, net wëssen - neen, dat hei soll ee seriö soen -, dat, wat d'Leit do-baussen net wëssen, ass, dass, wann een ierft ouni Verwandschaftsgrad, ee jee no Wäert vun Immobilie bis zu 48% Droit de succession bezilt. Haut liewen, besonnesch am Alter, awer oft Leit zesummen ouni Verwandschaftsgrad, well se dat opgrond vun hirer Liewensvergangenheet vläicht net esou wëllen, an dat soll een och respektéieren. A wann dann iwwer Testament verierft gëtt, da kënnst et oft emol zu ganz bësen Iwwerraschungen. Firwat? Mä de Wäert vun den Immobilien vun 1984, also vu virun 30 Joer, ass net vergläichbar mat deem Wäert vun haut, an da kënnst et ganz séier oft zu ganz héijen, séier héije Steiersätz.

Et ass duerfir d'Suggestioun vun der CSV, fir mat de Vertrieder vun Enregistrement, well si sinn duerfir zoustänneg, dës Problem a Rou ze kucken an da gegebenenfalls dës Tabell eng Kéier unzepassen.

Här President, e siwente Punkt: Am Telegrammstil zum Schluss d'Positionen vun der CSV zu enger Rei vu Moosnamen aus dësem Gesetzesprojet. D'CSV fënnt d'Iddi vun der optionaler Individualbesteuerung - et ass e komplizéiert Wuert - gutt. Et geet awer net duer, fir ze soen: „Mir maachen domadder eng modern Steuerreform.“ Et muss een d'Leit och, mengen ech, éierlech iwwert d'Vir- an d'Nodeeler vun dëser Individualbesteuerung opklären. Wichtig ass, dass mat där Méiglechkeet jiddwereen an engem Stot fir seng eege Steieren eigentlech responsabel ass.

Bei Beamten a bei Salarié gëtt d'Steier dann direkt mat dem Monatsgehalt ofgehalen. Et verdéngt een dee Moment mat senger Pai netto manner, mä et brauch een deemtgeéint duerfir keng oder manner Avancé méi ze bezuelen. Mä et bezilt een, an dat soll een och kloer soen, duerch d'Individualbesteuerung eigentlech an der Regel ëmmer méi Steieren, wéi wann een zesumme besteiert gëtt, zesumme veranlaagt gëtt. Et sief, de Stot deklaréiert, an d'Gesetz gesäit déi Méiglechkeet vir, dass et hallef an hallef, exakt hallef an hallef opgedeelt gëtt. D'Gesetz, wéi gesot, erlaabt et.

Bei der Haftung fir d'Steierschold, an dat soll een awer de Leit do-baussen och kloer esou soen, dat heescht, beim Bezuele vun der Steierschold funktionéiert den neie System bei engem Regimm vun der sougenannter Séparation des biens, also enger Gütertrennung. Do funktionéiert dat, well jiddwereen och säin eegent Verméigen huet. Bei enger Gütergemeinschaft, enger Communauté universelle dogéint mag wuel jiddwereen eenzel am Stot fir seng Part Steieren da responsabel sinn, mä am Endeffekt, wann een Ehepartner net bezilt, zum Beispill am Fall, wou eng Scheedung sech ubaant, gräift am Endeffekt d'Verwaltung awer op déi net bezuelte Part vun der Gütergemeinschaft, vun der Communauté universelle zrëck, fir d'Steierschold anzedreiwen.

Ech mengen, et ass esou, mä et soll een de Leit dat och - Här Finanzminister, Dir nickt -, dat



soll een de Leit och esou soen. Et wier duerfir gutt, wann d'Leit mat einfache Beispiller iwwert de Regimm vun der optionaler Individualbesteuerung, hir Vir- an Nodeeler, géifen informéiert ginn, zum Beispill iwwert den Internetsite vun der Steierverwaltung oder deem, deen Der opgemaach hutt, vun der Réforme fiscale.

Här President, aachte Punkt, iwwert d'Steierklass 1A scheede sech zanter 1990 d'Geeschter, méi laang wéi geschloe 25 Joer. Dese Regimm ass seinerzeit agefouert gi fir déi Leit, déi gescheet goufen a Kanner à charge haten. Firwat deemools dës eege Kategorie? Mä well et vir-drün zu Abuse koum, dass d'Leit sech reieweis scheede gelooss hunn an awer weider zesumme gewunnt hunn, well se an deem Fall allen zwee an enger Koppel an trotz Scheedung vun der Steiermoderatioun fir Kanner weider konnte profitéieren. A si hate seinerzeit, bedéngt och duerch déi héich Spëtzesteiersatz, enorm steierlech Avantagen.

Steierrechtlech gesinn - ech weess, dass dat de Leit dobausse schwéier ze vermëttelen ass - dierft et eigentlech just eng Steierklass 1 an eng Steierklass 2 ginn. Den Här Gramagna hat et versicht, wéi d'Pétitionnaires hei waren. Et war net ganz gutt ukomm. Mä hien hat awer an der Saach recht.

Deemools war also d'Steierklass 1A ënner politeschem Drock als Zwëscheléisung agefouert ginn, well se hunn alleguer gesot: „Im Handumdrehen haben sie Witwen zu Junggesellen gemacht.“ Nu ginn et mëttlerweil awer nient de Wittleit enorm vill Elengerzéier, déi och an der Steierklass 1A besteiert ginn, an doniewent selbstverständlech och nach allegueren, wéi ech virdu gesot hunn, d'Wittleit, déi dräi Joer nom Doud oder nom Ofliewe vun hirem Partner och automatesch vun der Steierklass 2 an d'Steierklass 1A falen.

Als Wittleit, wa se zu zwee zesumme geschafft hunn, krée se nom Doud vun hirem Partner duerch de Cumul vun der Eeependensioun mat der Witwepensioun eigentlech méi wéi déi eege Rent, déi jiddweree virdrün am gemeinsame Stot hat. Ech betounen: d'Eegerent. Dës méi héich Pensiou gëtt dann an der Eischt favorabel besteiert an der Steierklass 2. An no dräi Joer kënn dann de Mann mam décken Hummer, well fir déiselwecht Bruttopenσιoun, cumuléiert Pensiou, eigentlech méi en héije Steiersaz applizéiert gëtt. D'Leit hunn also netto manner Pensiou.

Dëst ass e sensibele Sujet. Eng richtig Gerechtegkeet fënn een net. De Gesetzesprojet gesäit hei eng Rei vun Adaptatiounen am Interessi vun den Elengerzéier vir. Dës gi fir eis an déi richtig Richtung an dat ass gutt esou. A mir ënnerstëtzen dat och ausdrécklech.

Mir soe gradesou daitlech, dass d'CSV proposéiert, dorivwer eraus d'Iwwergangszäit vun der Steierklass 2 an d'Steierklass 1A vun dräi op fënnf Joer auszudeenen. Ech soen awer riichteraus: Dat ass eng Propos. Mir hu keng genau Aschätzungen dovunner, wat de Steierausfall géif ausmaachen. Mä wann déi Propos och sollt vun der Regierung gedeelt ginn, kéinte mir mat op dee Wee goen.

Här President, néngten an ee vun de leschte Punkten: De Gesetzesprojet gesäit eng Rei vun Annerunge vir um Niveau vun der Besteuerung vun de sougenannten „Non-résidents“. Betraff sinn direkt oder indirekt eng ronn 160.000 Frontalieren. Richtig ass, dass an der Vergaangenheet eng Rei Upassungen un dem Besteuerungsregimm vun den Non-résidents gemaach goufen, fir am Aklang mat der europäescher Rechtsprechung ze sinn. Ech war selwer Rapporteur vun etleche vun deene Projeten. Änlech iwwregens - an dat ass richtig gesot gi vun der Madamm Elvinger a vum Här Berger -, wéi mer d'Familljenzoulagen an och d'Studentebäihëllef ganz einfach mussen opgrond vun der europäescher Rechtsprechung fir déi Leit an d'Ausland exportéieren.

Mä loosse mer et och riichteraus soen: Duerch déi verschidden Adaptatiounen an dem Steiergesetz si Situatiounen entstanden, an dat solle mer och daitlech soen, wou de Frontalier heiansdo besser ewechkënn wéi eng vergläichbar Situatioun vun engem Lëtzeburger hei am Land. Resultat: Frontalieren a Lëtzeburger gi gläich besteiert, mä eng Rëtsch vu Frontaliere kommen an Zukunft... duerch déi Gläichbesteuerung vu Lëtzeburger a Frontalieren, wéi Dir se virschlot, kommen eng Rëtsch vu Frontaliere manner gutt ewech wéi déi Situatioun, wéi se se virdrün oder bis haut kannt hunn.

Et ass dach schonns en Ënnerscheid, ob ee Fransous d'Steierklass 2 krut, wa 50% vun der Revenue vum Ménage zu Lëtzeburg verdéngt

gi sinn. An Zukunft kritt een déi Steierklass an der Regel nëmme méi, wann 90% vun de Revenuen aus dem Stot zu Lëtzeburg verdéngt ginn. An de Problem stellt sech - dat ass jo och illustréiert ginn, ech mengen, vun de Gewerkschaftsvertreder, zu Recht iwwregens -, dass am Fall vu Renten dat kann zu Schwierigkeete féieren, well deem een dann, loosse mer soen, wann en 80% vu senger Rent zu Lëtzeburg kritt, e kritt 20% zu Thionville, jo da kënn en net op déi 90%, fir d'Steierklass 2 wéi bis elo ze kréien.

D'CSV steet, soe mer riichteraus, zu enger Gläichbehandlung vu Frontalieren a Lëtzeburger. Et dierft net zu enger Diskriminatioun kommen, mä och net zu enger Discrimination à rebours, wou Frontalieren en Advantage hätte par rapport zu de Lëtzeburger.

Dat ass e sensibelt Thema. Lëtzeburg huet eng dominant Positioun an der Groussregioun. Dovunner profitéieren och Leit iwwert d'Grenzen eraus. Mä eist Land, solle mer och kloer an daitlech soen, huet och deenen 160.000 Frontalieren, déi mer elo hunn an déi mer virdrün haten, vill ze verdanken.

An d'CSV verschléisst sech op deem Punkt net eenzelnen Upassung vun dem Gesetzesprojet op deem Plang, wa se sollten néideg ginn, Här Minister.

Här President, zéngte Punkt: Steierbedruch, an d'Madamm Elvinger huet et gesot, dat ass kee Kavaliersdelikt. D'CSV dréit do déi nei Strofbestimmung mat, wouduerch an Zukunft nieft der sougenannter „escroquerie fiscale“ och eng „fraude fiscale aggravée“ an d'Stroferecht fält, dat heescht, op gutt Lëtzeburger gesot, wann ee 25% oder méi vu senger Steiere stréppt, déi eigentlech geschëllt sinn, mä dat muss iwwert de Montant vun 10.000 Euro insgesamt erausgoen.

Den neie Regimm - fannen ech op deem Punkt, fanne mir op deem Punkt - ass kloer. Fir eng Fraude fiscale simple, déi bis elo zum Deel awer am Penal war, bleift et an Zukunft, an dat ass och gutt esou, bei enger administrativer Strof. Well wat zielt bei de Steieren? Ma virun allem, dass de Stat déi Suen, déi geschëllt sinn, erakritt, a bei méi schwéiere Steierdelikter spillt och zu Recht de Penal. Dëst steet och, mengen ech, eis international gutt zu Gesiicht.

An ech soen et och kloer an daitlech, Här President, d'CSV begréisst an deem Kontext ausdrécklech dem Finanzminister seng Efforten op internationalem Plan, déi en iwwert déi lescht dräi Joer mécht. An dat ass net ëmmer ganz einfach. E mécht dat diplomatesch, mä e mécht dat mat där néideger Häert an e mécht et gutt fir méi Transparenz am Austausch vu Steierinformatiounen. D'Zäiten, dat solle mer och soen, déi hu sech geännert. Eist Land - a fir et diplomatesch och auszudrécken -, eis Finanzplaz, déi Instrumenter, déi se nach viru 15 Joer gebraucht huet, brauch se haut net méi. Si huet sech gutt adaptéiert.

Här President, eelefte Punkt - et sinn nach zwou Säiten -, den Taux vun der Zënsbesteuerung fir Leit, déi hei zu Lëtzeburg wunnen, geet vun elo 10% op 20% an d'Luucht. Dat heescht konkret a vereinfacht gesot, dass bei engem Zëssaz vun 1% an engem ugespuerte Kapital, fir et einfach ze soen, vu 25.000 Euro 20% Steieren op Zësen elo ofgehale ginn. Dës Moossmat krée virun allem Klengspuerer, déi net an déi sougenannt „produits structurés“ investéiere kënnen, opgebrummt, well do fält keng Steier un.

Eng Alternativ wier gewiescht, de Besteuerungssystem vun Zësen an Dividenden unzegläichen an zum Beispill Zësen an Dividende forfaitaire mat 15% ze besteieren. Mä mir stellen awer déi Moossmat do, ech soen et och kloer an daitlech, net a Fro.

(Interruption)

Jo.

Här President, zwoelfte Punkt: D'Unhiewe vun de Plaffonge fir d'steierlecht Ofsetze vun de Scholdzësen am Wunnensbau respektiv vun Zousazversécherungen dréit d'CSV mat. Beim Wunnensbau, ech soe just beim Wunnensbau, hätte mir eis awer kënn virstellen, dass d'Frist, wou een d'Scholdzësen nëmme méi plafonéiert kann ofsetzen, schonns ufängt ze lafen, wann de Prêt fir d'Haus liquidéiert gëtt an net erëischt, wann een am Haus wunnt. Dëst aus sozialer Gerechtegkeet. Firwat?

Mä een, deem d'Méiglechkeet huet, fir net mussen direkt a säin neit Haus eranzuplënnere, dee setzt esou laang näamlech sämtlech Scholdzësen vun dem Prêt of. An am Ufank ass dee Prêt natierlech vill méi héich, well déi gesamt Zëse lafen op deem volle Montant vum Prêt op. A Leit, déi sech net parallel kënnen zwou Wunnenge leeschten, déi kënnen dat net.

Duerfir wier eis Propos op deem Punkt, fir ze soen, dee Moment, wou de Prêt liquidéiert

gëtt, do fänken déi fënnf Joer un, wou deem héije Montant vun dem Abatement a Fro kënn, an dann all Kéiers progressiv ab deem Dag manner.

Här President, dräizéngte Punkt: Wat d'Betriebsbesteuerung ugeet - ech ginn do méi séier derduerch, well den Här Mosar d'lescht Woch schonn eis Vuen dozou gesot huet -, ginn d'Adaptatiounen, déi gemaach goufen, mengen ech, zum groussen Deel an d'Fuerderunge vun dem Secteur eran, ob dat den Amortissement accélééré ass, d'Transmissioun vun den Entreprises, d'Eropsetze vun der Bonification à l'investissement, déi mer matdroen. Déi progressiv Ofsenkung vun dem Tarif, Här Schneider, droe mer och selbstverständlech punktuell mat.

D'CSV ass awer der Meenung, dass, sécherlech, bei der Bonification d'impôt de Steiersaz elo emol eropgeet, an der Vergaangenheet ass en och erëm ënner CSV-Ministere emol erofgesat ginn, dat geet also hin an hier. Mir maachen lech awer do kee Virwurf, well dat passt sech jeeweils no der jeeweileger Situatioun un. Dat wourop ee soll oppassen, dat ass, dass déi Bonification à l'investissement net mëssbraucht gëtt, fir aner Saachen dorivwer ofzesetzen iwwer Gesellschaften, fir déi se wierklech geduecht sinn. Ech soen dozou net méi.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Bei dem Eropsetze vun der Mindeststeuer... Et war eng Iddi vun der LSAP och ënner fréierer Regierung. Ech muss ganz éierlech soen, deemools ware mir, an ech mengen, och d'Ministere ware relativ skeptesch. Dat huet sech erweisen, dass dat eigentlech keng gréisser Steierausfall mat sech bruecht huet. Dat kënn mir matdroen. Ech ginn dovun aus, dass och d'Kompetitivitéit do mat gedroe gëtt (veuillez lire: do mat gekuckt ginn ass). Dat fannen ech eigentlech eng gutt Iddi, well et gëtt och no bause vermëttelt, dass jiddweree, och vun de Betriber zu Lëtzeburg, eng Steier bezilt.

Véierzéngten a leschte Punkt, kuerz: Eng Rei Upassung goufe gemaach um Plang vun de sougenannten „Sonderausgaben“, also den Dépenses spéciales oder wéi een déi och ëmmer wëllt nennen: manner steierlech Ofsetzbarkeit vun de Scholdzësen op de Konsumkreditter, wann een alles zesammenzielt, méi steierlech Ofsetzbarkeit vun de privaten Zousazversécherungen, drëtte Piliere - ass och eng gutt Saach. Dat fënn ee gutt oder net. Mir fannen dat gutt. Si si vun der Regierung motivéiert a mir ginn och dovun aus, dass déi Motivatioun, déi derbäi war, an déi richtig Richtung geet.

Generell ass awer d'CSV der Meenung, dass d'Chamber sollt all Joers e genaue Rapport kréien iwwert den Déchet fiscal vun eenzelnen Abatementen an engem schrëftlechen Evaluierungsbericht, wéi déi gräifen. An dee sollt eigentlech de Budgetsdokumenter - dee Rapport d'évaluation - mat bäigeluucht ginn. Ech mengen, dat ass keng halsbriecheresch Aarbecht, mä et gëtt méi Transparenz, ier een iwwert de Budget ofstëmmt.

Zur Konklusioun, Här President - ech hat gemengt, ech wier a 50 Minutte fäerdeg, ech si mëttlerweil bei 66 -, d'CSV begréisst,...

(Interruptions)

D'CSV begréisst, dass et zu enger Steierreform kënn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - D'Offlaache vun dem Mëttelstandsbockel an d'Afféierung vun de Steierkreditter fir Niddregverdénger huet d'Regierung, ganz éierlech gesot, gutt gemaach.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - D'Berechnunge vun dem Käschtepunkt, déi sinn an eisen Ae falsch. Fir d'CSV léien do d'Zuele vun der Zentralbank net! D'CSV huet oder huet versicht, mat méi oder manner grousssem Succès, a 14 Punkte konkret Alternativvirschléi ze maachen. Dräi dovunner, Här President, si fir d'CSV net négociabel:

1. en Erhéije vun dem steierbefreiten Agangsmontant vun 11.265 Euro op 12.000 Euro pro Joer,

2. d'Asetze vun de Spëtzesteiersatz vun 41% ab engem Akommes vun 125.000 Euro an der Steierklass 1, 250.000 Euro an der Steierklass 2, also an engem Stot, respektiv 42% fir dat Akommes, wat méi héich ass wéi 150.000 Euro an der Steierklass 1. Dat sinn 300.000 Euro an der Steierklass 2,

3. d'Ofschafe vun der Steiercirculaire iwwert d'„stock-options“ mat gegebenenfalls engem befristeten Auslafregimm, deem engem Gesetz a virun allem strikte Konditiounen ënnerläit.

Duerfir, Här President, iwwerreechen ech lech wéi ugekënnegt am Numm vun der CSV-Frak-

tioun Amendementer fir eis Tariffvirschléi an eng Motioun fir d'Ofschafe vun der Steiercirculaire iwwert d'„stock-options“. Sollten dës dräi Fuerderungen net erfüllt ginn, wäert d'CSV dës Steierreform net stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

Amendement 1

L'article 1^{er}, point 14^e est modifié comme suit:

«Article 118

L'impôt sur le revenu est déterminé en fonction du revenu imposable ajusté au sens de l'article 126, conformément aux dispositions des articles 119 à 121 et 124 sur la base du tarif suivant:

0% pour la tranche de revenu inférieure à 12.000 euros

8% pour la tranche de revenu comprise entre 12.000 et 13.137 euros

9% pour la tranche de revenu comprise entre 13.137 et 15.009 euros

10% pour la tranche de revenu comprise entre 15.009 et 16.881 euros

11% pour la tranche de revenu comprise entre 16.881 et 18.753 euros

12% pour la tranche de revenu comprise entre 18.753 et 20.625 euros

14% pour la tranche de revenu comprise entre 20.625 et 22.569 euros

16% pour la tranche de revenu comprise entre 22.569 et 24.513 euros

18% pour la tranche de revenu comprise entre 24.513 et 26.457 euros

20% pour la tranche de revenu comprise entre 26.457 et 28.401 euros

22% pour la tranche de revenu comprise entre 28.401 et 30.345 euros

24% pour la tranche de revenu comprise entre 30.345 et 32.289 euros

26% pour la tranche de revenu comprise entre 32.289 et 34.233 euros

28% pour la tranche de revenu comprise entre 34.233 et 36.177 euros

30% pour la tranche de revenu comprise entre 36.177 et 38.121 euros

32% pour la tranche de revenu comprise entre 38.121 et 40.065 euros

34% pour la tranche de revenu comprise entre 40.065 et 42.009 euros

36% pour la tranche de revenu comprise entre 42.009 et 43.953 euros

38% pour la tranche de revenu comprise entre 43.953 et 45.897 euros

39% pour la tranche de revenu comprise entre 45.897 et 100.002 euros

40% pour la tranche de revenu comprise entre 100.002 et 125.000 euros

41% pour la tranche de revenu comprise entre 125.000 et 150.000 euros

42% pour la tranche de revenu dépassant 150.000 euros.»

Commentaire

Il est proposé d'accentuer la dimension sociale de la réforme:

- le minimum tarifaire exempté sera augmenté à 12.000 euros pour se rapprocher d'une exemption du revenu minimum garanti,

- les nouvelles tranches d'imposition de 41 pour cent et 42 pour cent s'appliqueront à partir d'un revenu imposable annuel de 125.000 euros respectivement de 150.000 euros.

Dans son avis relatif aux projets de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020, la Banque centrale de Luxembourg note en effet que l'impact de la réforme sera positif pour une très grande majorité de contribuables (99,5%) et profitera donc également à des revenus très élevés allant jusqu'à 278.000 € en classe 1 et 556.000 € en classe 2.

La moins-value fiscale résultant de l'augmentation du minimum tarifaire combinée aux nouvelles tranches d'imposition de 41 respectivement 42 pour cent se chiffre, d'après nos calculs à quelque 20.000.000 euros en 2017.

Le déchet fiscal résultant de notre proposition sera plus que neutralisé par l'abrogation de la circulaire du directeur des contributions L.I.R. n°104/2 du 20 décembre 2012 concernant le régime d'imposition des plans d'option sur acquisition d'actions, dont les moins-values fiscales se situent dans une fourchette comprise entre 100 et 300 millions d'euros.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

**Amendement 2**

L'article 1^{er}, point 15° est modifié comme suit:

«Article 120bis

L'impôt à charge des contribuables de la classe 1a est déterminé par application du tarif au revenu impossible ajusté réduit de la moitié de son complément à 45.060 euros, sous réserve que le taux d'accroissement maximal ne puisse pas dépasser 39% pour la tranche de revenu comprise entre 37.842 euros et 100.002 euros, 40% pour la tranche de revenu comprise entre 100.002 euros et 125.000 euros, 41% pour la tranche de revenu comprise entre 125.000 euros et 150.000 euros et 42% pour la tranche de revenu dépassant 150.000 euros.»

Commentaire

L'article 120bis est modifié à l'instar de l'adaptation tarifaire proposé dans l'amendement 1. En effet, afin de rapprocher la progressivité de l'impôt de la classe 1a de celle en classe 1, il est ajouté une limitation restreignant le taux marginal à un maximum de 39% pour les revenus imposables inférieurs à 100.002 euros, à 40% pour les revenus entre 100.002 euros et 125.000 euros, à 41% pour les revenus entre 125.000 euros et 150.000 euros, et à 42% pour la tranche dépassant le revenu de 150.000 euros.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Amendement 3

L'article 1^{er}, point 21° est supprimé.

Commentaire

Dans un esprit de développement de la mobilité durable, de réduction des émissions de CO₂ dans le secteur des transports et d'amélioration de la qualité de l'air en raison de la réduction des NO_x, escomptée, de même que pour des raisons d'équité sociale, il est proposé de faire bénéficier toute personne éligible d'une aide financière directe à la place d'un abattement fiscal réservé à certaines classes de revenus seulement.

En toute logique, l'article 1^{er}, point 21° introduisant l'abattement «pour mobilité durable» (nouvel article 129d) de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu) est supprimé et remplacé par une aide financière directe de 2.000 € pour une voiture automobile de personnes à zéro émissions de roulement qui fonctionne exclusivement à l'électricité ou exclusivement avec une pile à combustible à hydrogène immatriculée au Grand-Duché de Luxembourg après le 31 décembre 2016. Les autres conditions à remplir pour bénéficier de l'aide financière seront déterminées par règlement grand-ducal.

En ce qui concerne les cycles à pédalage assisté et cycle acquis après le 31 décembre 2016, une aide financière de 120 € est accordée aux acquéreurs dans des conditions à déterminer par règlement grand-ducal.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu la circulaire du directeur des contributions directes L.I.R. n°104/2 du 11 janvier 2002 concernant le régime d'imposition des plans d'option sur acquisition d'actions («stock option plans»),

- vu l'intention du Gouvernement précédent de réaménager le régime fiscal des «stock options» en ce qui concerne son champ d'application,

- que la circulaire du 11 janvier 2002 a été remplacée par une circulaire du directeur des contributions directes du 20 décembre 2012,

- que le Conseil d'État considère préférable d'asseoir le régime fiscal des «stock options» sur une base légale plus solide,

- qu'il a été suivi en cela par certaines chambres professionnelles qui ont par ailleurs suggéré de transformer le régime fiscal des «stock options» de manière à en faire un régime d'imposition avoisinant celui des salaires et traitements,

- vu l'article 101 de la Constitution disposant que les privilèges, de même que les exemptions ou modération d'impôts sont une matière réservée à la loi,

- considérant que les «stock options» échappent à la progressivité du barème d'imposition,

- considérant qu'il convient de revoir ce régime d'imposition pour des raisons d'équité sociale,

invite le Gouvernement

- à provoquer l'abrogation de la circulaire du directeur des contributions directes du 20 décembre 2012,

- à mettre en place, de manière transitoire, un régime de «phasing out» du régime d'imposition des «stock options» actuel, et

- à instaurer des incitatifs fiscaux encourageant l'investissement des entreprises dans la recherche

et l'innovation et tenant compte des critères de substance que doivent remplir ces entreprises.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Motion 2

La Chambre des Députés,

constatant

- que le Gouvernement précédent avait introduit une prime pour la promotion des véhicules électriques purs et des véhicules électriques hybrides chargeables de l'extérieur à faibles émissions de CO₂,

- que ce régime avait bénéficié à toutes les personnes physiques, indépendamment de leur niveau de revenu,

- que ce régime n'a pas été prolongé au-delà du 31 décembre 2014,

- que le projet de loi n°7020 portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 vise à présent à accorder un abattement pour «mobilité durable» excluant de ce fait de nombreuses personnes du bénéfice de ce type de mobilité,

invite le Gouvernement

- à mettre en place, dans un esprit d'équité sociale, un régime de subventionnement direct (prime) au lieu d'un subventionnement indirect (abattement) en matière de mobilité durable.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Roth. An nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här Président. Ech wëllt fir d'Éischt mat engem Merci och ufänken un d'Joëlle Elvinger. Mir wëssen, datt si Expert an der Matière vun de Steieren ass. Si mécht jo des Éfteren et Rapporten zu deem Sujet, mä ech mengen, hei huet si och wierklech bewisen, datt se déi Matière kennt an datt si wierklech déi idéal Persoun war, fir dëse Rapport ze maachen.

Här Président, dës Steuerreform bréngt net nëmme Steuererlichterunge fir déi breet Bevëlkerung, mä dës Steuerreform bréngt virun allem dättelech méi Gerechtegheet. Si bréngt méi Gerechtegheet, well virop d'Mëttelschichten entlaascht ginn, déi de Moment iwwerproportional belaauscht ginn. Si stäipt och besonnesch d'Elengerzéier, well dës Bevölkerungsgrupp besonnesch dem Aarmutsrisiko ausgesetzt ass. A si ënnerstëtzt geziilt déi Jonk, déi, wéi een dat esou schéi seet, an der „Rushhour“ vun hirem Liewe sinn, déi eng Famill grënnen, déi sech wellen eng eege Wunneng leeschten an déi also hei och ënnerstëtzt ginn, gradesou natierlech wéi och all aner Leit, déi sech wellen en Eegenheem leeschten.

Et sinn dës Menschen, op déi d'DP bei dëser Steuerreform besonnesch Wäert geluecht huet. An et sinn duerfir och dës Leit, déi besonnesch vun eiser Steuerreform wäerte profitéieren. Duerfir kann d'DP dës Steuerreform och mat zwou Hänn ënnerschreiven, ëmsou méi well se och kloer mat eis Handschrëft dréit.

An Dir wësst jo, d'DP huet jo praktesch an hire DNA stoen, datt se eng Partei ass, déi fir maner Steieren a fir méi gerecht Steieren asteet. Mir hunn dat och regelméisseg an eise Wahlprogrammer geschriwwen. An ech si frou, datt mer mat de Koalitionspartner dës grouss Reform an eis Agenda, an eise Koalitionssaccord geschriwwen hunn an elo no zwéi Joer Preparatioun dann och kënnen ëmsetzen.

Ech mengen, an der Vergaangenheet ass sécher méi wéi eng Kéier vun enger grousser Steuerreform geschwat ginn. Et waren och déi eng oder aner Usätz, ech denken un 2008, 2009, et ass vill dru geduecht ginn, et ass regelméisseg dovunner geschwat ginn. Mir hunn net nëmme vun enger grousser Steuerreform geschwat, mir liwwere se elo och!

Wat sinn déi Haaptelementer vun dëser grousser Reform? Ech hat et scho kuerz a menger Introductioun gesot, ech wëll awer elo e bëssen an den Detail goen. Ech mengen, dat, wat wierklech fir eis e ganz wichtege, vläicht dee wichtegste Punkt ass, datt ass, mir wëllen d'Kafkraaft vun de Mëttelschichten dättelech stäerken. An duerfir hu mer ënner anerem d'Steiertabell, de Steuerbarème adaptéiert, dat heescht, eigentlech fir déi vill Stéit aus der sougenannter Mëttelschicht. Wien ass dat? Ma, dat sinn all déi Leit, déi och e bëssen d'Réckgrat vun eiser Economie sinn, dat sinn déi kleng an déi mëttel Akommessen, fir déi hu mer gekuckt an dëser Steuerreform, datt se fir déi am meeschte gräift.

Fir dat ze illustréieren, zwéi Beispiller: Eng jonk Famill mat engem Kand, mat engem Akommes zesumme vu 60.000 Euro brutto d'Joer - ech mengen, dat ass eppes, wat et awer hei zu Lëtzebuerg ganz vill gëtt -, déi och nach eventuell e Bausparvertrag hunn, déi hunn no der Re-

form, déi mer elo hei wäerte maachen, 1.466 Euro brutto, also netto méi an der Täscher, bezuelen also, wann een dat a Prozenter ëmrechent, 55% manner Steieren zum Schluss vum Joer.

En anert Beispill aus enger anerer Kategorie: Eng pensionéiert Koppel mat engem Akommes zu zwéi vu 54.000 Euro brutto d'Joer - ech mengen, dat ass awer och eppes, wat ee ganz vill kennt -, ma déi bezilt ab deem nächste Joer nach just 718 Euro Steieren, oder déi bezuelen d'nächst Joer 718 Euro manner Steieren d'Joer, an dat sinn dann, ëmgerechent a Prozenter, 22% déi se do manner u Steiere bezuelen, eleng nëmmen duerch de Barème. Wa se nach aner Elementer hunn, kënn dat nach dobäi.

E lescht Beispill: E Jonggesell an der Steuerklasse 1, mat engem monatleche Brutto vun 3.500 Euro, bezilt an Zukunft am Joer 1.222 Euro genau Steiere manner oder, a Prozenter ausgedréckt, 25%, also e Véierels manner Steieren d'nächst Joer.

Dat waren also e puer Beispiller. Ech mengen, et ass jo och um Site vum Finanzministère, wou een eng flott Tabell huet, wou een dat ka rechnen.

An och fir et awer nach eng Kéier ze illustréieren, datt mer wierklech gekuckt hunn, fir grouss Efforten ze maachen, fir bei deenen ënneschte Gehälter do e Plus ze maachen, hei nach zwou Zuelen: Een, deen de Mindestloun huet an der Steuerklasse 1, bezilt an Zukunft 63% manner Steieren. Een, deen de qualifizéierte Mindestloun huet, bezilt 42% manner Steieren.

An ech mengen, dat kann een awer hei nach eng Kéier ënnersträichen: Mir haten nach ni esou eng sozial gerecht Steuerreform zu Lëtzebuerg, och well mer eppes ganz Neies aféieren, an zwar de sozial gestaffelte Crédit d'impôt salarial, de sougenannten CIS, mir kennen deen alleguerten. Well op där enger Säit verduebele mer carrément deen CIS vun 300 op 600 Euro fir déi ënnescht Gehälter, respektiv fir déi Leit, déi och keng Steiere bezuelen. Da geet e progressiv erof. A bei 80.000 Euro brutto d'Joer wäert en da komplett auslafen. Ech mengen, dat ass an eisen Aen och eppes, en Akzent vu sozialer Gerechtegheet.

Fir méi Gerechtegheet ze suergen, sinn awer och Tauxen uewen derbäikomm, nämlech vun 41% bei engem Akommes vun 150.000 Euro brutto d'Joer an 42% bei engem Akommes vun iwwer 200.000 Euro brutto d'Joer.

Et ass also eng cibléiert Steuerreform, well d'Erlichterunge sech op déi kleng a mëttel Akommesse konzentréieren an den Effekt no uewen net ganz ewechfält, mä awer no uewe ganz staark verlaacht.

An da wëilt ech och, ech hoffen, datt den Här Roth nach hei ass...

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo, ech sinn nach do.

► **M. Eugène Berger (DP).**- En ass nach do. Ech muss awer och soen, ech wëll hei begréissen, datt déi gréisst Oppositionspartei, am Numm vum Här Roth, sech hei konstruktiv an déi Diskussioun abruecht huet.

Ech muss awer op där anerer Säit och eppes e bësselche bedauern, Här Roth: Dir hutt eng Rei Virschléi hei gemaacht, d'Reform ass elo am Februar, März presentéiert ginn, Dir hutt elo eng Rei Proposen hei abruecht. Ech hätt liwwer gehat, och als President vun der Cofibu, wann Der déi Proposen éischter abruecht hätt, dann hätte mer vläicht awer a Rou kënnen iwwert déi Proposen diskutéieren. Dann hätt een och vläicht déi eng oder aner Käschtepunkte kënnen ausrechnen, ech kommen nach dorobber, well dat jo awer och bei Äre Proposen eng kruzial Fro ass, an dann hätt een dat vläicht kënnen méi a Rou erausfannen.

Well ech muss ebe soen, haut hu mer kloer Propositione kritt. Dat ass ze begréissen. An der Vergaangenheet, muss ech soen, datt ech do net ëmmer awer - wéi soll ech soen? - de rouden oder de schwaaize Fuedem herausginn hunn aus deenen eenzelne Stellungnahmen, déi an deene leschte Méint gemaach gi sinn. Ech mengen, wann een do zum Beispill déi ganz Diskussioun kuckt och vum Käschtepunkt.

Dir hutt elo eng Propos gemaach, fir de Seuil, wou besteiert gëtt, also eropzesetzen op 12.000 Euro. Do ass zum Beispill déi grouss Fro, wéi een déi dann awer géif finanzéieren. Wat ass de Käschtepunkt dovunner? Ech mengen, eng éischt Aschätzung - ech hunn och kuerz elo scho mam Finanzminister do Récksprouch geholl, hie kann dat och elo net soen, dat mussen d'Verwaltunge kucken -, mä dat schéngt awer trotzdem e relativ grouss Käschtepunkt mat sech ze bréngen.

Bon, Dir hat, Här Roth, wéi gesot,...

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Däerf ech lech hei ënnerbriechen?

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Mir hu mat dem Finanzminister, den Här Wiseler an ech, elo kuerz geschwat. Et ass net esou, dass, wann een ënnen de Montant exonéré, also dee Betrag, ab deem een érischt Steiere bezilt, wann een deen an d'Luucht setzt, dass dat sech géif duerch de ganzen Tariff mat de Prozentsätz duerzéien. Well dat géif effektiv deier ginn. Hei ginn...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Et ass awer fir all Akommes, wou et awer spillt.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo. Mä dat spillt fir all Akommes: 8% vu 735 Euro. Dat ass nämlech déi Differenz vun 11.265 bis op 12.000 Euro. A mir hunn och versicht, dem Finanzminister eisen Amendement ze erklären. An dat ass eis Propos.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Also, wéi gesot, et ass op alle Fall schued, datt mer dat esou spët kriien.

(*Interruption*)

An nach ass et awer och elo schwierig. Also, wéi gesot, mir schéngt et, datt dat awer och, wann dat net herno op déi nächste Échelone spillt, zitt et sech awer duerch all d'Gehälter bis bei déi lescht Gehälter.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Et ass och schued, datt mir net d'Berechnunge krute vun deenen eenzelne Moosnamen, déi hei sinn. Déi krute mer nach ëmmer net.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo, Här Président, et ass awer dann d'Fro: Wat soll eis dann dat Ganzt kaschte respektiv ass d'CSV da prett...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat ass zwar eng gutt Fro.

► **M. Eugène Berger (DP).**- ...fir dee Präis? Dat ass déi gutt Fro. Well den Här Gilles Roth huet de 14. August 2015 am „Lëtzeburger Wort“ - gesitt Der, an deene grouss Vakanze liest een dann och heiansdo méi intensiv oder et schreift een och méi -, den Här Roth hat deemools geschriwwen, dat war also d'lescht Joer, wann et hinne géif nogoen, da kéint een 800, 850 Milliounen do asetzen.

Wann ech awer de Spëtzekandidat, de Claude Wiseler, op där enger oder anerer Plaz an de Medien, op der Télévisioun oder, ech mengen och, am Konvent héieren hunn, dann huet deen awer an der Vergaangenheet ëmmer gesot, eis Reform, déi wier eigentlech awer ze vill deier, dat wier net ze maachen.

Wann een dann awer och nach derbäihëlt déi Propos, ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck, bei der Betriebsbesteuerung, datt een déi och wëllt, oder datt d'CSV déi wëllt erofsetzen op 15%, dat géif also och nach en zousätzleche Käschtepunkt bréngen, datt een do also awer herno, mengen ech, Schwierigkeiten hätt, fir all Är Proposen dann awer ënnert dee Montant, dee mir eis ginn hunn - wou mer soen, dat ass e realistesch Montant, fir eng Steuerreform kënnen ëmzesetzen, dat kënnen mer eis leeschten -, datt bei Äre Propose mer do herno hannen net erauskommen.

Dir hutt dann och nach effektiv aner Proposen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Berger, Dir hutt den Här Roth direkt ugeschwat gehat...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Sécher.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...wéinst enger Ausso. Ech ginn him dann d'Wuert, fir dat ze preziséieren.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här Berger, Dir hutt mech net ënnerbrach, ech hunn dat ganz gentil fonnt, ech wëll et wierklech och net maachen, mä just wann Der dat direkt uschwätzt, mengen ech, sollt ech och direkt an dësem Kontext drop reagéieren. Et ass richtig. Ech sinn och frou, dass Der haut nach d'„Lëtzeburger Wort“ vu virun annerhallwem Joer...

► **M. Eugène Berger (DP).**- All Dag eng Lecture fir mech.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ...am Kapp hutt. Sengerzäit hunn ech dat natierlech mat menge Moyens de bord missen aschätzen. Dat, wat ech ageschat hat, dat war 15% Tariffadaptatioun, well dat sensiblement deem Rechnung gedroen hätt, wat d'Inflatioun war tëschent 2009 bis geschat 2017. 15% vun engem gesamte Steueropkommes op der Akommesteier vu véier Milliarden, dat sinn déi ronn 600 Milliounen Euro.



De Punkt ass deen, dass eigentlech déi Propos - mir hunn et och eréischt d'lescht Woch gesinn - indirekt vun der Zentralbank mat duerchgerechent ginn ass. Déi hunn dat als Déchet fiscal théorique, oder constaté hu si dat gemaach, an dat ass den Zeenario 4 op der Säit 100 vum Bericht vun der Zentralbank, well nämlech och eng Rei vu Gewerkschaften an d'Chambre des Salariés dat gemaach hunn. Dat si 573 Milliounen Euro, mat dem Steierkredit dran, Droits constatés. An dat ass hire Berechnungen no deeselwechte Käschtpunkt wéi déi Steierreform, déi Dir elo gesot hutt.

Ech sinn awer frou, dass d'Regierung déi Spätzesteiersatz, déi deemools scho vun der CSV - bon, vu mir, et war a mengem persinlechen Numm -, suggeréiert gi sinn, nämlech vun 41% an 42%, ech mengen, dat huet jo och e gewësse Courage erfuerdert, dass d'Regierung déi iwwerholl huet.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Dat ass dann och en zweet Stéchwuert fir mech. De Spätzesteiersatz, dat ass jo eng vun deenen anere Proposen, déi Der gemaach hutt. Ech muss soen, dass ech awer, erlaabt mer, dass ech erstaunt war, wéi Der dat d'lescht Woch och beim „Face à face“ op RTL déi éischte Kéier do an d'Woschuel bruecht hutt. Ech hat dee Moment gemengt, dat wier eng Propos, e bësschen eng kéng Propos vum Steierexpert vun der Oppositionspartei. Mä haut krute mer jo awer confirméiert, dass d'CSV dozou steet. Ech huelen un, dass dat dann de Konsens, ech kucken op den Här Mosar, dass dat dann de Konsens...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

...an der CSV ass.

Bon, ech muss soen, dass ech awer, net nëmmen ech, mä och aner Leit hei am Land, verwonnert waren iwwert déi Propos respektiv och haut e bësse verwonnert sinn. Ech mengen, mir wëssen, an der Vergaangenheet huet d'CSV an - ech gestinn dat och an - d'DP huet och ëmmer an der Vergaangenheet dofir plädéiert, dass een eigentlech éischter de Spätzesteiersatz soll méi spéit usetze respektiv de Spätzesteiersatz en tant que tel eigentlech soll erofsetzen. An ech mengen, a fréieren Zäiten ass dat och emol zesumme mat der CSV an der DP gemaach ginn. Wéi gesot, ech huelen dat dann zur Kenntnis.

Ech weess awer, dass zum Beispill - ech hat gesot, den Här Mosar, dofir hat ech op hie gekuckt - ech weess awer, dass hien an der Cofibu en onermiddleche Vertrieeder ass, fir dass manner Belaschtung soll komme fir Berufsgruppe mat héijere Salairen. Bon, okay. Mir stellen also op alle Fall...

(Interruptions par M. Laurent Mosar et M. Claude Wiseler)

Voilà! Här Wiseler,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, Här Berger, fuert Dir virun an adresséiert Iech un d'Chamber, da kréie mer net andauernd en Dialog.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Ech wollt nëmme grad dem Spätzekandidat oder dem Fraktiounschef soen: D'DP ass mat där minimaler Erhéijung vum Spätzesteiersatz d'accord. Mir droen dat mat an dëser Reform, well mer och der Meenung sinn, dass dat en Element ass vun enger sozialer Selektivitéit. An ech muss och soen, dass awer hei...

Well, fir dat awer och nach eng Kéier ze soen - virun hat de Spriecher vun der gréisster Oppositionspartei och gesot, fréier Reforme wieren do méi gerecht gewiescht -, mä nëmmen um Beispill vum Spätzesteiersatz muss ech awer soen, bei där Reform vun 2001 oder 2002, do ass zum Beispill de Mindestloun ëm 30% entlaascht ginn. An ech hunn et jo awer hei awer viru scho preziséiert, bei eis gëtt en ëm 63% entlaascht. An och bei dem ieweschten Taux dann, wat mer elo diskutéiert hunn, deemools sinn, ech soen emol einfach, déi grouss Paien ëm 10% nach entlaascht ginn. Haut gi se awer mat eiser Formule nach ëm 1% maximal entlaascht, wat also ganz weëneg ass, an déi jo och dann iergendeng Kéier ganz ausleeft.

Awer och nach eng Kéier, fir ze soen: Also déi Fro bleift am Raum, wat de Käschtpunkt wier vun deene Mesuren, déi d'CSV dann elo nei presentéiert huet, ob do géif d'Rechnung opgoen. Oder géife se awer kucken eventuell an deem Spill, well ee jo da bei de Betriber de Steiersatz erofsetzt, do also manner kritt, dass se dat dann awer géife kompenséieren op eng gewëssen Aart a Weis bei de Privatstéit? Ech mengen, fir eis ass op alle Fall kloer, dass mir net wëlle bei de Privatstéit an eng aner

Richtung goen. Mir wëlle virun allem déi als Éischt entlaaschten.

Dann ass nach eng drëtt Proposition...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Berger, erlaabt Der...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Natierlech, Här President.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wëllt awer just den Här Berger drop opmierksam maachen, dass een ëmmer eis gesamt Propositione muss kucken, och déi bei der Betriebsbesteuerung, wou mer vun dem Erofsetze vum Taux d'affichage an der Verbreederung vun der Basis schwätzen. Dir kënnt also net nëmmen déi eng Säit huelen an net déi aner.

Och bei deene Proposen, déi mer haut gemaach hunn, sinn eng Rei Proposen, déi an déi eng Richtung ginn an an déi aner Richtung ginn. Dat ass fir eis, fir den Équilibre och ze fannen. Mir hunn eng ganz Rei Propose gemaach, wou mer méi Steieren erakréien, fir déi Plazen ze kompenséieren, wou mer aus Gerechtegkeetsgrënn da wëlle manner Steiere bezuelen (veuillez lire: ophiewen). Wann Der Är Calcule maacht, fannen ech, dass Der sollt de ganzen Tableau maachen.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, mä mir sinn eis, Här President, dass elo...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et ass de ganzen Tableau, deen zielt duerno.

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...dass elo bei deene Proposen awer d'Opposition - ech verstinn och, dass se do vläicht net all déi Moyenen huet -, awer net genau kann da rechnen oder virleëen, wéi vill dat géif kaschten. D'Fro bleift am Raum,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Neen! Här President...

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...d'Fro bleift am Raum, Här President, mir sinn eis awer do eens, d'Fro bleift...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann Dir Iech dauernd un ee vun de Kolleegen adresséiert, därer ee sech net wonneren, dass et hin- an hiergeet.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Neen, ech wenne mech un d'ganz Chamber. Neen, Här President, ech hunn einfach nëmme gesot: D'Fro bleift am Raum, wéi vill de Käschtpunkt ass vun deene Proposen, déi elo déi gréisst Oppositionspartei presentéiert huet. Déi kënne si och net selwer chiffrieren, duerfir hunn ech Verständnis.

Ech bleiwen nach wie vor der Meenung, mat deenen Elementer, déi ech elo hunn, an do wäert eis vläicht de Finanzminister och haut de Mëttg verschidden Elementer kënne liwweren, dass dat awer sécherlech net manner ass wéi eis Steierreform, mä dass et éischter vläicht méi ass. A wann et manner sollt sinn, wou dann awer do géif den Équilibre gemaach ginn. Dat ass dann och en Element. An da géif ech dann awer, wann Der erlaabt, weiderfueren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Just eng lescht Bemierkung vum Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech ginn dem Här Berger recht, dass d'Opposition, well se déi technesch Moyenen net huet, déi Finanzéierung (veuillez lire: d'Berechnung) vun deem, wat se proposéiert, net am Detail ka maachen. Dat ass sécherlech e Problem fir eis, en technesch Problem, dee mer net geléist kruten.

Wat ech par contre net verstinn, dat ass, dass mer d'Detailer vun der Regierung net kréie vun deene Propositionen, déi si virleëen. Si huet all déi technesch Moyenen.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Also, Här President, ech wier op alle Fall frou gewiescht, wa mer also och schonn d'Detailer vun de Propose vun der CSV Woche viru gehat hätten. Da wier, mengen ech, och de Minister prett gewiescht, fir déi och kënne duerchrechnen, fir dass een déi zwee...

(Interruption)

...Modeller huet. Bon, op alle Fall dann en anert Element, fir nach bei de konstruktive Propose vun...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Berger huet eleng d'Wuert!

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...vun der CSV ze bleiwen. Do huet den Här Roth d'lescht Woch, mä och haut, ech zitieren, vum „Unfug stock-options“ geschwat a fir do eppes ze ënnerhuelen. Bon, ech fannen dat interessant. Hien huet dat jo viru gesot, dass hien eigentlech eng Circulaire vum fréiere Finanz- a Premierminister elo haut als Unfug, oder dass dat als Unfug ausgeart ass, beziechent.

Bon, ech stellen einfach fest, Här President, dass déi Erkenntnis relativ spéit kënnt, well jo awer déi Circulaire säit 2002 besteet a si gouf och vum nächsten CSV-Finanzminister, dem Luc Frieden, confirméiert. Ech wier eigentlech frou, wann haut nach de Luc Frieden géif hei an eise Bänke setzen, fir ze héieren, wéi hien déi Situatioun géif einschätzen, oder ob hien och déi Propos géif maachen.

Ech weess just - well een eigentlech net vu Leit awer soll schwätzen, déi net hei setzen a sech net kënne dann eventuell verteidigen -, ech weess just, dass 2012 eng Question parlementaire zu den „stock-options“ gemaach gi war, et war vun engem Oppositionspolitiker vun deene Gréngen, wann ech dat richtig an Erënerung hunn, an deemools huet de Finanzminister Luc Frieden a senger Äntwert eng Rei Explikatiounen ginn. Mä en huet awer keng, wierkelech keng - 2013 war d'Äntwert do, also virun, ech soen emol graff dräi Joer -, do huet e keng Undeutunge gemaach, fir de System wëllen ze änneren.

Duerfir fannen ech awer elo, dass een dann op eemol no 14 Joer seet, dat wier elo Unfug, d'accord, mä et ass awer da relativ laang, wou ee gebraucht huet, fir déi Erkenntnis ze kréien.

Ech mengen, wat de Meritt vun dësem Finanzminister awer ass, vum aktuelle Finanzminister, dass deen elo dee ganze Regimm vun den „stock-options“ op de Leescht hält, fir ze iwwerpräiwen, ob dee System, dee jo eigentlech ursprénglech geduecht war, fir nei Entrepreneuren op Lëtzebuerg ze zéien, ob deen nach sengem Zil gerecht gëtt. Duerfir huet en och - et ass net nëmmen, dass ech dat hei soen, mä do si konkret Saache geschitt -, de Finanzminister huet un d'Steierverwaltung am Dezember d'lescht Joer eng Circulaire erausginn, fir sech dann d'Situatioun vun den „stock-options“ genau unzekucken. A wann dës Analys ofgeschloss ass, wat am Laf vum nächste Joer wäert dann de Fall sinn, da wäerte mer och kucken, fir déi néideg Konsequenzen ze zéien.

Bon, méi generell wëll ech awer och soen, dass et fir eis kloer ass, dass mer generell d'Steierhannerzierung, oder loosse mer soen, Steieren, déi een op eng méi oder manner kauscher Aart a Weis versicht ze évitieren, dass mer dat net kënne tolerieren. An dat brénge mer och zum Ausdruck an dëser Steierreform, andeems mer nei Mesuren huelen am Beräich vun der Steierhannerzierung respektiv an der Fraude fiscale.

Ech mengen, regelméisseg ginn dem Stat Sue verluer, doduerjer dass Leit oder Entrepreneuren net hir geschëlte Steiere bezuelen. Dat ass éischstens net legal, mä dat ass och ongerecht an inakzeptabel vis-à-vis vun deenen aneren éierleche Bierger, déi éierlech och hir Steiere bezuelen. Duerfir also dee Regimm bei der Fraude fiscale aggravée a bei der Escroquerie fiscale.

Déi Systemer ginn elo en place gesat. D'Administration krut och zousätzlech Personal, fir dat da kënne ze kontrollieren.

Och hei ass et net kloer, wann een domadder ufängt, wivill do kann zousätzlech an de Statsbudget erakommen. Et gëtt awer emol estiméiert, soen ech, dass do awer 30, jo alt bis 50 Milliounen kéinten an d'Statskeess kommen. Mir müssen also an den nächste Jore kucken, wat dat da bréngt.

Här President, der DP, der Demokratescher Partei war et och wichteg, fir de Steiersystem de Realitéiten, muss ee soen, vun der heiteger Gesellschaft unzepassen. Eis Gesellschaft huet evoluéiert mat neien Elementer, mat neien Entwécklungen, op déi een och an eng Steierreform reagiere muss. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg ronn 6.700 Stéit, déi monoparental sinn. Dat sinn 9% vun all eise Stéit, also bal 10% vun all de Stéit. An dat si 5% vun der Gesamtpopulation mëttlerweil.

A mir wëssen och, dass déi meescht Monoparentaux Frae sinn, déi jo och dann an där Situatioun, wa se nach Kanner müssen erduerchhuelen, dem Aarmutsrisiko besonnesch ausgesat sinn. An duerfir war et eis och wichteg, fir do eppes ze maachen, well déi eis och um Häerz leien. Och do hu mer ugesat, andeems mer de Crédit d'impôt monoparental verduebelt hu vu 750 Euro op 1.500 Euro d'Joer. An och hei hu mer awer dernieft nach e sozial selektive Kritär abruucht, dass also ab engem Akomes bis 35.000 Euro dee Crédit d'impôt monoparental verduebelt gëtt. Da gëtt e liicht zréckgefouert, mä bei 105.000 Euro brutto d'Joer bleift en op 750 Euro an e gëtt awer net ofgeschafft. Also och do bleift en awer bei 750 Euro bestoen, einfach ebe gesot, fir op déi speziell Situatioun an eiser Gesellschaft verstärkt anzegoen.

Wann ech soen, de Steiersystem un d'Realitéite vun haut upassen, dann ass et eigentlech och dat Element vun der optionaler Individualisierung ab 2018, wat do e wichtegen neie Punkt

ass. Ech mengen, der DP - mir haten dat och an eisem Wahlprogramm stoen, dass ass kee Geheimnis - war et wichteg, do en éischte Modell kënne anzeféieren. Ech mengen, et ass jo dann de System oder de Prinzip, dass all Partner seng Steiere bezuele kann, ouni awer eppes, op alle Fall bei eisem Modell, ouni awer dass een, wann een dann de System wiesselt, eppes par rapport zu deem, wéi een an der Steierklass 2 besteiert ginn ass, verléiert. Et ass einfach eben eng Upassung un d'Realitéit, well haut - dat ass e Fait, ech wëll dat net beuerteelen - ëmmer méi bestuete Koppelen ausermee-ginn, iwwert d'Halschent, laut deene leschte Statistiken. Mir maachen eigentlech och elo eppes fir déi bestuete Koppelen, wat et scho bei deene gepacste Koppelen gëtt. Sou kann also jiddwereen, dee wëllt, och an engem Bestietnis seng eege Rechten, seng eegen Obligatiounen och opbauen. Mir sinn eis och bewosst, dass dat hei eng éischt Etapp ass, en éischt Element ass, wat een an Zukunft muss weider ausbauen.

Eng weider Prioritéit vun der DP sinn d'Mesuren am Logement, déi mer och an dëser Steierreform wäerten ëmsetzen, well mir wësse jo, dass grad fir déi jonk Leit et net ëmmer ganz einfach ass, fir sech en Eeigenheem ze leeschten. Jo, de Logement, dee bleift eng vun deene gréissten Erausforderungen an eiser Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg, zu Lëtzebuerg insgesamt. An ech mengen, mir wësse jo och, de Logementsminister, de Marc Hansen, dee schafft all Dag ganz äifreg a fläisseg dodrunner, fir d'Offer méi grouss ze maachen. An et kéint een elo eng Rei Beispiller huelen, ech ginn do net drop an. Mä op alle Fall, ech mengen, dës Reform, déi huet verschidde Mesuren, fir eben am Beräich vum Logement kënne do weider Méiglechkeeten ze ginn.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Do ginn et eigentlech zwee Aspekter bei de Mesur vum Logement. Op där enger Säit ass et esou, déi Säit vun der Offer géif ech soen, fir dass mer d'Leit incitéieren, méi Bauterrainen oder Immobilien op de Marché ze ginn. Duerfir déi temporär Mesure vun engem Véierel Quart taux, wann een eng zweet Immobilie oder wann een en Terrain weiderverkeeft. Dat ass och eng Mesure, déi op annerhalleft Joer begrenzt ass. Si leeft also Enn 2017 aus. Firwat? Fir dass also elo eng gewëssen Dynamik do drakënt. Well an der Vergaangenheet war schonn esou eng äänlech Mesure, a mir hunn, wann een de Bilan mécht, gesinn, dass een dat als e ganz positiven Effekt kann hunn, wann een dat begrenzt mécht.

An dann déi aner Mesuren, deen anere Volet vun de Proposen an der Steierreform, wat de Logement betrëfft, dass ass dann éischter awer, fir déi Leit gezielt ze ënnerstëtzen, déi sech wëllen en Eeigenheem leeschten. Déi zwou Mesur kuerz nach eng Kéier widderholl: De Plaffong fir d'Bauspuere gëtt fir Leit ënner 40 Joer vu 672 Euro op 1.344 Euro verduebelt an d'Zäse vun engem Immobilieprêt, déi ee ka steierlech ofsetzen, ginn dann och no uewen aneschtens méi favorabel gestaffelt.

Et gëtt och eppes gemaach fir de soziale Wunngsmaat: Wann een zum Beispill eppes verlount an et verlount een dat iwwer eng konventionéiert Organisatioun, déi am soziale Beräich tätég ass - ech denken zum Beispill un d'Agence immobilière sociale, mä och bei de Gemenge ginn et heiansdo Formullen -, da kritt een déi Revenuen nëmmen zu 50% besteiert.

Ech mengen, wa mer bei der Locatioun sinn, wëll ech och nach eng Kéier kuerz rappéléieren d'Subvention loyer, wou mer och de Leit do kënne ënnert d'Aerm gräifen. Ech mengen dann och nach eng Kéier, well ech hunn am Ufank vill dovunner geschwat an och d'Rapportrice huet dat ënnerstrach, dass et wierkelech déi éischt Steierreform ass, wou wierkelech ganz vill Akzenter op sozial Selektivitéit a sozial Gerechtegkeet geluecht ginn. Ech kann dat net oft genuch widderhuelen. An och hei zum Beispill am Logement gesäit een, dass dat och erëm, dass déi sozial Aspekter hei ganz staark am Vordergrund stinn.

Ech wëll dann och op eng Mesure kuerz ze schwätze kommen, well dat awer an deene leschte Wochen och déi eng oder aner Diskusioun verursaacht huet. Dat ass haaptsächlech vun de Gewerkschaften monéiert ginn, eigentlech dee Punkt, dass elo hei an dëser Steierreform eng Gläichstellung, net eng Diskriminatioun, mä eng Gläichstellung kënnt vun der Besteuerung tëschent de Frontalieren an de Résidenten hei zu Lëtzebuerg.

Ech wëll dat eng Kéier kloer ënnersträichen, dass dat guer näischt mat Diskriminatioun ze dinn huet, wat mer hei an dëser Steierreform do maachen! Et ass einfach, dass mer - et ass jo Steierrecht - d'Leit, d'Frontaliere genau op d'selwecht Recht a Pflicht setzen, wéi d'Lëtzebuergers Résidenten. Viru war een zum Beispill als Frontalier an der Steierklass 2, et huet



een awer net missen uginn, ob nach ee géif och schaffen, wat de Salaire wier. Déi sinn dann einfach do zu engem gewëssene Montant besteiert ginn, wat awer net de Fall war fir d'Lëtzebuurger Résidenten. A mir setzen eigentlech also déi zwou Saache komplett op deeselwechten Niveau. Et ass also net e Privileeg, deen een elo engem ewechhëlt. Et ass eigentlech nëmme Steiergerechtegkeet, déi mer och hei schafen, well souwuel d'Frontaliere wéi d'Lëtzebuurger Résidenten op genau där-selwechter Basis besteiert ginn.

Ech mengen, eng aner Fro, déi ass och virdrun ugeschnidde gi vu mengem Virspriecher, d'Steierklass 1A respektiv, ech géif awer soen, déi sensibel Problematik vun de Wittleit. Dat ass jo oft awer verbonnen och nach da mat Schicksalsschléi. Dat ass eng kritesch Matière. Mä och duerfir hu mer awer gekuckt, wa mer och net mat allem vläicht konnten do de Leit entgéintkommen, déi och hei an d'Chamber komm sinn, mä mir hunn awer och gekuckt, fir de Wittleit entgéintzekommen. Ech mengen, éischstens gi se jo nach während zwee, dräi Joer an der Steuerklass 2 besteiert. An dann hu mer awer och gekuckt, fir... Natierlech, dat muss een och soen, déi Leit profitéieren insgesamt awer vun all de Benefisser vun där neier Steiertabell. Si profitéieren och vum CIS. An do hu mer awer och dann e System geholl, deen da virun allem déi Leit ënnerstëtzt, déi méi am Besoin sinn, datt do de Crédit d'impôt pour pensionnés no soziale Kritären och verduebelt ginn ass. Ech mengen, do profitéieren déi och der-vunner.

D'Weeserent gëtt an Zukunft och steierfräi. An och, dat wëll ech awer och hei erwänen, en Abatement op d'Frais de domesticité, déi déi Leit eventuell méi an Usproch huelen, sief dat, datt se gehollef kréie bei der Gaardenaarbecht a bei soss Aarbechten, do gëtt och verduebelt op 5.600 Euro, also en Abatement vun 5.600 Euro.

Här President, e weidere Volet vun där Steuerreform ass déi nohalteg Mobilitéit. Dës Regierung mécht insgesamt ganz vill héich Investitiounen am Ausbau vum ëffentlechen Transport. D'Regierung investéiert och ganz massiv an d'Infrastrukture vun der Elektromobilitéit. Iwwer 800 Borne solle bis 2020 kommen. An dat muss een och an deem ganze Kontext awer gesinn, datt een dann also en plus, wann een esou Mesuren hëlt, muss kucken um steierlechen Niveau och dann d'Leit ze incitéieren, fir op d'Elektromobilitéit ëmzesteigen. Duerfir sinn déi verschidde Mesuren, wann ee sech en Elektroauto uschaaft, awer och e Vélo, e Pédélec, och hei virgesinn.

A mir hunn och eng aner Mesure geholl, déi awer och ganz am Sënn vun der Nohaltegkeet ass. Dat betrëfft, datt déi steierlech, ech géif emol soe Virdeeler, déi an der Vergaangenheet bei den Autoen, déi iwwer Leasing fueren - an dat sinn der ganz vill hei zu Lëtzebuerg; ech mengen, et sinn iwwer 22%, soe mer hei meng Zuele vum Fierpark, déi esou awer gefuer ginn -, datt een also do awer gekuckt huet, déi Autoen, déi méi verschmotzen, datt déi och steierlech an Zukunft méi belaaucht ginn. Ech mengen, d'Zil muss et sinn, datt een och insgesamt wa méiglech iwwerhaapt vum Bensinn erofkënn, mä virun allem och, datt ee vum Diesel ewechkënn, datt een op méi schadstoffaarm Bensinner respektiv Elektro- oder Hybridgefrierer kënnt.

Här President, ech kommen dann zu der Betriebsbesteuerung. Wat Betriebsbesteuerung betrëfft, muss een eigentlech de But hunn, datt een natierlech op där enger Säit de Betriber versicht entgéintzekommen, datt se kompetitiv bleiwen. Op där anerer Säit wësse mer awer och, datt d'Betriber och en Deel an eis Statskeess bréngen, Recetten, op déi mer net kënne verzichten. Et geet also drëms, fir do en Équiliber ze fannen. Mir brauchen d'Betriber. Dat ass d'Réckgrat vun eiser Ekonomie. Mir müssen do also awer och kucken, datt mer fir déi e Mëttelwee fannen. Mir wëssen och, datt dat internationalt Émfelt amgaangen ass sech ze veränneren. An duerfir hu mer also och missen am Hannerkapp déi Froe behalen. Ech mengen, et ass nach net kloer, wat alles wäert elo an den nächste Méint a Joren am internationale Plang do passéieren. Eventuell musse mer och dann nach eng kéier Adaptatiounen maachen.

Ech mengen, Lëtzebuerg muss attraktiv bliwen, ouni awer, datt een dann op där anerer Säit an den Dumping verfällt. An ech mengen, duerfir huet de Finanzminister eng ganz rasonabel Approche gewielt, Dir kennt se allegueren, an zwou Etappen: fir d'Éischt d'nächst Joer op 19% an d'iwwernächst Joer dann op 18%. Wéi gesot, ech hat mech schonn domadder befaasst.

D'CSV hat eng Propos, fir direkt op 15% erofzegoen. Bon, wéi gesot, ech ginn net nach eng kéier an déi Diskussioun an. Mir mengen, datt dat awer e bësse kéng ass a virun allem och,

datt mer do de Moment awer net genau wëssen, wat dat awer vu Perté sinn, datt een do deen Équiliber, fir sech awer kënnen eng Steuerreform esou emol ze leeschten, datt et da schwierig ass, fir deen ofzeschätzen. An op där anerer Säit, wéi gesot, musse mer och einfach kucken, datt een dann och déi internationale Evolutioun am A behält.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech wëll och soen, datt mer awer trotzdem eng Rei ganz kloer nei Verbesserung gemaach hu fir d'Betriber. Ech denken do zum Beispill un déi kleng an d'Start-up-Betriber. Déi profitéieren op alle Fall och vun där Reform. Well do gëtt zum Beispill den IRC bei deene Betriber, déi en Imposabel vu maximal 25.000 Euro d'Joer hunn, dee gëtt do op 15% erofgesat. Et ginn nach aner Entreprises (veuillez lire: Mesuren), ebe fir den Entrepreneursgeescht, Start-uppen hei zu Lëtzebuerg - Bonification d'investissement an esou weider, ech ginn net elo an den Detail drop an -, fir déi méi attraktiv ze maachen.

Eng aner Mesure, op déi ech wëll hiweisen, dat ass déi Problematik, datt Betriber, Familljebetriber riskéieren, ëmmer méi rar ze ginn hei zu Lëtzebuerg. An och do huet d'Steierreform gekuckt, fir eppes ze ënnerhuelen, fir eben déi, ech soen emol Transmissioun oder d'Weiderreeche vun esou private Familljebetriber, datt een do... Well déi Familljebetriber, wann een awer kuckt och zum Beispill a sech d'Nimm duerch de Kapp goe léisst hei zu Lëtzebuerg, ob ee mam Autobus fiert oder wat och ëmmer, bei de Bäcker geet, do sinn awer nach, dat sinn awer Pilieren, muss ech awer soen, vun der Lëtzebuurger Ekonomie, datt een also do Konditiounen schafft, fir datt déi kënne weiderbestoen. An duerfir hu mer dann och hei ageschriwwen, datt keng Plus-value ugerechent gëtt, wann eng Entreprise op déi nächst Generatioun iwwergräift. Dann eventuell och muss ee kucken, wann dat vläicht net direkt e Member aus der Famill ass.

An dann, Här President, wëll ech als leschte Punkt nach eng kéier op déi Fro ze schwätze kommen, déi an de leschten Deeg nach ganz intensiv diskutéiert ginn ass; och de Riedner vun der CSV ass jo virdrun nach eng kéier ganz vehement dorobber agaangen a verschidde Punkten. Déi eng Fro ass déi: Kënne mer eis dës Steuerreform iwwerhaapt leeschten? Wat ass den Impakt op de Budget?

Ben, wéi gesot, ech hat scho gesot, datt ech nach wie vor, ech ginn elo net méi weider drop an, net esou richtig weess, wat d'Propositionen vun der Oppositionspartei ausmaachen. Ech mengen, mir hu versicht, hei en Équiliber ze fannen, Mesuren, déi mer eis kënne leeschten, wou de Budget herno nach opgeet. An et muss ee jo awer och wëssen, datt mer duerch déi Steuerreform och wäerten eng Rei Retouren hunn an d'Ekonomie, datt, wann d'Leit méi Suen an der Täsch hunn, wéi een op Lëtzebuergesch seet, se sécherlech och do prett sinn, dann erëm méi auszeginn.

Mä ech well hei ganz kloer soen: Mir hunn deen néidege Spillraum, fir dës Steuerreform, wéi mir se proposéieren, kënnen ëmsetzen. Mir leien de Moment bei enger Verscholdung 2016 vun 20,5%. Virun dräi Joer waren et der nach 23,5%. An och an absoluten Zuelen ass d'Statschold zrëckgaangen. D'Scholdespiral ass also domadder gebrach. Mir hunn eng Wirtschaft, déi gutt dréit, datt een also do muss drop setzen. An ech wëll och betounen, datt déi Budgeten, déi mer geschriwwen hunn, datt dat net Fantasiesbudgete waren, datt mer déi ëmmer exakt exekutéiert hunn, datt mer ëmmer Punktlandungen gemaach hunn, wéi een dat esou schéi seet, datt mer also d'Defiziter am Grëff hunn. D'Konjunktur dréit a mir hu genuch Spillraum. A mir fannen och, datt mer dann dat, wat do erwirtschaft gëtt, datt mer och d'Leit dobausse sollen drun deelhuele loosse, un där gudder Situatioun hei zu Lëtzebuerg, well si och jo en Deel dovunner mat erwirtschaft hunn.

Datt mer eis dës Steuerreform leeschte kënnen, gesi mir awer net nëmmen eleng esou, Här President. Et ass och zum Beispill den FMI, den Internationale Währungsfond, deen dat esou gesäit. Et ass och d'Europäesch Kommissioun, d'Kommissioun vum Jean-Claude Juncker, déi dat esou gesäit, déi gréng Luucht ginn huet derfir. A mat där Steuerreform respektéiere mer all d'Kritäre vu Bréssel, wat d'Stabilitéit vun de Statsfinanzen ugeet. Domadder gehéiere mer zu deene fënnf eenzege Länner an Europa, deenen dat geléngt. Ech wëll och nach eng kéier rappeléieren, datt mer vun de Rating-agenturen och den Triple-A weiderhi behalen. An ech mengen, mir si mat Däitschland déi Eenzeg, déi dat maachen.

An ech wëll och wierklech bieden, opzehale mat där Saga, mir géifen de Leit elo anscheinend eppes erëmginn, wat mer hinne virdrun

ewechgehol hätten! Dat ass net de Fall! Ech kéint dat un e puer Beispiller gutt illustréieren. Ech hat dat och hei bei mengen Notten nach gekuckt. Zum Beispill, wa gesot gëtt, do hu mer jo eng ganz Rei Mesuren ëmgesat iwwert den Zukunftspak. Do muss ee wëssen, wann een do den Detail kuckt, an deen ass geliiwert ginn, datt do eng ganz Rei Sue gespuert gi sinn eben duerch Mesuren zum Beispill beim Stat selwer. Dat geet vu Fonctionnementskäschten, fir Imprimanten, Reeskäschten an esou weider, well de Stat seng eege Gebaier benotzt an net loune geet, datt do eigentlech immens vill Suen awer dann en plus sinn an der Statskeess an datt mer dat also net bei d'Leit siche gaange sinn.

Och hate mer eng temporär Steuer agefouert, wou mer konkret d'nächst Joer wäerten - 2017, jo! -, konkret wäerten déi gratis Kannerbetreuung aféieren. An duerfir war déi jo och nëmmen temporär. A wann een do kuckt, dann hätt een also iwwert déi Steuer 65 Euro an deene leschte Jore bezuelt bei enger Persoun, déi 3.000 Euro - fir ee Beispill ze nennen - verdéngt. Déi kritt awer elo iwwert d'Steierreform beim Barème, déiselwecht Persoun, ech hat et virdru scho gesot, 991 Euro iwwert d'Steierreform. Dat ass also eng grouss Differenz, déi d'Leit also hei méi kréien. Et ass net, datt een op där enger Säit eraus géif huelen an op där anerer Säit dann dat géif einfach esou emol zrëckginn. Ech wëll einfach nach eng kéier kuerz ënnersträichen: Bei där Steuerreform wäerte mer d'Leit wierklech méi ënnerstëtzen, hinnen däitlech méi Kafkraaft ginn, eppes Neies hei ginn.

An dann zum Schluss wëll ech och nach eng kéier op den Avis vun der Zentralbank kommen, vun der Banque centrale kommen, deen d'lescht Woch, och nach haut de Moien also fir Opreegung gesuergt huet.

Ben, ech muss awer soen, Här President, ech fannen et scho speziell, wann dann deen Avis presentéiert gëtt, datt do dropgespronge gëtt - et sinn 254 Säiten -, ouni sech wierklech domadder ausenannerzusetzen, wat dann déi Diskrepanz do ass an den Zuelen. Ech ginn elo net op all d'Detailer an, mä fir et einfach ze soen, datt all Mënsch dobaussen et och versteet, well d'Leit hu mech dobaussen och heiansdo gefrot: „Jo, wéi hunn déi dann dat gerechent?“ Mä ouni elo an den Detail ze goen: Firwat déi verschidden Zuelen?

Mir wëlle ganz einfach... Ganz banal: well et ënnerschiddlech Methodologien sinn! D'Methodologie vum Finanzministère ass déi vun der Base caisse, well mer jo och aschreien, wat dat am Budget kascht. Dat ass jo och, well mer esou déi Zuelen op Bréssel musse schécken, fir datt se guttgeheescht ginn. An déi Method vun der Zentralbank ass eng aner. Dat ass déi Berechnung nom Prinzip Droits constatés. An dat ass also eng aner Method. An ech mengen, et weist jo och, wann ee kuckt, et ass dat éischt Joer, wou dann déi Zuelen, jee no Method, eben aneschtens ausgesinn. Mä wann een op de moyen Terme kuckt, kommen déi zwou Zuelen eigentlech erëm méi oder weéneger zsummen.

Dat ass also, fir do also deen Avis ze huelen, fir Polemik doraus ze maachen, fannen ech, dat ass awer trotzdem, muss ech soen, en onwürdeg Spektakel, Här President, virun allem vis-à-vis - well virdru si jo och hei Beamten zitéiert ginn, well et ass jo net de Minister, deen déi Zuelen ausrechent -, virun allem vis-à-vis vun enger Steiervverwaltung a vun hire Beamten, loyale Beamten, déi scho laang do schaffen, déi ëmmer esou gerechent hunn. A mir vertrauen op alle Fall dem Know-how an den Estimatiounen vun deene Beamten aus der Steiervverwaltung.

► Plusieurs voix. - Très bien!

► M. Eugène Berger (DP). - An 2017, wa mer d'nächst Joer wäerten de Budget hei ofschléissen, da wäerte mer jo och gesinn, wat fir eng Zuelen déi richtig waren. Also Rendez-vous Enn 2017, fir ze kucken, wie recht hat!

Här President, ech hunn nach zwou Minutten, duerfir erlaabt mer, fir datt ech dann...

► M. Claude Wiseler (CSV). - „Ech fannen dat onwürdeg“: Wann een dat zu eis seet, da wëll ech awer eppes dozou soen!

► M. Mars Di Bartolomeo, Président. - Jo, da sot dat duerno.

► M. Claude Wiseler (CSV). - Da soen ech et duerno. Et ass mer egal.

► M. Eugène Berger (DP). - Jo. Den Här Wiseler ka sech jo d'Wuert froen, da kann en dat herno soen.

(Brouhaha)

Also ech kann nëmme soen, déi hei Zuelen, dat sinn Zuelen, déi vun de Verwaltungen ausgeschafft gi sinn, an datt mir op alle Fall deene vertrauen.

Här President, ech kommen dann zum Schluss.

► M. Gast Gibéryen (ADR). - Dat heescht, datt d'Zentralbank...

► M. Eugène Berger (DP). - Här President, den Här Gibéryen ka sech och herno d'Wuert froen. Ech hunn elo grad erkläert, datt et zwou verschidde Methodologien sinn. Et kann een net Appel mat Bire vergläichen!

► M. Claude Wiseler (CSV). - Da musst Der awer vläicht de ganzen Avis liesen. Do explizéiere se et.

► M. Eugène Berger (DP). - Jo, ebe genau, et muss een de ganzen Avis liesen. Do steet...

(Brouhaha)

Et muss een de ganzen Avis liesen. Do steet zum Beispill...

► M. Mars Di Bartolomeo, Président. - Här Berger, loosst lech elo net bëieren. Jiddweree kritt herno d'Wuert.

► M. Eugène Berger (DP). - Här President, ech kéint labber och déi Diskussioun nach méi wäit féieren, wann een dann all d'Elementer géif vun deem Avis kucken. Do steet éischters dran, dat hunn ech och elo grad gesot gehat, datt mëttelfristeg déi Zuelen erëm zesummenkommen an, wat jo och interessant ass, datt zum Beispill d'Banque centrale den Effekt vun der Steuerreform op den Defizit vum Zentralstat manner grouss aschätzt wéi zum Beispill d'Verwaltung.

Oder, wann ee kuckt a Prozent vum PIB, wat do - wéi soll ech soen? - d'Inzidenz vun där Steuerreform ausmécht am Verglach zum Beispill mat anere Steuerreformen vun de Jore virdrun. Zum Beispill 2002 - ech huelen déi, well mir jo do mat an der Verantwortung waren - hate mer eng Steuerreform, déi hat eng Inzidenz vun 2,1% op de PIB. Dës Steuerreform, déi mer haut maachen, déi wesentlech méi sozial gerecht ass, wou mer wesentlech méi Kafkraaft ënnert d'Leit bréngen, déi huet 0,7% op de PIB.

► M. Claude Wiseler (CSV). - Sot Dir. Dat sot Dir. Mä d'Banque centrale seet 1,5%.

► M. Eugène Berger (DP). - Här President, da kucke mer d'Zuelen nach eng kéier no an da wäerte mer dann herno gesinn, wie recht behält! Här President, ech kommen... Den Här Wiseler kann herno nach eng kéier da säi Standpunkt hei erkläre kommen. Rendez-vous 2017, wa mer d'Konte kucken an effektiv kucken, wat den Impakt vun där Steuerreform am Joer 2017 op de Budget war.

Här President, d'Regierung mécht eng Steuerreform, déi méi Gerechtegkeet schafft an déi do fir de finanzielle Sputt, dee mir eis ginn hunn, och notzt. Dës Steuerreform ass eng responsabel Reform mat Aemooss, déi finanziell op zolitte Féiss steet, well d'Regierung sech duerfir d'Méiglechkeet erschafen huet.

Dës Steuerreform ass eng Verbesserung fir d'Privatstéit hei am Land, well mir hinnen däitlech méi Kafkraaft zrëckginn. Si ass eng Verbesserung fir Jonker, déi ënnerstëtzt ginn, wa se sech en eegent Heem wëlle leeschten oder fir den Alter virsuergen. Et ass eng Verbesserung fir d'Eleng-erzéier, déi ënnert d'Aerm gegräff kréien, fir besser déi zwee Enner zesummenzekréien. Dës Steuerreform ass eng Reform, déi der Wirtschaft zeguttkënn an de Betriber Moyene fräi mécht, fir ze investéieren. Dës Steuerreform ass eng sozial gerecht Steuerreform, déi jiddwerengem eppes bréngt.

Vill hunn an der Vergaangenheet vun esou enger Reform geschwat a gedreemt. Mir schwätzen an dreemen net nëmmen dovunner, mir liwweren a setze se ëm!

Här President, d'Regierung an de Finanzminister am Besonneschen hunn hei eng exzellent Meeschterprüfung ofgeluecht, d'enger Fraktioun nëmme ka voll a ganz zoustëmmen.

Merci.

► Plusieurs voix. - Très bien!

► M. Mars Di Bartolomeo, Président. - Merci. Dann huet elo den Här Wiseler d'Wuert.

► M. Claude Wiseler (CSV). - Här President, ech wëll just eng ganz kuerz Remarque maachen. Ech kann net akzeptéieren, wann hei e Riedner seet, et wär onwürdeg, wann eng Oppositionspartei d'Zuele vun der Banque centrale benotzt, fir eng Rei Froen ze stellen. Ech fannen et eng absolut Normalitéit, datt mir als Oppositionspartei dat Zuelematerial, wat mer vun deenen Institutionen kréien, déi beoptragt sinn, Analyse vum Zuelematerial ze maachen, datt mer dat kucken, datt mer dat analyséieren an datt mer déi Froe stellen, déi doraus ze stelle sinn.



Mir hu festgestallt, datt tëschent deenen engen an deenen anere grouss Differenze sinn. Ech weess net, wéi recht huet. Mä ech fannen et awer meng Aufgab, wann déi Differenzen do sinn, déi Froen ze stellen!

Da kréie mer eng Äntwert, déi seet: Mä et ass just eng Differenz vun de Methoden. An ech soen lech, wann ech den Avis vun der Banque centrale liesen, déi schwätzt säitelaang iwwert déi Differenz vun de Methoden, seet awer gradesou kloer, datt déi grouss Differenz, déi hei an den Zuelen erauskënnt, sécherlech net just eng Differenz ass vun de Methoden. Mä si seet, datt se hei en Écart important hätten a si sech interrogéiert „sur le caractère réaliste des estimations du Gouvernement“. Den Text vun der Sait 165 vun der Banque centrale.

Datt mir eis dann doriwwer Froe stellen, ouni emol deelweis eng Konklusioun doraus ze zéien, fannen ech awer normal. A fir dat hei als onwürdeg ze bezeichnen, datt mer eis Aarbecht maachen, esou wéi mer se musse maachen, fannen ech inakzeptabel!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et ass onwürdeg!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dann huet elo d'Wuert den Här Bodry a soss keen.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, mir gesinn 2017, wat fir eng Zuelen déi richtig waren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dann zielt emol Ären Tableau richtig zesummen, da wësst Der, wéi eng Zuelen...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren dann, hei e bësse méi Rou an déi Debatt eranzebréngen an och e puer Elementer vun Objektivitéit...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Bonne Chance!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...an déi ganz Diskussioun eranzebréngen, andeem mer och net nëmmen an d'Zukunft kucken, mä och e klengen Exkurs an d'Vergangenheet maachen,...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...fir sech da kënnen esou e Bild ze maachen, wéi sech effektiv dës 2017ter Steuerreform aschreift an eng ganz Rei vu Steuerreformen, déi iwwert déi lescht Joréngte gemaach gi sinn. Ech wëll mech hei beschränken op déi zwou, déi zënter 2000 gemaach gi sinn, an de Joren 2001, 2002, respektiv 2008 an 2009.

Fréier Steuerreformen, déi hu villes gemeinsam eigentlech, Merkmalen och vun där Steuerreform. Se hu souwuel d'Haushalter betraff wéi d'Betriber. Si hunn haaptsächlech aus Steuererliichterungen bestanen an de Steuersystem ass eigentlech net op d'Kopp gestallt ginn. En ass korrigéiert ginn op deem engen an op deem anere Punkt, bal war et konjunkturrell, bal war et strukturell. An dat ass eigentlech jo och bei där Steuerreform net anescht!

Déi Steuerreform hei ass eng weider Etapp an der Evolutioun vun eisem Steuersystem. An, wat wichtig ass, an dat soll een och am Avis vun der Banque centrale noliesen: No hire Berechnungen verstärkt dës Steuerreform d'Progressivitéit vun eisem Akommessteiersystem wéi och den Emverdeelungscharakter vun deemselwechte Steuersystem. Dat sinn also zwee Ziler, déi duerch déi heite Reform errecht ginn.

Ech si mer net esou sécher, ech kommen herno nach drop zrëck, ob dat och gegollt huet fir déi aner Steuerreformen aus der Vergangenheet.

Selbstverständlech kann een iwwert déi eng oder aner Akzenter vun där Reform hei diskutéieren, iwwer hiert Ausmooss an och den Zäitpunkt, wou déi Reform geschitt. A wéi all Steuerreform och virdrun, ass déi Reform hei d'Resultat vun engem Kompromëss tëschent verschiddene Parteien, verschiddenen Usichten, verschiddene gesellschaftleche Kräften, déi hei an iergendenger Form matgewierkt hu bei der Ausaarbechtung vun där heiter Steuerreform.

Wat een net ka soen, ass, dass déi Steuerreform net gutt preparéiert gewiescht wär. Si hat als Basis och en Avis vum Conseil économique et social. Et war ee jo bal net méi gewinnt, dass mer nach op Avise vum Conseil économique et social kéinten zrëckgräifen. A munchen vun deem, wat zrëckbehale ginn ass, fënnt duerch aus och säin Nidderschlag an deem Avis vum Conseil économique et social.

An ech mengen, dass et also wichtig war fir dës Koalitioun, well hei hu sech och d'Geeschter gescheet op eenzelne Punkten. Ech fannen et och ganz normal, dass tëschent politesche Parteien sech d'Geeschter scheeden, wann et ëm eng Steuerreform geet, well eng sozialistesche Partei, eng liberal Partei, eng gréng Partei sécherlech aner Zilsetzungen an enger Steuerpolitik hunn, eng wéi déi aner. Dat ass sécherlech och de Fall fir eis.

Fir eis geet et net nëmmen drëm, dofir ze sueren, dass de Stat genuch Suen huet, fir all senger Missiounen eigentlech kënnen gerecht ze ginn iwwert d'Steieren. Mä et geet och sécherlech ëm eng Emverdeelung, déi gemaach gëtt. An et geet och ëm eng Steuerung an eenzelne Politikberäicher, déi ee kann iwwert de Steuer-system maachen.

Och an deem Sënn, mengen ech, dass dat gëllt, wat e Beobachter vun der politescher Zee, dee jo net kann an de Verdacht geroden, dass e besonnesch positiv där Koalitioun géintwuersteet, de Chefedakter vum „Lëtzebuerger Wort“ a fréiere Chefberoder vum Jean-Claude Juncker als Statsminister, geschriwwen huet. Als spontan Reaktioun, wéi dës Regierung hir Propositionen vun der Steuerreform dohinergeluecht huet, huet e gesot: Et ass eng gutt virbereet a großzügig Reform.

An déi éischt Aschätzung, déi gemaach ginn ass, mengen ech, déi stëmmt sécherlech och haut nach. An et wär gutt gewiescht, wann och d'CSV als gréissten Oppositionspartei dat vläicht méi unerkannt hätt an eigentlech net duerch d'Erofrattere vun de gemeinsame Punkten, déi eigentlech awer 90% vun där Reform ausmaachen, an duerch e Konzentriieren op déi 10%, wou mer eis vläicht net honnertprozenteg eens sinn, den Androck gëtt, wéi wann déi Reform hei eigentlech net vill géif daachen. De Contraire ass de Fall: Déi Reform hei, déi daacht eppes!

Déi Reform hei, déi kënnt och fir keen iwwerraschend. Déi kënnt fir keen iwwerraschend, well d'Parteien, déi dës Koalitioun ausmaachen, hire Wahlprogramm, an deem mer déi Steuerreform virgesinn haten, de Koalitiounsaccord dës Steuerreform och vu vieren eigentlech virgesinn hat an och souguer de Wahlprogramm vun der CSV eigentlech déi Steuerreform och virgesinn hat.

Sou wéi se och d'TVA-Erhéijung virgesinn hat, huet se och d'Steuerreform virgesinn. A genau also dat, wat se elo kritiséiert, dass mat där enger Hand géif eppes ewechgeholl ginn a mat där anerer géife mer eppes ginn, genau dat war eigentlech dat, wat konform war zum CSV-Wahlprogramm vum 2013: fir d'Éischt eng Erhéijung vun der TVA an da méi spéit, jee no de Possibilitäten, eng méi grondleeënd Reform, haaptsächlech vun der Akommessteuer a vun der Betriebsbesteuerung.

Genau dat mécht dës Regierung! Mä well et vun der Regierung kënnt, ass et schlecht. A wann d'CSV et gemaach hätt an hirem Wahlprogramm, da wär et richtig gewiescht. Hei gëtt mat zweeërlee Mooss jugéiert an ech fannen dat net gutt. Duerfir mäi Wonsch, zur néideger Objektivitéit an der Debatt hei erëmzefannen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wat geännert huet, dat ass wouer, ass, dass d'Regierung, opgrond vun deenen Donnéeën, déi se 2013 zur Verfügung hat, déi nei Regierung an de Verhandlungen festgeluecht hat an hirem Programm, dass déi heite Steuerreform sollt käschtenneutral sinn. Si hunn dat gemaach opgrond vun deem, wat deemools d'Prognose waren, wéi sech déi wirtschaftlech Situatioun an déi budgetär Situatioun an deenen nächste Jore géifen entwéckelen.

Ech hu mer d'Méi gemaach, et nach eng Kéier nozesichen. Wat waren dann deemools d'Prévisiounen, 2013, wéi d'Regierung déi doten Décioun geholl huet? Deemools war gemengt ginn - ech bezéie mech hei op de Pacte de stabilité et de croissance, dee Programm, deem nach ënnert där viregter Regierung zu Bréissel eragereecht ginn ass am Abrëll 2013 -, do war gerechent ginn: 2014 e Wuesstum hei zu Lëtzebuerg vun 2,2%, 2015 vun 1,7% an 2016 vun 3,4%.

Déi lescht Zuelen, déi mer elo hu vum Statec, déi soen: 2014 +4,7% Wuesstum, 2015 +3,5% Wuesstum an 2016 +3,7%, fir d'nächst Joer +4,2%. Et kann ee bal soen, dass praktesch eng Verduebelung vum reale Wuesstum tatsächlech agetraff ass par rapport zu deem, wat ee konnt mengen. Enn 2013 opgrond vun deene Prévisiounen.

An dat gëllt natierlech och fir den Emploi. Den Emploi, wou gemengt ginn ass, dee géif vläicht ëm 1,2% pro Joer an d'Luucht goen. Haut wësse mer, dass en ëm 2,5% bis 3% an d'Luucht gaangen ass an deene leschten dräi Joer. De Chômage ass och méi däitlech erof-

gaangen, wéi gemengt gi war: vu 6,9% op 6,2% viraussichtlech am Joer 2017.

An och d'Scholdesituatioun huet sech anescht entwéckelt, wéi nach gemengt gi war am Joer 2013. Am Joer 2013 war virgesinn - et ginn déi Pabeieren nach ëmmer, interessant nozeliesen -, dass an dem Zäitraum 2014 bis 2016 sollten dräi Milliarden Emprunten zousätzlech opgehall ginn. Dës Regierung huet an deem Zäitraum keen neien Emprunt opgehall, si huet souguer e klengen Emprunt vu 400 Milliounen zrëckbezuel!

D'Statsschold, war gemengt ginn, géif 2016 bei 27,9% vum PIB leien. Haut läit se bei manner wéi 21% vum PIB. Et ass also eng grondleeënd aner - glécklecherweis! -, méi positiv Entwécklung, wéi gemengt gi war 2013.

An duerfir, mengen ech, dass et erkläerlech ass, firwat dës Koalitioun vun dem Prinzip vun der Käschtenneutralitéit ewechgeréckelt ass an eng Steuerreform mécht, déi net nëmmen aus Steuererliichterungen besteet, awer déi gréisstendeels aus Steuererliichterungen besteet.

D'Konklusioun ass also, dass an eisen Ae Plaz besteet haut, fir déi dote Steuerreform hei ze maachen, dat eben, well mer haut 2016 wësen, datt déi wirtschaftlech a budgetär Situatioun besser ass, wéi dat virausgesi gi war. Dat ass zrëckzeféieren op déi besser international Konjunktur, ass awer och zrëckzeféieren op déi Politik, déi vun där Koalitioun an där Regierung an deem dote Beräich gemaach ginn ass an deene leschten dräi Joer.

Déi zweet Fro, déi sech stellt, déi gestallt ginn ass: Ass dës Steuerreform ze großzügig? Geet se ze wäit? Dat ass eigentlech jo d'Haaptkritik, déi bis elo ëmmer vun der CSV geäussert ginn ass, déi ech awer elo am Här Roth sengem Discours net méi esou richtig erëmfonnt hunn.

Den Här Wiseler huet nach am Ufank vun där Woch op RTL deklaréiert, déi ganz Steuerreform, déi wär nëmmen op Pump opgebaut, déi ganz Steuerreform wär, wéi déi gesamt Budgetpolitik, irresponsabel. Bon, komescherweis hunn ech elo an de Wieder vum Här Roth déi dote fundamental an éischt Kritik vun der CSV net méi erëmhéieren.

Wahrscheinlech hänkt dat domadder zesummen, dass se selwer elo Amendementer proposéieren zu där heiter Reform, an da passt et natierlech net, dass ee fundamental eigentlech d'Nécessitéit vun der Reform a Fro stellt, wann ee gläichzäitig wëllt nach zousätzlech Ausgaben hei tätigen oder manner Einnahmen a Kaf huelen an eenzelne Beräicher.

Mir sinn der Meinung, dass dës Reform net ze großzügig ass, dass deen Ordre de grandeur vu ronn enger hallwer Milliard - no Berechnung vun der Regierung, wat den Impakt wär, an do sinn natierlech eng ganz Rëtsch vun Inconnuen nach dran -, dass mer déi staark Impulser brauche fir eis Kafkraaft, dass jiddweree wäert herno um Enn vum Mount méi rescht hu vu senger Pai oder vu senger Rent.

Dat gëllt besonnesch fir Klengverdenger a fir de Mëttelestand. An et kann een dovunner ausgoen, dass dat fir ganz vill Leit, déi sech an de mëttleren Akommesberäicher hei zu Lëtzebuerg bewegen, alt bis zu 200 Euro de Mount wäert ausmaachen, wat deen Eenzelnen hei, oder déi eenzel Koppel hei eigentlech manner Steiere bezilt, zemoos wa se och nach kann op eenzel Elementer vun der Steuerreform, déi méi gönschteg ginn, zrëckgräifen.

Dat ass also dat zousätzlecht Geld, wat wichtig ass, mengen ech, soufern dat zu Lëtzebuerg méiglech ass, dat dem Handel an der Wirtschaft och hei am Land wäert zeguttkommen, wat sech also och wäert erëmispigelen an engem besserer wirtschaftleche Wuesstum, verbounne mat der Indexbranche, wou ech elo mengen, hei kënnen ze soen - ech hu laang dozou näischt gesot -, dass se effektiv an den éischte Méint vun 2017 wäert ausbezuel ginn.

Mat der Erhéijung vum Mindestloun, déi hei vun der Chamber décidéiert ginn ass; dem Rentenajustement, dee kënnt, dem Ofschloss an der Fonction publique an anere Gehälterofkommessen, déi an der Diskussioun sinn, kann een dovunner ausgoen, dass 2017 wäert en exzeptionellt Joer ginn, wou déi real Kafkraaft hei zu Lëtzebuerg wäert steigen an engem Mooss, wéi dat hei zu Lëtzebuerg vun 2008 bis haut net de Fall war, wou mer éischer eng Stagnatioun haten an der Moyenne vun der realer Kafkraaft.

Dat wäert sech fundamental änneren, ënner anere och duerch dës Reform am Joer 2017. An et ass, mengen ech, ganz wichtig, dass mer dee positiven Akzent, wat jo och en Zeeche vu Vertrauen an d'Zukunft vun dem Land ass, dass mer dee setzen a verstärken duerch déi Steuerreform, déi hei proposéiert gëtt.

Fir eis war natierlech och de Fait, wéi gerecht déi Steuerreform hei ass, e wichtige Punkt. A mir hu probéiert och an deenen Diskussiounen,

déi mer an der Koalitioun haten, déi dote Gesichtspunkten an de Vierdergrond ze stellen.

(**M. Henri Kox prend la présidence.**)

D'Notznéisser vun der Reform sinn, an dat war d'Zilgrupp, déi Kleng- an déi Mëtteleverdenger. Mä selbstverständlech, wéi bei all Reform, déi um Barème vun de Steieren opbaut, profitéieren och déi Leit, déi méi verdéngen, automatesch am Prinzip vun all deene Modifikatiounen am Barème, déi s de fir déi ënnescht an déi mëttel Kategorie méchs, well och een Deel vun hirem Revenu selbstverständlech an déi doten Tranché fällt.

Dat heescht, alles wat geschitt, an duerfir fannen ech déi CSV-Iddi, fir eppes un der ënneschter Tranche ze maachen, net glécklech, well dat zwar och deenen Enneschte profitéiert, mä virun allem awer jiddwereen dovun profitéiert. Et ass natierlech e bëssen de Géisskanepinzipp. Wann s de ënnen eppes un der Tranche méchs, well all Revenu déi doten Tranche huet, wäert jiddwereen dovunner profitéieren, och déi Leit, déi 20.000, 30.000 Euro de Mount verdéngen, wäerten och vun deene puer Euro profitéieren, déi Der wëllt enger Kategorie ginn.

Wann Der eppes hätt wëlle maachen, hätt Der onbedéngt misse mam Crédit d'impôt schaffen. Et ass genau dat Instrument. Well mir hunn déi dote Fro jo och diskutéiert ënner eis. Et ass jo villes diskutéiert ginn. Vill Iddie sinn diskutéiert ginn. A mir hunn eis schlussendlech décidéiert, wéinst dem Käschtepunkt vun esou Moosnamen, déi s de an den ënneschten Tranché vum Barème méchs, fir deenen ze hëllef, wou s de awer u sech och deene Leit manner Steieren nozebezeuele gëss, deenen s de eigentlech net wëlls manner Steieren ze bezeuele ginn, hu mer eis décidéiert, fir hei op dat Instrument vun der Negativsteuer, vum Crédit d'impôt zrëckzegräifen.

Do mengen ech, mir sollen dobaussen awer och soen, wat dat ass. Dat ass ville Leit net bewosst vläicht. De Crédit d'impôt, dat ka sech a Geld erëmispigelen. Dat heescht, wann s du selwer keng Steieren ze bezuelen hues oder ganz weineg Steieren eigentlech ze bezuelen hues, duerch de Crédit d'impôt kanns de Suen ausbezuel kreien. Et ass praktesch wéi eng Subventioun fir Leit mat ënneschte Gehälter. An dat ass, mengen ech, wierklech dat geziilt Instrument, technescht Instrument, wat richtig hei agesat gëtt vun där heiter Reform.

D'Regierung geet hin a si verduebelt am Prinzip deen dote Crédit d'impôt a si setzt e selektiv an. An dat ass e Feeler vun enger viregter Reform gewiescht, déi mer matgemaach hunn, fir dee Crédit d'impôt duerch sämtlech Revenuen duerchezéien! Hei gëtt ebe gekuckt: Mir konzentriieren dat, mir loossen en unwuesen, da geet en erëm erof, bis bei méi héije Gehälter, do spillt de Crédit d'impôt selbstverständlech net méi. Dat ass en Element vu konkreter Selektivitéit, déi bei viregte Reformen net agefouert ginn ass. Dës Regierung mécht et!

An ech verstinn d'CSV net! Wann ënner engem CSV-Minister e Crédit d'impôt agefouert gëtt, dann ass et den Nec plus ultra vun der Sozialpolitik. Wann dës Koalitioun dohinergeet, si verduebelt de Crédit d'impôt a si mécht e selektiv, dann ass et eng falsch Politik! Ech kann déi dote Logik vun der CSV beim beschte Wëlen net verstoen!

► **Une voix.** - Déi ass net ze verstoen.

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här Bodry, Dir verstitt d'Logik net, mä well dat net dat ass, wat mer gesot hunn. Mir hunn ausdrécklech gesot, datt mer mat där Modifikatioun vum Crédit d'impôt d'accord wäeren.

(**Interruption par M. Gilles Roth**)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Selbstverständlech, mä Dir macht awer elo eng Proposition, déi eigentlech erëm aus där doten Iddi erasbrécht an déi eppes versicht, um allgemengen Tariff ze maachen, wou da jiddwereen no der Strenze politik, déi Der soss dénoncéiert hei, erëm eng Kéier dovunner profitéiert. Dat ass menger Ansicht no en Denkfeeler an deem Ganzen, well do wäerten u sech vill Leit dovunner profitéieren, wann dat dote géif duerchgoen, déi eigentlech net brauchen dovunner ze profitéieren.

Dës Kéier gëtt de Spëtzezielsaz vu 40% op 42% eropgesat. E spillt allerdéngs a méi héijen Tranchen - wéi och schonn dee vu 40% jo net an der Logik ass vun eisem ganze Barème, deen och eréischt ab 100.000 spillt -, hei ab 150.000 oder ab 200.000. An eisem Wahlprogramm, kann ech soen, stoung dran en Taux vu 45% bei 200.000. Elo si mer emol bei 42% bei 200.000 ukomm. Dat war déi berüümt-berüchtigt „Räichesteier“, déi ëmmer hei décriéiert ginn ass vun alle Säiten, wéi wann dat dat Schlëmmst wär, wat ee sech kéint ausdenken.



Ech gesinn, dass op eemol d'CSV an der Opposition Iddie kritt, déi se ni hat, wéi se an der Regierung war! Ech fannen, d'CSV ass esou gutt ginn an der Opposition, dass ech mech froen, ob se net soll nach e bësse méi laang drableiwen.

(Hilarité)

Ech mengen,...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Här Bodry, d'Fro ass, ob Dir da mat eiser Iddi d'accord sidd oder net.

(Hilarité et brouhaha)

D'Fro ass, ob Dir mat eiser Iddi d'accord sidd oder net, Här Bodry. Do sot Der awer näischt!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...d'Regierung bereet ewell hir Reforme formidabel vir, si kommunizéiert se, déi si voll do, an d'CSV an der Opposition, wéi gesot, si erneiert hir Iddien, mécht zum Deel de Contraire vun deem, wat se nach virun dräi Joer préconiséiert huet. An ech fannen, dass dat eng ganz flott Aart a Weis ass, fir d'Aarbecht opzedeelen.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Här Bodry, erlaabt Der eng Fro vum Här Roth, wann ech gelift?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Wann et eng Fro ass, d'accord.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech wëll och lech..., Här Bodry, Dir hutt mech schwätze gelooss, duerfir wëlle mer lech net ënnerbriechen. Mä wier dann d'LSAP...

(Hilarité et brouhaha)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech hunn dat eigentlech gär, wann Der mech ënnerbriecht.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Sot, Här Bodry, wier dann Är Partei, d'LSAP, d'accord mat eisem Vorschlag, fir d'Spätzesteiersatz vun 41% an 42% éischter gräifen ze loosse?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ah, ech fannen déi Iddi ganz sympathesch. Mä ech soen awer och: Hei ass e Gesamtpak an där Steuerreform a mir plécken hei net Iddien eraus, fir déi ze änneren. Hei ass en Accord global op der ganzer Steuerreform, an dat géllt fir mech hei. Also ech loosse mech hei net dreiwien.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir si frou, datt Dir eis sympathesch fannt, Här Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech mengen och, Dir léif Dammen an Häre vun der CSV, wéi mer zesummen an der Koalition waren, war dat och net anescht, wann d'Opposition probéiert huet, hei ze stëppelen!

► **Une voix**.- Jo.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Wat ech just soen - dat géllt fir sämtlech Virschléi, déi hei vun der CSV kommen -, déi Virschléi sinn..., kee vun deene Virschléi fënnt den Nidderschlag am Wahlprogramm vun der CSV a kee vun deene Virschléi war virdu mat der CSV an der Regierung ëmzesetzen!

► **Une voix**.- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech kommen nach drop zrëck, op de Spätzesteiersatz: Do si mer..., no laangen Diskussiounen si mer..., war et méiglech, vun 39 op 40 eropzegoen. Mir haten 42% deemools als LSAP gefrot. Mat der CSV war net méi dran! A wéi mer probéiert hunn, fir 2013 nach en Hoff ze maachen - dunn hu mer schonn op 2014 gekuckt, mir wousste jo net, dass et géif esou fréi zu Enn goen -, do war „nada“, näischt méi mat der CSV ze diskutéieren!

(Brouhaha)

Den Här Frieden huet net mat sech diskutéieren gelooss, wat de Spätzesteiersatz ugeet.

An den Här Mosar, kann ech mech erënneren, huet nach virun net allze laanger Zäit op d'Fro, wéi da seng Meenung war zum Spätzesteiersatz fir Privatleit, gemengt, dee sollt eigentlech do bleiwen, wéi en ass. Ech gesinn, dass d'CSV also, wéi gesot, sech merklech, merklech verbessert huet an der Opposition, wann ech dat därer vu sozialistescher Säit esou soen.

(Brouhaha, protestations et interruption par Mme Octavie Modert)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- An Dir sot haut Neen zu eise Propositionen, Här Bodry.

(Interruptions)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här Wiseler, do ginn lech vläicht Perspektiven op, ech weess et net.

(Hilarité et interruption)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Da loosse mer dat emol akteieren.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Wann ech gelift, et ass just den Här Bodry, dee schwätzt. An den Här Bodry riicht sech un

d'Chamber, wann ech gelift! An dann därer den Här Bodry weiderfuere.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Zweete Punkt, op deen ech wollt agoen - dat gehéiert och e bëssen zu der Fro, wéi équilibréiert eigentlech déi Steuerreform ass -, dat ass: Wie profitéiert eigentlech vun där Steuerreform? Wann een do d'Zuele kuckt, da kënnt een zum Schluss, dass iwwer 80% vun deene Steuerlicherungen eigentlech zugonschte vun den Haushalter sinn, vun de Privatpersounen sinn a manner wéi 20% zum Benefiss vun de Betriber sinn.

Dat war net ëmmer esou an der Vergaangenheet. Dat war net ëmmer esou. Wann ech kucken, déi Reform 2001/2002, déi den Här Roth nach als „grouss Reform“ bezechent, dat war nach eng grouss Reform gewiescht; well do en CSV-Finanzminister war, da waren et grousser. Wann anerer et maachen, da sinn et klenger, well déi Leit ebe méi kleng si wéi d'Leit vun der CSV! Do ass da gesot ginn, dat war formidabel gewiescht.

Mä liest emol déi Zuelen no! Liest déi Zuelen no, wien do eigentlech am meeschten dovunner profitéiert. Do war en décke Pak fir d'Betriber derbäi, en décke Pak fir d'Betriber derbäi! Deemools ass ënner anerem och den IRC erofgesat ginn. Vun 31 op 21?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- 29 dat Ganzt...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- 29...? Dat heescht, et ass ëm 8% - dat hunn ech nach verhalen! -, ëm 8% ass den Taux erofgesat ginn. Et ass also en enorme Schratt gemaach ginn, en enorme Schratt! An et gesäit een och, wann een d'Zuele kuckt, wat eigentlech déi Steuer do an deenen nächste Joren am Budget nach erabuecht huet: Do ass e Knacks komm, do ass e Knacks komm! Do ass net méi Steuer eran-, do ass manner Steuer erakomm. Dat waren also echt Steuerlicherungen, déi sengerzäit fir d'Betriber gemaach gi sinn, déi am Fong am meeschte profitéiert hu vun där doter Reform deemools, an d'Privatpersounen hunn, relativ gesinn, manner profitéiert.

An da komme mer an déi Situatioun eran, dass - an dës Reform, déi verstärkt déi Tendenz net! -, dass u sech iwwert déi lescht 20 Joer zu Lëtzebuerg wéi an allen aneren Industriestaten oder entwéckelte Staten et zu enger Verlagerung komm ass lues a lues vun der Besteuerung vum Revenu vun de Betriber hin op d'Besteuerung vum Revenu vu Privatpersounen.

Deem ass awer mat deene Reforme virdrun net entgéintgesteiert ginn. Déi Entwécklung huet sech zu Lëtzebuerg weider matgemaach, ass nach verstärkt ginn duerch d'Kris, wou och d'Betriber manner Benefisser haten, also do och erofgaange sinn, während natierlech d'Revenue vun de Leit duerch déi Ofsecherung, déi mir hunn, glécklecherweis nach weider awer an d'Luucht gaange sinn an d'Masse salariale haaptsächlech zu Lëtzebuerg och weider gewuess ass, dynamesch an deene leschte Joren.

Doduerch, dass mer hei also d'Gewiicht, d'Hauptgewiicht ganz däitlech op d'Privatpersounen, op d'Haushalter leeën, déi wäerte vun de Steuerlicherungen profitéieren, schreiw mer eis net an déi dotede Tendenz an a mir versichen, där Tendenz e bëssen entgéintzewierken, andeem mer wuel eppes fir d'Betriber maachen... Do géllt och fir eis den Engagement, dee geholl ginn ass vun der gesamter Regierung, fir ze soen: Et soll keng allgemeng Erhéijung vun de Betribsbesteierungen ginn, et soll souguer punktuell Erlicherungen ginn. Mä par contre si mer der Meenung, dass dat net ausschléisst, dass et och punktuell Erhéijunge gëtt. An et si jo och Elementer: Bei de SOPAR-Flen zum Beispill ass déi minimal Besteuerung iwwert den Impôt sur la fortune, do gëtt jo de Betrag ëm 50% eropgesat. An natierlech bréngt dat och dem Stat méi Einnahmen an an et sinn d'Betriber, d'Wirtschaft, déi dat do da mussen opbréngen.

Ech mengen, dass d'Regierung hei dat mécht, wat wichteg ass. Si léisst sech net dreiwien. Si léisst sech net dreiwie vun deem Dumping, wat d'Betribsbesteuerung ugeet, wat amgaangen ass, a ganz Europa lasszegoen. Mir wëssen, dass mer eis elo musse bewegen a vläicht och an enger zweeter Etapp weider musse bewegen, deemno wéi déi Entwécklung ass, wann s de d'Kompetitivitéit vun der Gesamtwirtschaft, vun den eenzelnen Aktivitéiten hei am Land wëlls halen.

Mir sinn eis awer och bewusst, dass een do awer net därer virun de Won lafen an eventuell a Kaf huelen, dass op eemol Honnerte Milliounen Euro manner erakommen iwwert d'Betriber a mer dann entweder mussen zousätzlech léine goen oder déi Sue bei Privatleit erëm eng kéier an enger zweeter Phas siche goen. Déi Politik wëllt d'LSAP a wëllt dës Koalition net matmaachen! Dofir menge mer, dass et verstänneg ass, elo mat dem affichéierte Prozentsatz vun der Besteuerung vum Akkommes vun de Betriber an zwou Etappe vun 21% op

18% erofzegoe respektiv bei deene Betriber, déi manner Benefiss ausweisen, bis 25.000 Euro d'Joer, dee Schratt op 15% direkt ze maachen.

Mir mengen, dass dat verstänneg ass, wohl wissend - dat ass keng Erfindung vun der CSV, well dat kënnt duerch europäesch an internationaler Texter -, dass natierlech déi besteierbar Basis vun de Betriber wäert eropgoen. Dat braucht Der net ze froen, dat kënnt! Dat kënnt, dat ergëtt sech aus dem BEPS. Dat ass awer och schonn hei berücksichtegt. Wann dat net wär, hätte mer wahrscheinlech dee Schratt hei net gemaach!

Wa BEPS net géif um Dësch leien, hätte mer wahrscheinlech eis net eensgesat an der Regierung: Elo setze mer d'Betribsbesteuerung erop (veuillez lire: erof). Dat ware mer nëmmen d'accord, op jidde Fall vun eiser Säit, fir dat doten ze maachen, well mer wëssen: BEPS kënnt, do ginn eng Rei vu Steiernische méi kleng. Also mécht et Sënn, och u sech den affichéierte Prozentsatz do erofzesetzen, fir dass mer net zu enger allgemenger Méibesteuerung vun de Betriber kommen, wou mer jo dozou stinn, dass mer dat eigentlech de Moment net wëllen hunn. Dat waren d'Iwwerleungen zu deem dote Punkt.

Bei den Haushalter, mengen ech, ass et richtig, dass dës Koalition - an dat entsprécht och deem, wat bei eis am Wahlprogramm steet - e besonnescht Aemierk wërft op d'Situatioun vun den Elengerzéier. Mir wëssen allegueren, dass dat déi Grupp ass, déi méi wéi all anert Segment vun eiser Gesellschaft engem akuten Aarmutsrisiko - zu 40% - ausgesat gëtt. Duerfir ass et wichteg gewiescht, dass mer do Efforte maachen, zousätzlech Efforte maachen, déi iwwert dat erausginn, wat elo dee méi gönschtege Barème wäert souwisou als Répercussiouen hu fir déi dote Kategorie vu Steuerzueler, dass mer bei den Elengerzéier och zousätzlech en Effort maachen, wou mer dee spezielle Crédit d'impôt, dee méi héich ass wéi deen normale Crédit d'impôt, nach eng kéier och hei géife verduebelen a wou mer och nach iwwer punktuell Ännerungen, wat d'Berechnung vun deem Revenu ugeet, nach zousätzlech Entlaaschtung schafen.

Dat do bréngt, mengen ech, ville Leit konkret eppes, déi an där doter schwieriger Situatioun sinn. Dat do ass e konkret Zeechen, wat d'Bekämpfung vum Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg ugeet, dat duerch dës Steuerreform gesat gëtt. Et kënnt jo d'Reform vun RMG deemächst nach mat derbäi. Do kann een also nach zousätzlech Moossname virgesinn, soudass do, mengen ech, e ganz gudde soziale Pak geschennürt gëtt, fir de Risiko, dass d'Leit an d'Aarmut ofrutschen hei zu Lëtzebuerg, méi kleng ze maachen.

Da sinn eng Partie Iddien dran, wat d'Förderung vum Logement ugeet, vun der Mobilitéit, alles dat rënn déi Reform hei of. An ech mengen, dass, wann een alles dat kuckt, wann ee kuckt, wéi équilibréiert déi heite Reform ass, wat fir mech keng Selbstverständlechkeet war am Ufank, wéi mer d'Diskussiounen ugefaangen hunn, da mengen ech, dass dat heiten eng Reform ass, déi duerchaus e Plus duerstelt par rapport zu Reformen, déi mer an deene leschte 15 Joer mat ausgeschafft respektiv matgestëmmt hunn.

Wéi gëtt déi Steuerreform finanzéiert? Och dat war - wéi gesot, haut manner ze héieren -, mä bis elo ëmmer, zumindest vum Här Wiseler, en Haaptkritikpunkt, wou gesot ginn ass: „Ma Dir finanzéiert dat doten iwwer Schold.“ Bon, wann dat esou ass, dann därer een natierlech hei eigentlech guer näischt méi stëmmen.

Mir sinn net der Meenung, dass déi Steuerreform hei duerch Scholde géigefinanzéiert gëtt. Mir sinn der Meenung, dass virun allem dee groussen Investitiounsprogramm, dee sech dës Regierung ginn huet, deelweis, wat och richtig ass, iwwer friem Mëttele matfinanzéiert gëtt. Ech betounen nach eng kéier do: 2013 hate mer en absoluten Déifpunkt hei zu Lëtzebuerg erreicht am Verglach vun deene leschte Joren, wat déi öffentliche Investissementer ugeet. Mir louchen nach bei ronn 1,5 Milliarden direkten an indirekten Investissementer vum Stat. Elo leie mer bei 2,5 Milliarden. An dat soll jo op deem Niveau fir déi nächst Jore bleiwen.

Mir hunn also praktesch eng Milliard Plus! A wa mer dee Plus net bei den Investissementer hätten, dann hätte mer haut keen Defizit am Statsbudget, dann hätte mer e Boni am Statsbudget! Sou einfach wier et gewiescht, sech schéin no baussen ze markéieren an ze soen: „Majo, mir hunn et fäerdegbruecht, alles ze sanéieren.“ Neen, mir hunn d'Investissementer eropgedriwwen, wat déi eenzeg richtigen Politik ass, iwwregens eng Politik, déi ewell..., mä dat schéngt nach net bei jiddwengem hei zu Lëtzebuerg ukomm ze sinn. Déi Diskussioun wäerte mer wahrscheinlech d'nächst Woch nach eng kéier beim Budget féieren.

Déi Politik vun deene Leit, déi nach ëmmer wéi den Här Schäuble an all seng Unhänger hei an dësem Parlament - vum Här Schäuble, där schéngen der vill hei ze sinn, wann ech eenzel Discoursen mer hei op der Zong zergoe loosse - soen: „Spueren, spueren, spueren! Austeritéit, Austeritéit!“, dat ass eriwuer!

D'Europäesch Kommissioun ass - fir d'Éischt, ouni et kloer ze soen, duerno, andeems se et kloer sot - eigentlech vun deem Kurs do ofgesprongen. D'Berechnungsmodus vum Solde structurel hu vill méi Flexibilitéit kritt duerch eng Initiativ, déi d'Kommissioun Juncker och direkt am Ufank geholl huet. Et war en Engagement iwwregens, deen en agaang war, fir och déi Presidentschaft do kënnen unzetrieden. An dat gëtt och esou duerchgezunn.

Dir hutt matkritt, dass d'Kommissiounsmemberen, den Här Juncker, den Här Moscovici an anerer, Länner wéi Däitschland, wéi Holland, wéi Lëtzebuerg opgefuerdert hunn, hir Margen ze notzen, hir Margen ze notzen, fir d'effentlech Investissementer eropzesetzen, an net ze fäerten, bei dëse Konditiounen, wou haut kënn Verschëldunge gemaach gi beim Stat, och wierklech eng Verschëldung ze maachen. An dat mécht dës Regierung an hirem Budgetsprojert, mä dat mécht se och zum Deel iwwert déi heite Steuerreform, déi och do, dat wëll ech soen, net anescht ausgesäit wéi Steuerreform virdrun.

Ech hu mer och do d'Méi gemaach, e bësse wullen ze goen an ech hunn da gekuckt: Majo, loosse mer emol kucken, déi lescht Steuerreform, déi war jo 2008-2009, wéi war dann d'Finanzsituatioun duerno? Et ass decidéiert ginn - 2009 war e Wahljoer, ech mengen, et war esou eppes -, et ass decidéiert ginn: Elo passe mer de Barème, Akommesteier, Privatpersounen, fir d'Éischt emol ëm 6% un; a wéi d'DP sengerzäit an der Opposition Kaméidi gemaach huet, do war den Här Juncker deen Éischten, dee gesot huet: „Hei, elo passe mer och nach schnell ëm 9% am Wahljoer nach mat un.“ D'Rechnung ass fir hien a seng Partei opgaangen.

Also, wann een de Virwurf vun Électoratismus an d'Welt setzt, wat d'CSV an anerer jo gäre maachen, soll een emol alles gutt kucken, wat esou an der Vergaangenheet geschitt ass a wien alles déi Reforme matgestëmmt huet. Och eis Frënn vun der ADR waren ëmmer mat derbäi, wann et drëm gaange war auszedeele, an hu sech wéineg Suerge sengerzäit gemaach, ob dann do misst Schold opgeholl ginn oder net.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et ass keng Schold opgeholl gi fir déi lescht Steuerreform!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ma, emol kucken.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Duerno, duerno.

(Hilarité générale)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ma mir huelen och elo keng Scholden op! Ma Här Gibéryen, Här Gibéryen! Mir huele jo och elo keng Schold op!

(Interruptions et brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen, neen! Här President, därer ech vläicht eng Fro stellen?

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Här Bodry?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Därer ech dem Här Bodry eng Fro stellen?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ma selbstverständlich!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma ech wollt den Här Bodry froen, ob e weess, déi grouss Steuerreform vun 2002,...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech hunn elo grad vun 2008-2009 geschwat!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, ech schwätzen vun där vun...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech hunn nach ze schwätzen, da waart nach e bëssen...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech hunn awer elo déi vun 2002...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, ech schwätzen awer elo hei...

(Brouhaha et interruptions)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wéi ech gesot hunn, datt Scholden do...

(Brouhaha)

Wéi ech gesot hunn, datt Scholden opgeholl si ginn, do hunn ech déi vun 2002 gemengt. An et waren eis gréng Kolleegen deemools, déi mat Recht bei där Debatt gesot hunn, si géif ze



wäit goen, well mer géifen d'Capacitéit vun de Statsfinanzen do iwwerstrapazéieren. A si haten deemools Recht, well vun 2003 un ass de Statsbudget an den Defizit komm. Et ass déi Reform, déi ech elo gemengt hunn, wéi ech gesot hunn, duerno si mer an den Defizit komm mam Statsbudget a mir hu misse Schold ophuelen.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Also, ech war amgaangen - mä Dir sollt da vläicht besser nolauschteren -, ech war amgaangen, eréischt vun 2008-2009 ze schwätzen. Do wëll ech awer dann och déi Zuelen hei net verheemlechen, well et effektiv esou ass, dass an de Joren 2009 an 2010, dat heescht, wéi déi Reform voll gespillt huet, wou notament Betriffsbesteuerungsgeschichten derbäi ware plus déi Totalupassung ëm 15% insgesamt vun der Steiertabelle, do hu missen an de Joren 2009 an 2010 insgesamt 2,5 Milliarden Euro geléint gi vun deem Stat. 2,5 Milliarden hu missen an de Jore geléint ginn.

A wann ech elo d'Argumentatioun vun der CSV vun haut géif iwwerhuelen - wat ech awer net maachen -, wëll ech hinnen da soen, dass zumindest dann awer och wuel gradesou fragwürdeg ass, wat sengerzäit geschitt ass, wéi dat, wat Der haut dës Koalitioun virwerft. Mä dat kënnt erëm eng kéier total an dat Schema eran: Wann d'CSV un der Regierung ass, dann ass eng Politik gutt, egal wéi se ausgesäit. A wann anerer eng äänlech Politik maachen, dann ass se a priori emol schlecht.

Et ass dat, woumat ech e Problem hunn, et ze akzeptéieren. Ech kucken dat - ech sot, mir hunn als LSAP déi Reform do matgestëmmt, mä ech sinn awer och à même, se mat engem kriteschen A ze kucken -, ech kucken op jidde Fall dës Reform net méi kritesch wéi déi aner Reformen, well gewësse Virwërf, déi vun Ärer Säit geäussert gi géint dës Reform, déi hätt ee kënne mat darselwechter Gewalt virbrénge bei anere Reformen.

Och do wëll ech nach eng kéier soen, ech kommen nach eng kéier op d'Joren 2003 an 2004 zrëck, well et esou schéin ass: Déi Reform do, dat wësst Der jo, wat deemools gemaach ginn ass! Do ass jo de Spëtzsteiersaz hei vu 46% op 39% erfogesat ginn an dat hat zur Folge - net wéi bei dëser Reform -, dass déi grouss Notznëisser, déi grouss Notznëisser déi ware mat den décke Revenuen.

Den Här Berger huet et gesot. Déi wierklech déck Revenuen, déi wannen och hei duerch d'Spill vum Barème an duerch d'Ofschafung vun deenen 0,5% Impôt d'équilibre budgétaire, déi bei hinne wierklech 0,5% ausgemach hunn, während bei deene kleng Revenuen net.

(Interruption)

Dat huet 0 bis 0,2, 0,3% nëmmen ausgemach. Déi sinn...

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Här Bodry, erlaabt Der...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ja?

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Par-don, maacht Äert Rasonnement fäerdeg!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech wär frou, wann ech elo kéint hei meng Développementer zu Enn féieren, och wa Leit dat net vläicht gefält.

(Hilarité)

Dann huet ee gesinn, wat dat ausgemach huet. Den Här Berger sot, dat mécht an dëser Reform nach 1, 2, 3% aus vun héije Revenuen. Ech hunn hei Zuele matbruecht an, Här Präsident, ech kann déi gären hei der Chamber loossen, offiziell Dokumenter, wat da sengerzäit déi Reform, déi anscheinend esou sozial gerecht war... D'CSV gëtt jo net midd, déi als déi Reform dohinnerzestellen, well et eben den Här Juncker war, dee sengerzäit d'Responsabilitéit fir déi Reform hat. Dat war e grouse Statsmann a Finanzgenie! Abee, do hunn déi Leit mat décke Revenuen, loosse mer emol, hei si mer nach a Frangen, loosse mer kucken, bei 5 Milliounen geet dat, sengerzäit 5 Milliounen, déi hu praktesch e Fënneftel vun hirer Steuer agespuert, e Fënneftel, 20%! Haut si mer bei 1, 2%.

Nëmme fir ze soen, wann ee vergläicht, muss een, wann ech gelift, déiselwecht Miessstäb unwenen an net hei jee no Konjunktur op eemol de Contraire vun deem soen, wat ee fréier ëmmer behaupt huet. Ech hunn den Androck, dass d'CSV hei vill amgaangen ass, dat ze verbrennen, wat se ugehimmelt huet, an ufänkt, dat unzehimmelen, wat se fréier als Regierungspartei verbrannt huet.

Ech fuere weider a mengem Développement. Ech wollt e puer inhaltlech Remarques och nach weider maachen zu där heiter Reform, zur Substanz och vun där Reform.

Den Här Roth huet et, ouni ze wëssen, richtig geschriwwen. Dat war awer a sengem Vakanzartikel am August 2015, wou en an engem Moment, wou seng Partei scho gemengt huet, hei géif alles, budgetär Déséquilibere géifen hei iwwerhandhuelen, gesot huet: „Opschwung duerch Entlaaschtung.“ En huet also e Plädoyer gemaach fir dat, wat elo dës Koalitioun probéiert ze maachen, d'Wirtschaft ze stützen, d'Kafkraaft ze stützen duerch eng Steuerentlaaschtung, déi se mécht. An ech fannen et flott, dass mer do déi lwwereneestëmmung hunn iwwert déi Grondausrichtung vun deem Ganzen.

Et sinn e puer kleng Elementer an der Reform, déi awer fir eis wesentlech sinn an déi weisen eigentlech, wéi seriö dat hei geholl ginn ass, Punkten, wou ee ka soen: Wéi ass dat net éischter gemaach ginn? Well dat si Phenomeener, déi eigentlech net elo an deene leschten dräi Joer entstane sinn. Dat si gesellschaftlech Phenomeener, déi mer scho méi laang kennen.

Wéi ass hunn déi Leit, déi zum Beispill déi direkt Responsabilitéit an deene Ressorten hatten, net éischter Virschlei gemaach, an déi dote Richtung ze goen? Dat gëllt zum Beispill fir d'Besteuerung vun de Weeserenten, wou mer gemeinsam decidéiert hunn, fir déi net méi an Zukunft ze besteieren. Dat war iwwerengs eng Iddi - kënnt Der lech erënneren? -, déi während dem Hearing hei komm ass bei der Petitioun ronderëm d'Fro vu Wittfrauen-, Wittmännerbesteuerung hei zrëckbehale ginn ass. D'Regierung huet déi iwwerholl a mat integréiert an dës Steuerreform.

Och hei e wichteg Element sinn all Mesuren, déi den Accès au logement solle verbessern. Och virégt Steuerreformen haten esou Elementer dran, mat engem Succès, deen éischter mitigéiert war, well manifestement jo jiddwereen ewell unerkennt - déi eng si vun Zuelen iwwerannt ginn, déi aner staune weider -, dass mer de Logementsproblem hei zu Lëtzebuerg bis elo net à même wären ze léisen.

Virun allem sinn awer och, mengen ech, eng ganz Rei vu Vereinfachungen an deem heiten Text mat dran, wat dee ganze Volet vun den Assurancen ugeet. Vereinfachungen fannen ech iwwerfälleg. Wéi ass huet keen dat bis elo gemaach? Mir soe mea culpa. Firwat ass keen op déi Iddi komm, fir endlech mat deem Quatsch vun der Valeur locative vun der Wunneng opzehéieren an esou och dee Punkt vun de Vereinfachungen ze maachen?

Fir eis ass och wichteg dee Volet Bekämpfung vu Steuerhannerzëgung respektiv vu Steuerbedruch, deen an déi Steuerreform hei mat integréiert ginn ass. Ee vu menge Virgänger, de Jeannot Krecké, huet jo emol dozou viru laanger, laanger Zäit eng ganz Rëtsch vun Iddien ervaarbruecht. Sâi Rapport ass jo erëm zu neien Eiere komm ronderëm e manner gloriéisen Dossier fir Lëtzebuerg. Mä et bleift nach villes richtig, wat sengerzäit do draustoung. An hei gëtt och esou erëm eng kéier e klengen Deel vun deem zousätzlech ëmgesat mat den neien Definitioune vun eenzelnen Infraktiounen, wat d'Steierrecht ugeet. Virun allem awer och, besonnesch bei deene méi klengen Infraktiounen, wat d'Steieren ugeet, dass een do alle Steuerwaltungen d'Méiglechkeete gëtt, fir iwwer administrativ Strofe virzegoen an net mussen dee beschweierlechen a bal ongangbare Wee ze goe vun den normale penalen Instruktiounen a Prozesser. Dat sinn alles Reformen, déi iwwerfälleg sinn. Dës Regierung mécht se, a mir si frou, dass dat esou ass.

Wichtig si fir eis och Punkten, déi mer, mengen ech, an eise Zukunftspak dran hatten. Och d'Kontabilitätsuuerderungen, déi un eenzel Beruffer geriicht ginn, déi mussen mat enger Comptabilité commerciale an Zukunft fuere an net méi mat enger klassischer Keessekontabilität, wat jo e bëssen aus engem aneren Zäitalter ass.

Fir eis schéngt och wichteg, dass mer an Europa géife virukommen. Ech gesinn de Justizminister hei setzen. Ech weess, dass hie sech och derfir engagéiert, dass mer deen europäesche Parquet kréien, deen och soll aktiv kënne ginn, wa géint d'EU, wann d'EU eigentlech bedupst gëtt duerch Traficotage, wat d'Steieren ugeet, dass mer do endlech dee Blocage ewechkréien. An do sollen duerch déi Länner, wa se kënnen déi Zuele maachen, probéieren, do sech an déi éischt Rei ze stellen an dat dann och ëmzesetzen. Och dat ass fir eis schrecklech wichteg.

Mir sinn der Meinung, dass déi Transparenz, déi ewell an déi ganz Geschäfte erakomm ass, deen Austausch vu Steierinformatiounen, dass dat eng gutt Saach ass a keng schlecht Saach ass. An d'Regierung mengt, dass dës konsequent Virgoen - och den Ausbau vun dem Personal vun deene Verwaltungen, déi op deenen Dossierer do schaffen, och dat ass Be-

standdeel vun deem Accord -, dass dat kann dozou féieren, dass zeg Milliounen Euro hei kënne vu Steiere méi erakommen, wéi dat haut de Fall ass.

Eng Neierung betrëfft dann och d'Grenzpendler. Do wëll ech just e kuerzt Wuert dozou soen. Dat si ganz vill Leit. Et sinn eng 160.000, wou mer leie momentan, 160.000 Leit, dréi drënnerfalen. An dat huet natierlech och en Impakt, däers si mer eis bewosst. Do ass aus Vereinfachungsgrënn vu viregte Verwaltungen respektiv vu viregte Regierungen e System virgesi ginn, dee sécherlech administrativ méi einfach ze handhaben ass, mä deen awer fundamental net dem Gläichheetsprinzip virum Gesetz entsprécht, well u sech, deemno wéi d'Situatiounen sinn, e Grenzgänger anescht behandelt gëtt an - dat ka sinn - méi favorabel behandelt gëtt wéi e Résident.

Dës Regierung huet sech virgeholl, do dee Gläichheetsprinzip vum Steuerzueler, egal wou e wunnt, virun der Steuer erëm hierzestellen an huet sech op e Wee beginn, fir do eng Neierung ze maachen, déi eréischt voll géif spillen den 1. Januar 2018, wou dat nächst Joer soll profitéiert ginn, fir all Donnéeën dann ze sammeln, fir dass dee System da kann an engem Joer méi spéit voll spillen. Ech mengen also, dass hei keng Diskriminatioun geschitt mat de Grenzgänger, mä dass hei u sech versicht gëtt, eis Gesetzgebung eenheetlech ze applizéieren, ob ee Résident ass oder ob een Non-résident ass.

Et kann awer sinn, dass sech an eenzelne Fäll doduerjer ganz quokeleg Situatiounen erginn, déi eigentlech mam Gerechtegkeetsprinzip net méi esou llicht ze vereinbare sinn, well et ëmmer ganz individuell Situatiounen ginn. Et gëtt jo och zousätzlech, niest dem Gesetz, Konventionen, déi anescht mat der Belsch, Däitschland a Frankräich sinn! Et ginn aner Praktiken vun de Steiervwaltungen och ronderëm an deenen dote Froen. An ech mengen, dass do ee soll profitéiere vun där Zäit, déi nach bleift, fir do gewësse Konzertatiounen ze féieren a fir u sech derfir ze suergen, dass dee System Gerechtegkeet schafft an net onbedéngt nei Ongerechtegkeeten am Eenzelfall soll als Folleg hunn. Mir hunn do Vertrauen an d'Regierung, dass se mat deem néidege Fangerspëtzegefill un déi dote Fro erugeet. Mä et ass net ausgeschloss, dass, wann déi Reform do duerchgezu gëtt, dat doten och wäert zu Méieinnamen an der Statskeess féieren an deenen nächste Joren.

Méi Steiergerechtegkeet besteet eigentlech och doranner, dass mer, wat déi Retenue à la source libérateur ugeet op den Zënse vun den Dépôts, dass mer do vun 10% op 20% eropginn, well mer der Meinung sinn, dass mer no an no an e System mussen kommen, wou d'Revenue vun der Aarbecht an d'Revenue vum Kapital äänlech besteiert ginn. Dat soll dat laangfristeg Zill sinn. Et kann een et net honnertprozenteg eent zu eent ëmsetzen, mä an déi dote Richtung wëlle mer goen. An do ass natierlech déi Erhéijung hei vun der Steuer op den Zënsertrag een Element, wat mer an déi dote Richtung maachen.

Eng interessant Neierung, ganz komplex Fro, déi mer och laang diskutéiert hunn, ass déi optional Individualbesteuerung, déi hei agefouert gëtt. Ech mengen, dass vill Parteien déi Individualbesteuerung an hirem Wahlprogramm stoen haten, och d'CSV hat déi optional Individualbesteuerung an hirem Wahlprogramm stoen. Dës Koalitioun setzt dann deen dote Punkt hei ëm.

Dat huet virun allem e symbolesche Charakter fir de Moment, well et an der Praxis a ville Fäll wäert kee richtige Choix ginn, ausser aus Prinzip ass ee bereet, méi Steieren ze bezuelen, well u sech déi Leit, déi bestuet sinn, awer an der kollektiver Besteuerung an der Regel besser ewechkommen, ausser si hunn exakt déiselwecht Revenuen, wéi wa se géifen eng Individualbesteuerung gären hunn. An duerfir gesi mir an deem Ganzen och virun allem awer eng weider Etapp, eng éischt Etapp, déi gemaach gëtt, wou muss an deenen nächste Jore weiderdiskutiert ginn, ob ee kann nächste Etappe virgesinn.

De Problem, dee mer einfach haten, war, dass esou en Émschwong, wou s de vum Prinzip vun der kollektiver Besteuerung vun de Koppele an eng Individualbesteuerung vun deem eenzelne Steuerzueler gees, fir immens vill Leit mat méi Steiere verbonne gewiescht wär. An eigentlech nëmme wann s de et fäerdegbréngs, fir d'Klass 1, eng nei Klass 1 esou gënschteg ze maache wéi fréier d'Klass 2, wier eigentlech kee geschiedegt gi bei där doter Reform. A well dat net ze bezuele war an ass, hu mer dovunner ofgesinn.

Dat wëllt net heeschen, dass den Dossier fir d'LSAP definitiv zou ass, mä dat heescht awer, dass mer weider mussen schaffen: Wéi kann een an déi Richtung Individualbesteuerung goen, déi vum Prinzip hier eigentlech richtig ass, mä wéi brénge mer deen lwwergang vun dem aktuellen System, deen historiesch gewuess ass, zu deem anere fäerdeg, ouni dass mer vill Leit

schiedegen? Menger Meinung no ass dat bal nëmmen ze maachen, wa mer mat Stéchdatum feieren a soen: Déi Leit, déi an dem aktuellen System sinn, déi bleiwen dran, éiweg oder eng bestëmmten Zäit, an du fänks ab engem Stéchdatum mat engem neie System un. Mä wéi gesot, mir sinn nach net esou wäit. Ech mengen, dass déi eenzel Parteien sech kënne fir déi nächst Wahlprogrammer do zousätzlech Iddien afale loossen.

Ech komme ganz kuerz och zu der Betriffsbesteuerung an ech hu munches dovunner gesot. Schonn déi éischt Etapp ass gemaach ginn 2001/2002, 30% erfogesat bis op 22%, do dertëschent nach eng kéier vun 22% op 21% an elo geet et erfog vun 21%, 19% op 18%. Ëmmerhi kann ee soen, d'Besteuerung vun de Betriber geet, wann een deen dote Steiersaz kuckt, ëm e Siwentel erfog! Ëm e Siwentel geet se erfog. Dat ass net nâischt. Also mir mengen, dass et à ce stade net méi wäit muss goen, et sief, et géif een de Risiko wëllen agoen, dass de Stat géif vill manner op eemol Steiereinnamen hunn, wéi en der haut huet. Mä et ass selbstverständlech en Dossier BEPS/OCDE, dee mer weider mussen verfolgegen.

D'SOPARFlen, hunn ech scho gesot, déi ginn nach eng kéier eropgesat.

Fir eis ass et och gutt, dass mer en éischte Schrott maachen, wat déi Particularitéit vum Lëtzeburger Steiersystem ugeet, dass een hei zu Lëtzebuerg ka Betriffsverloschter onbegrenzt geltend maachen. Dat heescht, theoretesch, wann et en décke Verloscht ass, kann een nach no 30 Joer eigentlech dee Verloscht steierlech geltend maachen. Dat ass schonn e ganz partikuläre System. An duerfir fanne mer et gutt, dass hei en éischte Punkt gesat a gesot gëtt: Bis 17 Joer kënnen eigentlech déi nei Investissemenen, déi gemaach ginn, a Verloschter, déi gemaach ginn, nach ofgewälzt ginn. Ech mengen, dat entsprécht och där Dauer, déi an den USA an deem dote Beräich besteet.

Richtig fanne mer, dass déi Betriber, déi investéieren, déi zousätzlech investéieren, iwwer eng Bonification d'impôt dat och ugerechent kréie steierlech, wéi mer och der Meinung sinn, dass gewëssen Aktivitéiten sollen an Zukunft duerch kënne steierlech zousätzlech bevirdeelegt ginn, sief dat an der Recherche/ Développement, sief dat eenzel Nischeberäicher, wou et wichteg ass, fir déi Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ze développéieren. Do fanne mer et gutt, dass do weider Diskussiounen lafen, fir esou punktuell geziilt och steierlech Hëllef fir d'Betriber ze ginn. Ech mengen, dat ass och dat, wat wichteg ass.

Natierlech mussen mer ëmmer oppassen, dass mer do nach konform bleiwen zum EU-Recht, well do si mer an deem ganze Beräich net fräi, fir alles esou ze maachen, wéi et vläicht wünschenswäert wär. Do mussen mer derfir suergen, dass mer net virgeworf kréien, dass mer hei illegal Stathëllef géife maachen.

Bon, Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, mer hu gläich 20 op 12. Ech kommen zu menger Konkusioun. Vun Oppositionssäit gëtt dës Virgoen an der Regierung, wat d'Steierreform ugeet, gären als irresponsabel duergestallt. Den Här Wiseler huet dat nach dës Woch gemaach. Fir d'LSAP ass dës Steuerreform just de Contraire vun irresponsabel. Et ass eng verantwortlech Steuerreform.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dës Regierung, dës Majoritéit iwwerhëlt hir Responsabilitéit, wat d'Stäipe vun der Kafkraaft vun de Bierger ugeet. Si iwwerhëlt déi Responsabilitéit, wat e méi gerechte Steiersystem ugeet. A si iwwerhëlt déi Responsabilitéit, wat och d'Kompetitivitéit vun eise Betriber ugeet.

Et ass also en Zeeche vu Vertrauen, wat mer setzen duerch déi heite Reform, en Zeeche vu Verantwortung, vun Zukunft vun deem Land an deene Leit, déi hei wunnen a schaffen. Dës Vertraue solle mer eis net futtimaache loossen duerch éiweg querulant Schwarzmolier oder Dauerwahlkämpfer. Dat hu mer net néideg.

Duerfir wäerte mer als sozialistesche Fraktioun dës Reform stëmmen. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Une voix**.- Bravo!

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Domadder si mer un Enn vun den Debatte vun de Moien. De Mëtte fuere mer ëm 14.00 Auer weider. An den nächste Riedner sinn ech da selwer,...

(Hilarité)

...soudass ech dann eng Etapp e bësse méi déif sinn.

Domadder hiewen ech d'Sëtzung op fir de Moien.

► **Une voix**.- Très bien!

(Fin de la séance publique à 12.20 heures)